



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 13.12.2019





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS

03

1. CORRESPONDANCE

05

2. CIRCULATION

05

- 2.1. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion des kermesses de l'année 2020
- 2.2. Approbation du règlement temporaire de la circulation à l'occasion de travaux de raccordements électriques dans la route de Luxembourg/N31

3. FINANCES COMMUNALES

06

- 3.1. Présentation et approbation du budget rectifié de l'exercice 2019
- 3.2. Présentation et approbation du budget initial de l'exercice 2020
- 3.3. Approbation du devis remanié relatif aux travaux d'aménagement d'une zone de rencontre « Shared Space » dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte, phases 1 et 2
- 3.4. Approbation du devis relatif aux travaux de réaménagement de la rue Dominique Lang
- 3.5. Modification du chapitre VII – City-Bus – du règlement-taxes général
- 3.6. Subventions et participations diverses aux ménages – adaptation des participations de la Ville aux frais de stérilisation et de castration de chats et chiens
- 3.7. Approbation de la convention de mise à disposition de l'église Saint Martin de Dudelange au Fonds de gestion des édifices religieux
- 3.8. Approbation du contrat de bail commercial avec la société DG Habitat S.A., au sujet de la location du local commercial, sis 14-16, rue de la Libération
- 3.9. Approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société Ouni S.C., au sujet de la location du local commercial, sis 14-16, rue de la Libération
- 3.10. Approbation du devis remanié relatif à la réalisation de nouveaux bureaux au 2e étage et à la rénovation de la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville
- 3.11. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de construction d'un mur de soutènement, rue de l'Hôpital / rue Adolphe
- 3.12. Approbation du devis remanié relatif au projet d'aménagement de la maison des chercheurs
- 3.13. Approbation du devis relatif aux travaux d'aménagement d'une installation « slackline »
- 3.14. Approbation du devis pour le remplacement du gazon synthétique au mini-stade « Deich »
- 3.15. Approbation du devis estimatif relatif à la remise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Penkenuecht »
- 3.16. approbation du devis estimatif relatif à la remise en état de la voirie rurale aux lieux-dits « A Planesland » et « Ribeschpont »
- 3.17. subsides extraordinaires à attribuer

4. OFFICE SOCIAL – PRÉSENTATION DU RAPPORT D'ACTIVITÉ DE L'EXERCICE 2018 ET APPROBATION DU BUDGET RECTIFIÉ DE L'EXERCICE 2019 ET DU BUDGET INITIAL DE L'EXERCICE 2020

56

5. MISE À DISPOSITION DE DONNÉES DU SYSTÈME D'INFORMATION GÉOGRAPHIQUE (SIG) AU SYNDICAT INTERCOMMUNAL STEP

61

6. APPROBATION DES MODIFICATIONS À APPORTER À LA COMPOSITION DE CERTAINES COMMISSIONS COMMUNALES

62

7. PERSONNEL

62

- 7.1. Conversion de deux postes vacants de fonctionnaires communaux, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique en postes d'employés communaux de la même catégorie (service informatique et nouvelles technologies)
- 7.2. Création de postes
 - 7.2.1. 5 postes de salariés à tâche manuelle, carrière A3 du contrat collectif des ouvriers des communes du sud
 - 7.2.2. 1 poste d'employé communal, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif (École régionale de musique)
 - 7.2.3. 4 postes de fonctionnaires communaux, groupe de traitement D2, groupe à responsabilités particulières (agents municipaux)
 - 7.2.4. 1 poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, groupe technique (fêtes et manifestations)
 - 7.2.5. 3 postes de fonctionnaires communaux, groupe de traitement B1, sous-groupe technique (logement, entretien bâtiments, génie technique bâtiments)

8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

67



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 13.12.2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid (à l'exception des points numéros 3.8 à 3.10 de l'ordre du jour) ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Yves Jadin ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang (à l'exception des points numéros 5 et 6 de l'ordre du jour), conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: Monsieur Vic Haas, conseiller, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures.

1 – Correspondance

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 – Circulation

Le conseil communal approuve à l'unanimité, les règlements temporaires de la circulation suivants : à l'occasion des kermesses de l'année 2020 ; à l'occasion de travaux de raccordements électriques dans la route de Luxembourg/N31 ;

3 – Finances communales

3.1 et 3.2. Les membres du collège des bourgmestre et échevins présentent le projet de budget rectifié de l'exercice 2019 et le projet de budget de l'exercice 2020. Les membres du conseil communal sont invités à prendre position par rapport aux documents dans la séance du conseil communal du 20 décembre 2019. Le vote sur ces deux points aura également lieu à la même date ;

3.3. avec 10 voix et 8 abstentions, est approuvé le devis remanié pour un montant global de 7'050'000€ TTC, relatif aux travaux d'aménagement d'une zone de rencontre « Shared Space » dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte, phases 1 et 2 ;

3.4. avec 13 voix et 5 abstentions, le conseil communal approuve le devis relatif aux travaux de réaménagement de la rue Dominique Lang, prévoyant des dépenses de 1'750'000€ pour ces travaux. Est de même approuvé (ad point numéro 2.3 de l'ordre du jour) avec un résultat de scrutin identique au précédent, le règlement temporaire de la circulation afférent pour réglementer la circulation pour l'exécution du chantier.

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve : 3.5. l'abrogation du volet City-Bus du règlement-taxes général. En effet, la gratuité des transports publics au Luxembourg débutera le 1er mars 2020 et de ce fait, les prestations en City-Bus sur le territoire de la Ville de Dudelange seront gratuites à partir de cette date ;

3.6. les adaptations aux subventions et participations diverses aux ménages concernant plus particulièrement les participations de la Ville aux frais de stérilisation et de castration de chats et chiens. Dès le 1er janvier 2020,

la Ville supportera les frais, à charge des propriétaires, occasionnés par la stérilisation ou la castration d'un chat en un montant forfaitaire de 40€ pour les mâles et de 60€ pour les femelles respectivement d'un chien en un montant forfaitaire de 70€ pour les mâles et de 150€ pour les femelles ;

3.7. avec 15 voix et 3 abstentions est approuvée la convention passée entre la Ville de Dudelange et le Fonds de gestion des édifices religieux par laquelle la Ville met à disposition du Fonds l'église Saint Martin de Dudelange pour l'exercice du culte catholique.

Par des votes unanimes, le conseil communal approuve : 3.8. le contrat de bail commercial avec la société DG Habitat S.A., au sujet de la location du local commercial, sis 14-16, rue de la Libération, ainsi que

3.9. le contrat de bail commercial de sous-location avec la société Ouni S.C., au sujet de la location du même local commercial, sis 14-16, rue de la Libération ;

3.10. le devis remanié relatif à la réalisation de nouveaux bureaux au 2e étage et à la rénovation de la salle des fêtes de l'Hôtel de Ville pour le montant ajusté de 1'319'562€ TTC ;

3.11. le devis remanié relatif aux travaux de construction d'un mur de soutènement dans la rue de l'Hôpital / rue Adolphe pour un montant de 234'000€ TTC ;

3.12. le devis remanié relatif au projet d'aménagement de logements pour étudiants dans l'immeuble sis rue du Parc, dénommé « Maison des chercheurs » pour un montant de 1'725'000€ TTC ;

3.13. le devis relatif aux travaux d'aménagement d'une installation « slackline » pour le montant de 25'000€ TTC ;

3.14. le devis pour le remplacement du gazon synthétique au mini-stade « Deich » pour un montant de 40'000€ TTC

3.15. le devis estimatif d'un montant de 20'000€ TTC relatif à la mise en état de la voirie rurale au lieu-dit « Penkenuecht », présenté par l'Administration des services techniques de l'agriculture, et

3.16. le devis estimatif d'un montant de 120'000€ TTC relatif à la mise en état de la voirie rurale aux lieux-dits « a Planesland » et « Ribeschpont », présenté par l'Administration des services techniques de l'agriculture ;

3.17. l'attribution des subsides extraordinaires suivants: 7'000€ à l'Œuvre Saint Nicolas Dudelange pour la participation aux frais de confection des sachets à offrir



aux enfants; 100€ au SCAP (Service de consultation et d'aide pour troubles de l'attention, de la perception et du développement psychomoteur), et 60€ au Mouvement Européen Luxembourg en tant que cotisation pour l'année 2019

4 – Office social

Le conseil communal prend connaissance du rapport d'activité de l'exercice 2018 de l'Office social et ratifie, avec la voix de tous les conseillers communaux, le budget rectifié de l'exercice 2019 et le budget initial de l'exercice 2020 de l'Office social de Dudelange.

5 – Syndicat STEP

Sur demande du Syndicat intercommunal pour l'exploitation de la station d'épuration de Bettembourg et pour la réalisation de toutes activités de recyclage et de gestion écologique STEP, visant la mise à disposition de données intégrées au Système d'Information Géographique (SIG) de la Ville de Dudelange, le conseil communal approuve unanimement le principe d'échanger les informations du réseau d'assainissement de la Ville, informations intégrées au Système d'Information Géographique (SIG) avec le syndicat intercommunal STEP.

6 – Commissions communales consultatives

Sur demande de l'intéressé, le conseil communal accepte, avec toutes les voix, la démission de Monsieur Allioune Touré comme membre de la commission des sports et des loisirs.

7 – Personnel

Les décisions suivantes relatives au personnel communal sont arrêtées à l'unanimité :

7.1. la conversion de deux postes vacants de fonctionnaires communaux, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique en postes d'employés communaux de la même catégorie pour renforcer le service informatique et nouvelles technologies ;

7.2.1 la création de 5 postes de salariés à tâche manuelle, carrière A3 du contrat collectif des ouvriers des communes du sud ;

7.2.2. la création d'un poste d'employé communal, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif pour l'école régionale de musique ;

7.2.4. la création d'un poste de fonctionnaire communal, groupe de traitement C1, groupe technique pour le service fêtes et manifestations ;

7.2.5. la création des 3 postes de fonctionnaires communaux, groupe de traitement B1, sous-groupe technique pour le services logement, le service entretien des bâtiments et le service génie technique des bâtiments ;

La création de 4 postes de fonctionnaires communaux, groupe de traitement D2, groupe à responsabilités particulières, agents municipaux, inscrite au point numéro 7.2.3. de l'ordre du jour, est acceptée avec 11 voix et 7 abstentions.

8 – Questions au collège des bourgmestre et échevins

Aucune question n'a été soumise au collège des bourgmestre et échevins.

9 – Personnel

Diverses décisions affectant le personnel communal sont avalisées par le conseil communal en séance à huis clos.

Fin de la séance vers 16.15 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 13.12.2019

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Schéine gudde Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, ech begréissen Iech ganz häerzlech haut an eiser Gemengerotssëtzung, wou et virun allem drëms geet, lo uschlëssend, d'Presentatioun vum Budget initial vum Joer 2020 hei duerch d'Verrieder vum Schäfferot. Da wäert et och mam normalen Ordre du Jour vum Gemengerot weidergoen. An haut aacht Deeg, de Freiden, 20. Dezember 2019, kënnen da souwuel d'Conseillere vun der Majoritéit wéi vun der Oppositoun Stellungnam huelen zum Budget. An da wäerte mir déi ganz Diskussioun am Gemengerot ofschléisse mam Vott. Ech wollt awer vun där Plaz aus nach eise Gemeindeconseiller de Vic Haas souwuel fir haut, wéi och fir den nächste Freiden entschëllegen. Gesondheetshallwer kann hien net derbäi sinn, a mir wënschen him vun där Plaz aus eng gutt Besserung. An deem Sënn wär de Gemengerot komplett. A mir géifen ufänke mam éischte Punkt.

1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Bei der Korrespondenz ass näischt.

2. VERKEÏERSREGLEMENTER

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Da komme mir bei d'Verkéiersreglementer an do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

2.1. APPROBATIOUN VUN ENGEM TEMPORAIRE VERKEÏERSREGLEMENT FIR D'KIERMES VUM JOER 2020

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN)

Dat éischt ass eist normaalt Verkéiersreglement fir d'Kiermessen, d'Summer- a Wanterkiermessen. Do ännert näischt zu de Jore virun, dofir gëtt et do vu menger Säit net allze vill dozou ze soen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Remarken? Froen zu der Kiermes hirem Verkéiersreglement? Neen? Kënne mir doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, mir soen Iech Merci. An da kënne mir bei dat nächst iwwergoen.

2.2. APPROBATIOUN VUM TEMPORAIRE VERKEÏERSREGLEMENT WEINST ELEKTRESCH RACCORDEMENTSARBECHTEN AN DER ROUTE DE LUXEMBOURG/N31

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) Jo, dann hu mir nach e Verkéiersreglement an zwar op der Lëtzebuerger Strooss, dat ass am Kader vum Projet Lidl. Do muss d'Creos eng Traversée an der Route de Luxembourg maachen. A well d'Creos-Netz am Trottoir op där anere Stroossesäit, also der Säit vun der Opel-Garage läit, mussen déi Traversée hallef hallef gemaach ginn, sou datt mir ëmmer eng Spuer fir den Trafick opbehalen. An den Trafick, dee musse mir dann do mat roude Luuchte reegelen. Dat Ganzt soll an der Fuesvakanz gemaach ginn, well do manner Verkéier ass. Et soll och scho Samsdes ugefaange ginn, well Samsdes natierlech och manner Verkéier ass. Am Prinzip soll et bis Mëttwoch Mëttes daueren, bis alles fäerdeg ass. Et dierf just vun 9:00 bis 16:00 geschafft ginn. Ausserhalb vun deenen Zäite gi stole Placke geluecht fir dass den Trafick bidirectionnel normal leeft. Dëst net nëmme well mir dat sou wëllen, mee op ausdréckleche Wonsch vun der Ponts & Chaussées an d'Permission de voirie vun der Ponts & Chaussées, déi huet de Lidl och schonn. Am Frankräich ass zu där Zäit iwwers och Schoulvakanz. Dat kënnt eis entgéint, well dat bedeit, dass mer wäerte manner Duerchgangsverkéier op där Plaz hunn. A wéi gesot, all d'Autorisatiounen vun der Ponts & Chaussées déi se brauchen, déi leie vir. Un eis ass et just nach d'Zäit ze bestëmmen an de Circulatiounsreglement hei ze stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia. Froen zu deem dote Verkéiersreglement? Dat ass net de Fall. Da géif ech dem Gemengerot virschloen, doriwwer ofzestëmmen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN)

Mir hunn nach en drëtt Verkéiersreglement, mee vu datt dee Projet dann herno um Ordre du Jour ass, géif ech virschloen, rue Dominique Lang – dat hutt dir nokritt gehat – datt mir dat dann do derbäihuelen, well et huet jo kee Wäert, lo zweemol iwwer dat nämmleche ze schwätzen. Da kritt Dir och déi néideg Informatiounen vum Büro, dee wäert hei sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Et gëtt méi Sënn, dat mam Projet Shared Space ze verbannen. Ass de Gemengerot domat averstanen, dass mir dat méi spët huelen? OK, Villmools Merci. Da wäert mir einstweile mam Volet Circulatioun erduerch an da géife mir op de Volet Finanzen iwwergoen.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1. + 3.2. PRESENTATIOUN AN APPROBATIOUN VUM BUDGET RECTIFIÉ VUM BUDGETSJOER 2019 A PRESENTATIOUN AN APPROBATIOUN VUM BUDGET INITIAL VUM HAUSHALTSJOER 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

De Gemengerot vun haut steet am Zeeche vun der Budgets-presentatioun vum Joer 2020 an de Prioritéiten, déi mir hei als Majoritéit setze wëllen an och diskutéiere wëllen. Virop wëll ech och op de Budget rectifié vum Joer 2019 agoen. De Rapport vun der Finanzkommissioun, déi den 9. Dezember getaagt huet, deen hutt Dir virun iech leien. Virop wëll ech dem Pascal Pull an dem ganze Service vun der Compta an och allen eise Gemengeservicer Merci soe fir hiert Abréngen hei a fir d'Ausschaffung vum Budget. Mir hunn dat zesummen an engem flotten Teamgeescht gemeet. Wat sinn d'Virgaben, souwuel fir de Rectifié 2019, wéi och fir den Initial 2020? Wéi gesot, ech fänke mam Rectifié un. Natierlech ass dat d'Circulaire budgétaire, déi dir och zoukomme gelooss kritt hutt, déi vum 25. Oktober. Do kann ee ganz kloer rausliesen, dass et generell eng staark Hausse gëtt um Niveau vun de staatlechen Dotatiounen, souwuel fir de Rectifié 2019 wéi och fir den Initial 2020. Bon, dat schreift sech an, an dat generell gutt konjunkturrellt Ëmfeld, an deem Lëtzebuerg sech de Moment befënnt. An dovun beneficiéieren natierlech och generell déi Lëtzebuerger Gemengen. Gesäit een aus der Circulaire eraus, dass par rapport zum Rectifié, wat d'Gewerbsteier ugeet, ëmmer am Verglach zum Kont 2018, eng Hausse ass vun 18%. A vum Fonds de Dotation globale des Communes am Rectifié 2019 par rapport zum Kont 2018 plus 8 % sinn. Dat si Progressiounen, déi ginn natierlech och fir den Initial 2020 weider. All Kiéiers verglach mam Kont 2018 ass d'Gewerbsteier +17% an de Fonds de Dotation globale des Communes +13,8%. Dat weist kloer, dass dat do sech an e positiivt konjunkturrellt Bild aschreift, och wann natierlech de STATEC de Wuesstem fir 2020 an déi Joren duerno e bëssen no ënne revidéiert huet. Dat zum generelle Kontext, an deem mir eis befannen.

Ech wëll elo hei op d'Eckdate vum Rectifié 2019 agoen. Wa mer kucken, am ordinaire Beräich, do hate mer Recettë vun 100 863 143,39 €. Mir haten Dépensë vun 81 781 319,87 €, dat bréngt eis e Boni propre eran am ordinaire Beräich vun 19 081 823,52 €. Wa mir dann d'Recetten am extraordinaire Beräich kucken, dat waren 11 042 984,36 €. An d'Dépensë waren 32 309 023,49 €. Dat ass e Mali vun 21 266 039,13 €. Wa mir natierlech lo beim ordinaire Beräich dat eriwwehuelen, wat mir am Kont haten, dat si jo

21 753 026,88 €, dann hu mir am Fong e Boni général vu 40 834 850,40 €. Wa mir do dann de Mali général ewechhuele vun deenen 21,2 Milliounen, da komme mir op e Boni définitif vun 19 568 811,27 €. Dat si gutt 17,5 Milliounen méi wéi par rapport zum Initial vum Joer 2019. An ech mengen dass dat et gutt Polster ass fir eriwwehuelen an d'Joer 2020 an den Initial 2020. Ech mengen dat zu den Zifferen. Elo e puer Explicatiounen zum Rectifié. An de Recettes ordinaires hu mir e Plus vu liicht iwwert 8 Milliounen €, ganz genee 8 207 184,39 €. Dat huet virun allem mat de staatlechen Dotatiounen ze dinn, wou ee jo och aus der Circulaire erausliese kann, a wou ech jo och virdrun drop agaange sinn. A kllassescherweis am Rectifié, do hu mir jo nach ëmmer natierlech de Restanten dran, dee beleeft sech jo op 1,2 Milliounen €.

Wa mir op d'Recettes extraordinaires aginn, do hu mir eng Hausse vum Initial op de Rectifié vu 5,7 op 11 Milliounen €. An dat ass virun allem staatleche Subsidien zoueschreiwene, déi mir och méi do ageschriwwen hunn. Bei den Dépenses Ordinaires, do hu mir manner Dépensë getätegt, do hu mir 0,5 Milliounen manner am Rectifié wéi am Initial. A wa mir och kucken d'Bild vun den Dépenses extraordinaires par rapport zum Initial, do hu mir da 5,6 Milliounen méi getätegt. Engersäits natierlech och duerch Kreditter, déi mir am Gemengerot méi getätegt hunn, am Laf vum Joer an och déi kllassesch Verschibungen duerch d'Ausschreiwungen. Ech mengen dat ass d'Bild par rapport zum Rectifié 2019. Wann ech elo iwwerginn op den Initial vun 2020, de sougenannte Plat de résistance. Ech wäert do op eng generell Presentatioun agoen an och d'Aschätzung maachen an och op meng Ressorten agoen. An d'Kollegen aus dem Schäfferot wäerten herno natierlech och op hir respektiv Ressorten agoen, fir lech ech komplett Bild ze maache vum initiale Budget vum Joer 2020. Vir unze-fänken awer e puer generell Consideratiounen dozou.

Virop kann ee soen, dass mir als Stad Diddeleng weider gesond Gemeengefinanze behalen a mir steigern den Investitiounsvolumen an eis Stad. Am Initial 2020 hu mir am extraordinaire Beräich 36,4 Milliounen ageschriwwen. Wann een dat vergläicht mam Initial 2019 waren dat 26,7 Milliounen €, also e Plus vu ronn 10 Milliounen €. A wann ee kuckt, vun deene 36,4 Milliounen €, déi mir am Fong am Initial vun 2020 tätegen, gi gutt 12,7 Milliounen, also ronn 35% an nei Projeten. Ma 2020, dat muss een och ervirsträichen, bréinge mir et fäerdeg, keen Emprunt ze zéien. Ech mengen dee leschten Emprunt, dee mir gezunn hunn, dat war am Joer 2016. Also kann e soen, dass mir souwuel 2017, 2018, 2019, 2020 also 4 Joer de suite keen Emprunt gezunn hunn. A mir brauchen 2020 och net un eis Reserven ze goen, déi sougenannten 9 Milliounen €,



respektiv 12,8 Milliounen ronn. An am Budget 2020 ginn et och keng Taxenerhéijungen. Dat alles bréngt natierlech och mat sech, dass eis Schold erofgeet. Op den 31.12.2020, an och dat kann een am Budget nolliesen, wäert déi sech op gutt 13,4 Milliounen € berufen an d'Pro-Kapp-Schold wäert 625 € pro Awunner sinn. Wann ee vergläicht par rapport zum Joer 2016, wou mir jo och deen Emprunt opgeholl hunn, do war déi Pro-Kapp-Schold bei 934 €. Also gutt 300 € manner Pro-Kapp-Schold, déi d'Stad Diddeleng huet, wou mir och weider net hypothekéieren. An natierlech doduerch sinn natierlech och d'Annuitéiten, doduerch dass mir keen Emprunt hunn, ginn déi och progressiv erof. An am Joer 2020, wäerten déi sech op 1,2 Milliounen belafen. An, wann och de Ratio kuckt, vun den Annuitéite par rapport zu den ordinaire Recetten, ass dat 1,2%. D'Virgawe vum Interieur, déi leien, mengen ech, bei 10%. Also wéi gesot, wann een déi zwou Extremitéite kuckt, da befanne mir eis bei der extremer positiver Extremitéit vum Ratio vun den Annuitéite par rapport zu den ordinaire Recetten, wou keen Depassement soll dierfe stattfannen. Also kann ee soen, dass mir am Fong d'Joer 2020 an enger exzellerter finanzieller Situatioun uginn. A mir sinn an där Situatioun, wa mir engersäits eis Reserve géifen huelen, an de Boni vum Joer 2020, dass mir domadder eis Schold integral zrëck kënnen bezuelen. An deem Sënn si mir also an enger gudder Situatioun. Och wann eng Schold, an engem gewëssene Mooss an an engem gewëssene Kader, u sech näischt Schlechtes ass. An där wäerte mir och sécher an deenen nächste Jore weider maachen, notament wann de Projet NeiSchmelz lassgeet. Mir maachen hei am Fong eng Operatioun, déi eis herno wäert deementspriedend och zegutt kommen.

Wa mir lo nach eng Kéier op d'Prioritéiten an d'Akzenter vun 2020 aginn, da leien déi op Bildung a Sport. Mir wäerten do ganz kloer Elementer erëmfanne vun der Ëmsetzung vun der Strategie 2025. Investissementer a Schoul a Sport. Mir wäerten awer och weider Akzenter setzen an der Moderniséierung vun eise Stadkär an awer och weider Efforte maache fir d'Stärkung vun der Geschäftswelt. Well et och generell drëm geet, d'Liewensqualitéit hei an Diddeleng weider ze erhalen an auszubauen. Ech mengen dass een och, wéi mir virun enger gudder Woch am Centre Culturel Opderschmelz déi nei Bierger empfaangen hunn, dat och Elementer waren, déi vun eisen neie Bierger ervirgestrach goufen. Well dat och de Choix geleet huet, dass se op Diddeleng wunne kommen. Dat hei ass et Budget, net nëmme fir déi Leit, déi de Choix maachen, fir op Diddeleng wunnen ze kommen, mee och e Budget fir déi Bierger, déi säit laange Joren hei wunnen. An 2020 ass awer och e Budget, Elementer dovun wäerte mir och an der Presentatioun erëmfannen, vun der sozialer Kohesioun an och vun der

Nohaltegkeet. Also och en nohaltegen a soziale Budget, dee mir wëllen ëmsetzen zesumme mat eise ronn 650 Mataarbechterinnen a Mataarbechter am Interêt vun all eisen Diddelenger Awunner, déi sech de Moment op ronn 21.264 Awunner belafen.

Wann ee lo e bësse generell den Detail vum Budget Initial kuckt, wat hu mir do ageschriwwen vun Zuelen? Wann ech op den ordinaire Beräich aginn um Niveau vun de Recetten, dat sinn 103 272 672,23 €. Um Niveau vun den ordinären Depensen, dat sinn 88 837 972,14 €. Dat gëtt eis e Boni am ordinaire Beräich vu 14 434 700,09 €. Wa mer da kucke bei de Recetten am extraordinaire Beräich, dat si 5 513 634 € an op Säite vun den Depensen, da si 36 392 164,36 €. Dat mécht eis dann e Mali vun 30 878 530,36 €. Wa mir dann de Boni définitif vum Rectifié mat bäizéien an ordinaire Beräich, dat si jo dann déi 19 568 811,27 €, da maache mer e Boni général vu 34 003 511,36 €. Wa mer do natierlech de Mali ofzéien, déi 30 878 130,36 €, dann hu mir am Initial e Boni définitif vun 3 124 981 €. Dat ass am Fong sou wéi mir de Budget initial fir d'Joer 2020 opgestallt hunn. 2020 ass och e Budgetsjoer, wou gréisser entaméiert Projeten ofgeschloss wäerte ginn am Laf vum Joer an och neier wäerten ugefaange ginn an dëst natierlech ënnert de Prämissen vun enger ganz gudder finanzieller Lag. Wann ech elo e bësse méi an den Detail aginn, respektiv um Niveau vun den ordinaire Recetten, ugeleent un d'Circulaire Budgetaire, dann hu mer am Fonds de Dotation globale des Communes eng Recette vun 69 412 000 €. D'Gewerbsteier, déi bréngt eis 3 120 000 € mat an den Impôt foncier 825 000 €. Dat ass um Niveau vun dëser staatlecher Dotatioun, quitt dass Gewerbsteier jo och nach eng Gemengentax dropkënn. Do hu mir Einnahmen am ordinaire Beräich vun 73 357 000 €, dat si gutt 71% vun affektéierte Recette vu staatleche Subventiounen, déi mir do hunn, onaffektéiert Recetten, pardon.

Wa mir dann eriwerginn op déi affektéiert Recetten, dat ass jo dann am Fong de Rescht, dat si jo dann déi staatlech Subventiounen, déi mir kréie par rapport zu Dénagschleeschungen, déi mir als Gemeng bréngen. Sief dat lo am Kader vun eise Crèchen oder vun eise Maisons Relais, respektiv awer och d'Contributioun vun den Elteren, déi Taxe ronderëm Gas a Waasser, respektiv Decheten. Dann hu mir awer dëst Joer och ronn 100 000 € ageschriwwen am Kader vun der Mise à disposition vun eise Gebai an der Lëtzebuerger Strooss, vun eise Rettungswiesen, un de CGDIS. Dat si ronn 100 000 €. Mir wäerten awer och Mannereinnahmen hunn, et sinn der net vill. Et ass fir all déi Gemengen, déi a City-Bus ubidden, respektiv als TICE-Membergemeng, wat och duerch de gratis ëffentlechen Transport den 1. Mäerz 2020 antrëtt. Alleguer déi Recetten, déi mir



duerch de Citybus kréien, déi falen och an dësem ordinaire Beräich am Budget ewech. Wann ech iwwerginn op déi ordinair Depensen. Do fanne mer klassesch erëm de Fonds pour dépenses communales, klassesch Remboursement vum Congé politique vun de Memberen a Memberinnen aus dem Gemengerot, dat sinn 216 000 €. Dann eise Solidaritéitsbeitrag zu der Chômage-Situation hei zu Lëtzebuerg. 2% vun der Gewerbesteier, déi mer bezuelen un de Fonds pour l'Emploi, dat si 37 754 €. A wéi scho gesot, eis Annuitéiten, déi jo progressiv erofginn, déi belafen sech op 1,2 Milliounen €.

Bon e wichtege Volet 2019 schonn de Fall gewiescht, an 2020 wäerte mir déi Efforte weiderféieren, dat ass de ganze Volet ronderëm Stadkär an City Management och mam City Manager, dee mir agestallt hunn, wou mir eis als Stad resolut als Interlocuteur a Facilitateur gesinn vis-à-vis vun der Geschäftswelt an de Proprietären. Do fannt Dir natierlech och an den ordinair Depensen, déi zwee Geschäftslokaler. Rëm engersäits de Cube, dee mir gelount hunn, de Concept Store, respektiv awer och d'Locatioun vum Geschäftslokal „OUNI“ wou mir herno am ordinaire Beräich vum Gemengerot nach driwwer schwätzen. Also och do weider un der Attraktivitéit vum Stadkär wäerte schaffen an och weider wëllen iwwert déi doten Orientatioun Nische besetzen. Promotioun vum Centre Commercial, an Zesummenaarbecht mam Geschäftsverband, wéi gesot 160 000 €. Do geet jo drëms, weider eis „Journée commerciale“ an eis Braderien ze ënnerstëtzen. Also och do d'Stad Diddeleng no baussen attraktiv ze verkafen. A mengen ech och do e wichtegen Element fir d'Geschäftswelt, eis Participatioun um Projet „Letzshop“ an enger Héicht vun 21 000 Awunner. Wou mir och Geschäftsleit iwwerzeegen. Bei deenen engen ass et méi einfach, bei deenen anere méi schwierig, et ass och um Niveau vun der Digitalisatioun eng zousätzlech digital Vitrinn wat fir e Geschäft en zousätzlechen Attrait ka sinn, fir effektiv hir Attraktivitéit no bausse kënnen duerststellen. An natierlech féiere mir och déi Efforte weider ronderëm d'Animéierung vu Pop-up-Storen. Een ass am Ament amgaang op der Plaz am Duerf der Pop-up solidaire vun der Fondation Tricentenaire, awer och d'Initiativen, déi mir dëst Joer geholl hunn ronderëm d'Assises du Commerce, respektiv awer och kombinéiert Konscht mat Commerce, déi Ausstellung vum Jacques Schneider déi do ass.

Dat alles si wichteg Aspekter, déi eng Diversifikatioun mat sech bréngen an alleguerten déi Efforten, déi 2019 gemeet goufen, hunn hir Friichte gedroen, a droen awer och dozou bei, dass mir als Stad Diddeleng bei engem nationale Pilotprojet matmaachen. Dat zesumme mam Ministère des Classes Moyennes déi do de Lead hunn, awer och mat der CLC an enger Rei anerer Gemengen, wou am Fong d'Hauptuleies ass, d'Dynamiséierung vun

der Geschäftswelt, d'Dynamiséierung vun de Stadkären. D'Enjeu vun de Geschäfte an de Stadkäre ronderëm d'Opstellung vun engem Cadastre du Commerce. Mir hunn hei zu Diddeleng d'lescht Joer eng wichteg Viraarbecht geleescht, konkret um Terrain. Mir hunn och do tangibel Resultater. An dat weist, wann een do eng Virreiderroll iwwerhëlt, dass een dann dat och ka mat erabréngen an effektiv och national Projete mat anere staatelechen an och Gemengen-Akteuren zesummen.

Dann, wa mir beim Développement Economique bleiwen, eisen Innovation Hub um Niveau vun den Eco-Technologien, eis Start-uppen. Do leeft d'Zesummenaarbecht mat Luxinnovation a mam Technoport gutt weider. An natierlech och 2020, weider Akzenter setzen, wou mir och den Innovation Hub och zesumme mat staatelechen Akteuren op deenen international Foirë wäerten no vir bréngen. Wëssend dass natierlech d'Eco-Technologien och hei am Lëtzebuenger Mikrokosmos eng Nisch sinn. Mir sinn net hei wéi aner Gemengen um Niveau vun dem Start-Uppen an der Fintech, mee an den Eco-Technologien. Dat bleift eng Nisch, déi et gëllt, auszubauen, notament och mat der Entwécklung vun NeiSchmelz. Also och hei eng Virreiderroll déi mir weider als Stad Diddeleng wouerhuelen.

Méi substanzuell Depensen am ordinaire Beräich: klassesch, eis Maison Relais, d'Restauratioun: 1,2 Milliounen €. D'Waasser dat mer kafe beim SES 1,3 Milliounen €. Ech hat et virdru kuerz ugedeit, bei der Mise à disposition vun eiser Pompjeeskasär un de CGDIS musse mer awer och duerch d'Gesetz vum CGDIS, wou jo de Staat 50% an d'Gemeng 50% iwwerhëlt. An an der Circulaire vum Inneministère kënnt Dir et jo kloer noliessen. Hei huet och d'Gemeng Diddeleng eng finanziell Contributioun. Déi beleeft sech 2020 op 777 459 €. 2019 hate mir Gespréicher mat de Responsabele vum CGDIS ronderëm d'Konventioun vun de Biens meubles an de Biens immeubles an da wäerte mir d'nächst Joer, warscheinlech am Gemengerot vum 14. Februar, do wäerte mir dann och d'Konventioun op den Ordre du Jour setzen, wou am Fong déi Mise à disposition och gereegelt hat. A mir hu jo och 2 Joer Zäit vum Gesetz aus fir déi Mise à disposition, fir déi Konventioun ze reegelen. An déi wäert sou laang en vigueur si bis effektiv de CGDIS als Bauhär um neie Site tëscht der Husky a wou lo d'Goodyear sech och etabliert, a wou lo deen neien Zenter gebaut gëtt vun der Kategorie 4. Also engersäits eng Depense, an awer och op der Säit vun den ordinaire Recetten, an och deem droe mer Rechnung. Am Budget, do hu mer awer och, wéi üblech, d'Personal. Och do ass eng Evolutioun um Niveau vun de Karriären. D'Indextranche, déi net dëst Joer, mee d'nächst Joer erfält, och dat huet en Impakt op de Budget. D'Biennallen, d'nei Astellungen. Herno am Gemengerot am Ordre



du Jour schwätze mer jo och driwwer. Mir brauchen deen dote Volumen, fir eng ganz Rei wichtig Projeten ëmzesetzen. Ech wollt awer hei ënnersträichen, wann 2019 d'Joer war, wou mer e Service psycho-social an d'Liewe geruff hunn, dee mengen ech och vum ganze Gemengerot hei gedroe gouf, wëlle mer och 2020 zwee Services dédiés an d'Liewe ruffen. Engersäits de Service Logement, dee mir schafe wëllen, am Ament hu mir eng Cellule Logement an de Manderscheids Ren wäert a senger Presentatioun méi an d'Detailer agoen. An awer och en anere Service, och do ënner Form vu Pilotprojet mam Ministère de l'Education Nationale zesummen. Et ass och e Projet, dee mer an der Schafferotserklärung drastoen hunn. Dat ass e Service Jeunesse-Famille oder Famille-Jeunesse, dat ass déi transversal Approche, déi mir hei wëllen hunn, an do wäert herno och d'Josiane drop agoen. Also och hei gi mir nei Weeën an der Stad Diddeleng. Och dat par rapport zu 2 Elementer, 2 Ressorten, déi eis weider wäerte beschäftegen: d'Transversalitéit tëschent Jugend a Famill engersäits, awer och de ganze Volet Logement, deen eis beschäftigt, an och notament am Kader vun deene weideren Diskussiounen zum Thema Logement, sief da NeiSchmelz awer och am Kader vun engem neie Pacte Logement. Vläch och en 2. Pilotprojet, deen ech hei wëilt raussträichen um Niveau vum Personal. Wann een et méi iwwergeuerdent kuckt, dann ass et en 3. Pilotprojet fir d'Gemeng, am Joer 2020, och dat ganz positiv.

Dofir hunn ech dat am Kader vun der Reform an der Fonction publique, wou mir als Stad Diddeleng sollicitéiert goufen, vum Inneministère, deen an deem dote Projet de Lead huet, awer zesumme mat der Ënnerstëtzung vum Ministère vun der Fonction Publique. Wou mir och mat enger méi klenger Nordgemeng awer och mat engem Gemengesyndikat amgaang sinn ze kucken, wéi een um Niveau vu Fonctionnement a vun de Kompetenzen, a vun den Tâchebeschreibungen, de Job Descriptions, am Gemengesecteur d'Reform vun der Fonction Publique, déi jo ganz oft als éischt beim Staat geduecht gëtt a réischt an enger 2. Instanz bei de Gemengen. Do si mer oft als Gemengen Nachzügler. An do wollte mir hei ganz kloer nozéien. Et geet do ëm e Pilotprojet, wou och vun eise Servicer virun allem eise Personalbüro drop ass a virun allem och eise Gemengesekretär. Déi sinn do staark implizéiert an där Aarbecht. Do hu mir schonn, als Stad Diddeleng an deem Prozess eng grouss Viraarbecht geleescht an och do eng Virreiderroll iwwerholl a mir wäerten och dat an deem dote Pilotprojet mat aflësse loossen. A wat natierlech herno, wann de Pilotprojet fäerdeg ass, och als Kader wäert kennen dëngen, fir alleguerten déi aner Gemengen. Also och 2020 kann ee soen, d'Joer net nëmme vun den neie Servicer, mee och vun de Pilotprojeten, déi mir ëmsetzen. Wou mir

2019 eng Bestandsopnam gemaach hunn, wéi mir eis Aarbecht besser kënnen optiméieren an engem participative Prozess zesumme mam Personal, wäerte mer dann och 2020 weiderféieren, an dann och d'Analysen ëmsetze fir eng modern a performant Administratioun ze sinn, a fir eis och do déi néideg Steierelementer ze ginn.

Wa mer op déi extraordinair Recetten iwwerginn. Do vun deene 5,5 Milliounen € sinn 80% staatlech Subsidien, also affektéiert Recetten. Virun allem kann een do eraussträichen déi 1,5 Milliounen, déi mir vum Staat kréie fir d'Maison Relais Ribeschpout a fir d'Maison des Chercheurs, déi mir virun e puer Wochen zesummen ageweit hunn, an awer och nach e staatleche Subsidionderëm d'Bildungshaus Lenkeschlei an awer och nach d'Taxe fir d'Equipements collectifs : 0,5 Milliounen €. Fir de Pacte Logement hu mir och nach e Montant ageschriwwen, mee dee leeft jo dëst Joer aus, an der Hoffnung dass 2021 de Pacte Logement 2.0 kann a Kraaft trieden, an dass mir och als Gemeng Diddeleng dovu kënnen profitéieren. Wann ech elo op den extraordinaire Beräich iwwerginn, um Niveau vun den Depensen. Wéi gesot, den Invest dee mir tätege vu 36,4 Milliounen €, en héijen Investitiounsvolume fir d'Stad Diddeleng. Dovunner wéi gesot 35% an nei Projeten, 12,7 Milliounen €. Et ass en ambitiësen Invest, dee mir maache fir Diddeleng weider ze moderniséieren. Dofir ass et och wichtig, an enger ganzer Rei vun Domainen ze investéieren. Wéi gewinnt hei zu Diddeleng maache mir kee Prunkbau, keng Prestige-Objeten, dofir sécherlech awer och Projeten, déi architektonesch an urbanisteschesch qualitativ an och nohalteg sinn, an et ass do, wou mir ganz kloer usetzen. 31% vun eisen Investier, déi ginn an den Enseignement. 2019 waren dat 23%. Och do maache mer ganz kloer eng Hausse, an 31% 2020 ginn an de Logement an d'Equipements collectifs, also och do en Drëttel, 2019 waren dat 24%, also mengen ech 2 Elementer, wou mir effektiv eng Steigerung vum Invest hunn.

Ech hu virdu gesot, wann 2020 d'Joer vun de Pilotprojeten ass, wäert 2020 fir d'Stad Diddeleng awer och d'Joer vum neie PAG sinn, dee mer den 28. September wäerten hei als Gemengerot hei stëmmen, respektiv den 1. Vott mol maachen, an d'Saisine huelen. An och do, iwwert deen dote Wee weider wäerten d'Weihe setze fir déi wieder Entwécklung... Pardon Februar, 28. Februar – jo, klengen Detail. Passt och herno an ären Diskussiounen op. 28. Februar wäerte mir d'Saisine maache vum Gemengrot, an dat wäert eis sécher e gutt Joer beschäftegen, am Kader vun der Prozedur. Dofir hu mir am Initial e Budget dragesat vun 350000€, mee och parallel am Joer 2020 wäerten eis och déi 4 Pape ronderëm d'NeiSchmelz



beschäftigen, déi mir dann erëmkreie vum Interieur. A wou mir dann och hei am Gemengerot eng Diskussioun wäerten hunn. Viraussichtlech ëm Mee 2020 wäerte mir dann och d'Phase 2 vum Shared Space ofschléissen, an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, dofir hu mir eng Tranche am Initial drastoe vun 3,1 Milliounen €. De Chantier leeft am Ament ganz gutt, mir si méi wéi am Timing, a mir wäerten och herno am Ordre du Jour iwwert de weidere Verlaf vum Shared Space schwätzen. Ech muss awer soen, dass dës Projet, par rapport zur initialer Ausrichtung, wou mir och hei am Dezember 2015 gestëmmt hunn, sech weiterentwéckelt. A mir wëllen och ronderëm d'Entrée vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte méi urbanisteschesch an och verkéiersberouegend gestalten. Dofir wëlle mir och eng Ëmgestaltung maache vun engem klengen Deel vun der Dominique Lang an dofir hu mer och 1,8 Milliounen hei an den initiale Budget dragesat, an och gekoppelt am Hierscht 2020, gekoppelt mam Projet Shared Space an awer och gekoppelt mam Projet vun de Ponts & Chaussées vun der Bidirektionalitéit, an do wäert d'Claudia sécherlech drop agoen, an der Rue du Commerce, an der Rue de la Libération. An awer och vun dëser Plaz aus e waarmen Appell an der ganz staarker Hoffnung, dass dës Kéier Ponts & Chaussées den Timing anhalen.

D'lescht Kéier hu se den Timing net agehalen, dofir hu mer missen de Switch maachen tëschent de Phasen. Wëlle mer also och am Hierscht déi 3. Phas ufänken, well mer eis un d'Ponts & Chaussées hänke fir d'Plaz Franz Kinnen an Ugrëff ze huelen. An do hu mer och emol eng 1. Tranche dragesat dëst Joer vun 0,9 Milliounen €. Déi dann 2021 voll zum Droë kënnt, respektiv och nach en Deel vun 2022. A mir wäerten och do ronderëm d'Plaz Franz Kinnen och an engem nächste Gemengerot och den Devis virstellen. An dëser 3. Phas hate mir schonn Ofstëmmungssëtzungen. Et sinn eng ganz Rei vun Acteuren, an da wëlle mir och nach als Proprietär vun der Kierch, an dat wäert eis herno och nach beschäftigen, och de viischten Deel vun der Fassad frëschmaachen. Mir si jo Proprietär. Et ass e Gebai dat klasséiert ass. Do hu mer mol e Kredit agesat vu 50 000 € fir dës Patrimoine weider ze valoriséieren. Wa mir och schonn d'Plaz ronderëm d'Kierch moderniséieren, wëlle mer och deen dote Patrimoine an Zesummenaarbecht mat Sites et Monuments an och mam Kulturministère, déi eis do och finanziell hëllefen, nach eng Kéier undiskutéieren an och frëschmaachen.

Eng urbanisteschesch Approche ass awer och néideg a wichteg, an dofir hu mir och e Kredit agesat beim Ausbau vum Stade Meyer. Wa mir an deenen doten Diskussiounen mam F91 amgaang sinn ze kucken, fir e modernen Terrain do bauen ze wëllen an enger nächster Legislaturperiod, dann ass et och wichteg, an dëser Legisla-

turperiod sech e Masterplang ze ginn. Well et awer hei sécherlech net duergeet, op eng Parzell einfach eng nei Sportsinfrastruktur hinzesetzen, mee déi stattfënnt an engem besteeënde Wunnquartier. Do sinn also wichteg Elementer vun Accessibilitéit, Implantatioun, Potentiel fir nei Wunnengsbauprojekte fir d'Gemeng, Kaf vun den néidegen Terrainen, also eng ganz Rei vun Elementer, déi ee muss gesinn. Do gi mir eis och den néidege Kredit fir eise Masterplang, fir eise Startschuss 2020 ze ginn, fir och déi urbanisteschesch Approche hei am Vierdergrond ze hale vu 60 000 €. A well een an dësem Kader eng Vue d'Ensemble brauch, wäerte mir och a Consultatiounen goe mam Veräin. A parallel wäerte mir awer och nach liicht Renovatiounen maachen um Nossbaum, déi wäerte mir weiderféieren, do wäert de Loris herno nach am Detail drop agoen. Wa mir den 28. Februar hei am Gemengerot d'Saisine maache ronderëm den neie PAG, wäerte mir awer och parallel um Urbanismus plangen un der Zone Helper, do mir e Kredit agesat vun 100 000 € fir dee Projet weiderzedreien, nodeem mir 2019 eng ganz Rei Consultatiounen an enger participativer Approche hate mat de Proprietären, an et sinn der méi wéi 20 Stéck, wéi si d'Entwécklung vun hire Parzellen op Helper gesinn an och wéi si d'Zäitschinn gesi vun der Entwécklung. Déi eng sou schnell wéi méiglech an déi aner sou spët wéi méiglech. Also eng ganz flott Aufgab fir eng Gemeengeféierung, fir sou e Projet ëmzesetzen. Mee mir mussen eis awer déi néideg Kreditter ginn, fir deen dote Projet weider ze dreien. Sport a Bildung hat ech gesot, wiere wichteg Elementer, genéissen also och am Budget 2020 eng Prioritéit, eng Wichtigeheet. D'Bildunghaus Lenkeschléi, wou mir nach en Invest virgesi vu 6,5 Milliounen, d'Crèche am Quartier Italien, 1,2 Milliounen. Dat sinn also Projeten, déi dëst Joer fäerdeg ginn. D'Josiane wäert herno sécherlech nach drop agoen.

Awer och nach d'Maison Relais Ribeschpont, wou mer e Kredit agesat hu vu 4,6 Milliounen € wou mer jo och den Devis hei am Gemengerot gestëmmt hunn. Wou d'Ausschreiwunge stattfannen, a wou mir d'nächst Joer wäerte lassleeën. Sou wéi mir och eng ganz Rei Renovatiounen maache vu besteeënde Schoulgebaier, sief et am Brill, sief et och am Strutzbiërg. Ech wëll hei net virgräifen, och dat weist, dass mir an de besteeënde Schoulgebaier och weider investéieren, während mir op där anerer Säit och wäerte probéieren, nei Infrastrukturen opzeriichten. Renovatioun am Sportsberäich vun der oppener Schwämm. Projet Indoorhal, CRD an Tennis. Strutzbiërg, de Gymnase an d'Schwämm, och dat sinn nei Projeten, déi mir wäerten ugoen. Fir eis Veräinswelt, un där schaffe mir och weider. 2020 wäerte mir d'Ausschreiwung maache vum Hall Polyvalent an der Beetebuërg Strooss, wou mir wäerte Richtung Holzbau goen. Mee awer och ganz kloer en Akzent setzen op



d'Kreeslafwirtschaft, op d'Economie circulaire, dat mat Luxinnovation zesummen. Mat hirem Holzcluster sollen also effektiv Reunionssäll déi polyvalent notzbar si fir eis Veräiner mee awer och e Sall fir eng Rei vu Manifestatiounen, fir Fester vun eisen Diddelenger Veräiner. Do hu mir e Kredit agesat vun 300 000 € a wéi gesot, de Gros wäert 2020, respektiv 2021 stattfannen. Dann natierlech de Logementsprojet weiderdreiwen, de Projet 37, rue du Commerce, d'Embauaarbechten si voll amgaang. De Ren wäert herno nach drop agoen. Mir schaffen och nach weider un der Planung vun eise Regiebetriber. Wa mir bei de Gemeindegebaier bleiwen hei, an dësem Haus de Projet, de Festsall vun der Gemeng, d'Embauaarbechten, respektiv driwwer déi nei Büroen, déi entstinn, wäerten d'éischt Semester 2020 fäerdeg ginn. Mir hunn do awer nach eng Tranche dragesat vu 659 000 €. A wa mir deen heite Projet fäerdeg hunn, da wäerte mir deen anere Projet niewendrun realiséieren. Da wäert et um Tour si vun der Renovatioun, vun der Transformatioun vun der Annex vun der fréierer Pompejasär. Do hu mer e Kredit agesat vun 20 000 € fir dat Gebai och weider ze renovéieren an ze transforméieren. Dat maache mir net eleng, vu dass dat dote Gebai grad sou klasséiert ass wéi hei d'Gemengenhaus, wéi de Kiosk, wéi déi fréier Police-Annex, wäerte mir dat do dann och zesumme maache mat Sites et Monuments an och mam Kulturministère. Dann de Fierpark vun der Gemeng, och do ass et wichteg, dass mir d'Acquisitioun maache vun engem neie Müllwon, dat si gutt 185 000 € mat deenen dat zu Buch schléit, mee insgesamt wäert d'Erneuerung vum Fierpark mat gutt 500 000 € zu Buch schloen.

Wann ech elo zur Conclusioun komme vun dësem Budget, wéi eng Conclusioun kann een do zéien? Et ass en ambitiöse Budget, bei enger ganz gudder a gesonder finanzieller Lag, bei gesonde Gemegefinanzen, déi mir awer net iwwerstrapazéieren. Wat kruzial ass, ass dass mir an dësem Budget 2020 weider handlungsfäeg an och gestaltungsfäeg bleiwen. Et ass e Budget deen awer och d'Stadbild nohaltege verännert an och Diddeleng weider attraktiv hält fir Kanner, fir Familljen. Well mir engersäits a besteeënd Infrastrukturen investéieren, an dat ass wichteg, an awer och neier geschafe ginn. An dat och an deene verschiddenen Diddelenger Quartieren, well eis och do wichteg ass, generell eng gutt Qualitéit ze wahren. Dofir sti mer an dofir setze mer eis och an. Et ass awer och e Budget, deen duerch eng Rei Initiativen a Projekte weist, dass mir als véiertgréisst Stad engersäits eis regional Roll, déi mir hunn als CDA-Gemeng wouerhuelen, a an awer och um nationale Plang kloer eng Stad sinn, déi e Wuert matschwätzt, well mir do och eng Virreiderroll iwwerhuelen. Eng ganz Rei Impulser huelen, do eng Viraarbecht leeschten, déi dann natierlech och duerno Retombéieren

hunn. Am erweiderten Intérêt général ass et e Budget, deen och iwwert dee lokalen Tellerrand erausgeet. Dat also zur ofschléissender Aschätzung, vu menger Säit aus als Buergermeeschter, zum Budget initial 2020. A lo wäerten dann och d'Kolleeginnen an d'Kolleegen aus dem Schännerot méi op hir Ressorten agoen, an ech ginn d'Wuert weider un de Loris Spina. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN) Merci Här Buergermeeschter, léif Frënn aus dem Schännerot, Kolleegen aus dem Gemengerot. Merci virun allem dem Pascal Poull a sengem Service, senger ganzer Ekip, déi lo wierklech ganz intensiv Wochen hannert sech hunn, fir dëst komplex an awer iwwersichtlecht Dokument elo hei ze presentéieren, an dat natierlech an Zesummenaarbecht mat deenen anere Gemengeservicer an och dem Schännerot. Bravo a Merci fir hiren Asaz!

Ech géif proposéieren dass mir direkt sportlech urappen, an do gi mir direkt op d'Recettë-Säit, do hutt Dir déi bekannte Konventiounen, déi mir mam Lycée hu fir d'Schwämm an d'Sportshal an awer och dee flotte Succès am Summer, deen eis oppe Schwämm hat. Op der Recettë-Säit gesitt Dir dass mer do méi Entréeën ze verbuchen haten. Sport zu Diddeleng, dat heescht Sport fir jiddereen. Sport huet en integrative Charakter, deen natierlech dozou bäidréit, dass ee sech kierperlech besser fillt, mee och seilesch ausgläicht, an hei zu Diddeleng mat enger ganz grousser sozialer Oder. Mat knapp 50 Sportsveräiner huet eise Service des Sports méi wéi genuch ze dinn. Hei ass eng engagéiert Equipe reegelméisseg am Austausch mat de Veräiner, mat de Schoulverantwortlechen, mee awer och mat de Bierger, déi vun eise sëllege gudder Sportsinfrastrukture profitéieren. Och dat ass eng Zort vu Biergerbedeelegung. Dir hutt gesinn an Ärem Dokument, dass mir wëllen eng Slackline fir 25 000 € hei zu Diddeleng wëllen installéieren. Eng Iddi déi entstanden ass am Kader vum „European Town of Sports“ fir nei Momenter, och fir de Fräizäitsport zu Diddeleng, ze integréieren. An änlech wéi op sou enger Slackline, wou ee jo muss balancéieren a Kierperbeherrschung weisen, sou änlech ass et och e bëssen e Seeldanz fir eise Service des Sports, déi sämtlech Ufuerderungen an hirem Kader ze bewältegen. Engersäits de Fräizäitsport mam Kompetitiounssport ze verbannen, den Einzelkämpfer- mam Ekippsport, mee awer och Schoulen a Public. Jiddereen huet do seng Demanden un eise Service an d'Qualitéit soll ëmmer deementspriedend héich sinn, wéi mir dat hei zu Diddeleng gewinnt sinn. An dat alles eeben ënnert een Hutt ze bréngen ass, wéi gesot e Seeldanz an d'nächst Joer dann eben e Slackline-Danz.

Fir lech e bëssen e Gefill ze gi vun der Envergure, vun där mir hei schwätzen. Bis den 1. Dezember hate mer



an eise Piscinnen 88 000 Entréeën. 26 000 Stonne Sport sinn indoor gemaach ginn. Ech mengen déi Chiffere schwätze fir sech. Fir dass Dir e Gefill kritt, vu wat mir hei schwätzen. D'Plagë-Verdeelung fir déi verschidde Sportsaktivitéiten, den Entretien technique, d'Material, Botzen, Energie assuréieren, Personal zur Verfügung stellen, usprieckbar sinn, disponibel bleiwen, koordinéieren, Eventer organiséieren, Budget geréieren. Dat ass de perséinlechen Decathlon vun eisem Sportsservice. Nieft de Course fanne mir och eng Rei vun Eventer, déi dëse Service organiséiert. Dir fannt dat och am Budget erëm: d'Nuit des Sports, d'Journée de la Mobilité, fir nëmmen déi ze nennen, si si bekannt. Nei Momenter setze se mam Projet „Bewegte Schule“ a Kollaboratioun mat de Maison Relais an eise Schoulen. National si se a Projekte wéi dem „Wibbel an Dribbel“ mat dran, awer och beim nationale Sportsbrevet. Investéiert gëtt natierlech och 2020. Am Nossbaum gëtt weider investéiert, d'Tribüne ginn opgepimpt, Sëtzer ginn ersat, d'Trape gi verbessert. Um Meyer ginn eng Rei vun Investier getätet. Och am Hartmann, d'Store bzw. d'Vestiaire ginn opgebessert. Etüde wäerte lafe fir dass mir an Zukunft nach besser opgestallt si fir déi verschidde Veräiner. Um Kennedy hu mir dat héiere vum Buergermeeschter. Bezéiungsweis ass dat de Meyer awer och um Strutzbiereg. An alles dat wéi gewinnt zu Diddeleng am Dialog mat de concernéierte Veräiner oder Anrainer.

D'oppe Schwämm kritt och en neit Gesiicht. D'Aarbechte sinn am Ament amgaang. Wann déi ofgeschloss sinn, da wäert d'Saison rëm ugoen an no der nächster Saison ginn déi nächst Aarbechten an Ugrëff geholl. Dir wësst et, d'Entrée vun der Schwämm déi gëtt zur Sait vum Hartmann zum Parking verluecht. D'Buvette gëtt geréckelt, an de Vestiaire gëtt verbessert. Fir d'Leit, déi ronderëm wunne kréie mir e Sicht- an e Lärmschutz, an Dir gesitt et och an den Investier, dass méi an d'Sécherheet vun dëser Schwämm investéiert gëtt. D'LASEP, e flotte Projet dee mir säit Joren zesumme ma Claudine Goergen zu Diddeleng lancéiert haten. Et sinn och dëst Joer 150 Kanner ageschriwwen, déi zweemol d'Woch Sport kënnen maachen, an och zousätzlech nach bei 8 Aktivitéite landeswäit deelhuele. Eis Sportskommissioun schafft gutt a flott zesummen, onofhängeg vun der Parteikaart, bzw. dem Trainingskostüm vun de jeeweilige Veräiner, dee se mol unhunn. An der Sportskommissioun si mir ganz neutral fir de Sport zu Diddeleng, an dat klappt ganz gutt. Dir hutt et matkritt, d'Sportleréierung ass verluecht gi well den F91 e sensationelle Parcours an der Europaligue gëschter - iergendwéi schonn erfollegräich an awer och mat e bësse Pech - gëschter ofgeschloss huet. Sou dass mir d'Sportleréierung den 7. Februar d'nächst Joer hunn, wou dann déi 320 Laureate kënnen geéiert ginn. Sportsveräiner lieue vun der logistescher Hëllef, déi se vun eis kréien. Si sinn awer och frou, wa

se Subside kréien. D'Subsiden, déi gesitt Dir opgelëscht an den Dossieren, sou wéi mir dat am Fong geholl och déi lescht Jore kennen. Do ass och vollst Akzeptanz vun eise Veräiner an Associatiounen erëmzefannen. Net nëmme Sportsveräiner profitéieren vun dëse Subsiden, mee och Fräizäit- a Kulturschaffend, an domat hunn ech den Iwwergang op d'Kultur gemaat. D'Subside vum Staat sinn an d'Luucht gaangen, dat ass lech bestëmmt opgefall. An dee Surplus dee mir do kritt hunn, deen investéiere mir direkt an d'Programmation, also direkt an d'Kultur hei zu Diddeleng. Kultur ka ganz flott a beweegend sinn an awer och kritesch.

Och Kultur bréngt Leit zesummen an erlaabt de Leit e bëssen Distanz vum Alldagsstress ze kréien. Hei Opderschmelz, eiser lokaler Kulturfabrik, do gëtt permanent op héchstem Niveau geschafft. Déi nei Equipe huet sech lues awer sécher fonnt, déi ass richtig op Toure komm, an deen Elan huele mir mat. fir d'nächst Joer an deem Sënn weiderzemaachen. Dir wësst nieft dem Centre Opderschmelz hu se och nach d'Galleries d'Arten, eis Residenzen, d'Festivallen an och den Hall Fondouq ze geréieren. Och do e puer Statistiken, fir ze erläuteren, wéi opwänneg de Service muss funktionéieren. Wann ech elo d'Occupation vun de Säll huelen, nieft de Spektakele selwer, also de Montage kënn do derbäi, den Demontage an och déi verschidde Repetitiven. Dann hu mir 218 Deeg, wou do d'Säll op der Schmelz occupéiert waren. Gréisstendeels gëtt natierlech vun eis selwer organisiert. Awer och en Deel vun den Eventer déi do stattfannen, mir nennen dat „Event Citoyen“ dat si Citoyenen, déi dann dee Sall do brauchen, fir Konferenzen oder Generalversammlungen oder Anleches do ze maachen. Awer och aner extern Kulturschaffend hunn och e Véirel vun de Säll genotzt. D'Frequentation ass an d'Luucht gaangen, dat hutt Dir och bei de Recettë gesinn, virun allem beim Volet vun de Payanten, bei den Ticketen, déi mir verkaf hunn, hate mir dëst Joer e klengen Hoff konnte maachen. Gratis fir eis Diddelenger Schoulkanner. Dat ass och e flotte Projet, dee mir säit Jore lancéieren, dass Kanner vu klengem u mat Kultur a Kontakt kommen. Mir haten z.B. ee flott Kannertheaterstéck den „Ei, ei, ei“ an do hunn net manner wéi 170 Diddelenger Kanner kënnen dovu profitéieren, wat sécherlech e flotten Erfolleg ass. Och de Kulturpass ass natierlech zu Diddeleng ukomm. An dëst Joer hate mir 35 Leit, déi dovu profitéiert hunn.

Mir hunn hei d'Chance fir e regionale Kulturcenter ze hunn, deen déi ganz Diversitéit vun der kultureller Palett de Leit ubitt. No am Zentrum, an der Proximitéit, hei zu Diddeleng. Do kritt ee klassesch Musek bis Blues presentéiert. Sing a Songwriter bis Worldmusek gëtt do presentéiert. Jazz dierf natierlech zu Diddeleng net feelen. Mir hunn eng gutt Renommée iwwert d'Grenzen



eraus. Hei kann een déi eng oder déi aner Vedette appreciëieren, et kann een awer och interessant Decouverté maachen, an och déi eng oder aner Knosp entdecken, déi sech an Zukunft dann zur richteger Blumm kann entwéckelen. Den Jazz-Machine, deen ass fest verankert an der Kulturlandschaft iwwert déi Lëtzebuenger Grenzen eraus. A mir sinn och houfreg op dësen Event.

Theater gëtt och reegelméisseg presentéiert. Do si mir och frou, dass mir ëmmer erëm eng flott Zesummenaarbecht mat eisem lokale Lycée, mam LNB hunn, fir och do d'Jugend an dee Kulturtempel ze bréngen. E flotte Partner ass natierlech och in house mat eiser Museksschoul, wou mir säit Joren och de Projet „Nos interprètes“ hunn, deen och vill Succès huet. A Literatur dierf natierlech och do net feelen. An dem Dossier vun dem Budget fannt Dir och e mëttlerweil bekannte Partner mam Atelier D erëm, déi an där Linn och wäerte weitermaachen. En neie Partner ass do derbäikomm, mat Bombix. Do wëlle mir och Workshopen an Optrëter mat hinnen zesumme plangen. Bombix, dat ass en Diddelenger Theaterkollektiv, dee sech lo och do wëll e bësse mat eiser Hëllef lancéieren. Projeten 2022 ginn natierlech och weiter begleet an entaméiert. Och do mat lokale Partner, de CNA, de Centre Doc, d'Museksschoul, les Amis de l'Orgue, Transition Minett, fir nëmmen déi ze nennen. Oder Sequanda, och nach e flotten externe Projet.

Wat hu mer nach d'nächst Joer virgesinn? Vlächcht nach déi eng oder aner Kiischt erausgepickt: d'Tina Dico wäert an der Programmation erëmfanne sinn, d'Celtic Legends, Das Kapital am Jazz ass natierlech en gewëssenen Highlight, de Randy Hansen, op dee freeë mer eis och, an dee flotten neie Projet Dudelounge, deen sech wierklech bewäert huet, fir an engem flotten, intime Kader do déi Programmation ze genéissen. Dat wäerte mir och weiterféieren. Eng Rei vu Konferenze wäerte weitergefouert ginn. Émsou méi, wou de Festsall nach an der Aarbecht ass, sou dass mir do nach e bësse müssen iwwerhuelen, fir dat auszebalancéieren. Lëtzebuergesch Artisten, dofir si mir als lokale Kulturcenter och do, wäerten och erëm déi Bün kënnen notzen. Och do vlächcht mol e puer ernimmt, déi d'nächst Joer wäerten optrieden: d'Claudine Muno, Teleport, Sven Sauber oder awer och de Pol Belardi wäerten do d'nächst Joer sech presentéieren. Festivallen natierlech och, déi déi mir zu Diddeleng mëttlerweil scho kennen. An och an eise Centres d'Art, do gëtt weiterhi vill Flottes presentéiert. Och do ass et engersäits de Mix tëschent Lëtzebuenger an net-Lëtzebuenger, confirméierten an och neien Artisten, déi do d'Méiglechkeet hunn, sech engem breede Public ze weisen. D'Kulturkommission ass och ganz aktiv, an do wollt ech dem Martine Bodry-Kohn Merci soe fir dat flott Engagement an eng ganz flott Kolla-

boratioun mat eisem Kulturservice an ech sinn och sécher, dass d'Martine do herno nach e bësse wäert drop agoen. Mir haten e ganz flotten Austausch mam Kulturministère, wou och déi aner national Acteure präsent waren. Dat war u sech eng ganz flott Initiativ, fir sech do mol eng Kéier ze begéinen. Do sinn eng Rei vu flotte Sujeten an déi Ronn geheet ginn. De Pacte Culturel ass ugeschwat ginn, de Pluriannuel vun der Konvention, firwat och net e Kulturlabel... Ganz flott a spannend Begrëffer. Den Här Kox huet eis do och ganz kloer gesot: „Mir müssen iech méi ënnerstëtzen, an d'Produktion besser honoréieren.“ An Zukunft huet e vun enger eventueller Tripartite geschwat, wou Centre Culturel, de Ministère an d'Gemeng sech kënnen begéinen. Dat ass am Fong geholl dee Wee, wou mär zu Diddeleng scho säit Jore ginn. Ech mengen et ass e Gemengeservice, wou mir hei hunn als Kulturservice, sou dass mir och do an deem Sënn schonn eng gewësse Virreiderroll haten hei zu Diddeleng, an trotzdeem si mer gespaant, wéi dat do ka weidergoen.

Voilà. Kultur. Bibliothék. Op déi regional Bibliothék zu Diddeleng si mir ganz houfreg. Dir wësst et, déi lescht Jore gëtt een do och vum Mobilier ganz open a frëndlech empfangen an och vun engem ganz engagéierten a kompetenten Team erwaart bei der Entrée. Et muss ee soen, dass mir do e flotte Succès hunn. Wann ech do vlächcht kuerz d'Chifferen erwänen. Do hate mir knapp ënner 9 000 Visiteure bis den 1. November an och 3400 Emprunten, wat wierklech ganz ganz vill ass, an och 360 nei Memberen an där Period. De Projet E-Book dee mir zu Diddeleng am Pilotprojet mat lancéiert hunn, huet ëmmer nach Bestand an och e gewëssene Succès. Et kann ee soen dass mir 33 600 Titelen an eiser Bibliothék zu Diddeleng hunn. D'Luxemburgensia ass do e wichtege a grouse Volet dovun. 2020 wäerten se erëm beim Kanner-Bicherdag derbäi sinn, awer och Geschichtenerzielunge wäerten erëm stattfannen. Mir hunn och e flotte Projet an der Journée du Livre an den Droits de l'Auteur, wou Musek a Literatur matenee verbonne ginn. Eng ganz Rei vu Lecturë wäerte stattfannen an natierlech och a Kollaboratioun mat de Schoulkanner. Och hei ginn d'Aktivitéiten haaptsächlech fir Kanner a Famillje Samdes Moies och weitergefouert.

E weidere flotte Partner dee mir hei um lokalen Terrain hunn ass de Centre de Documentation sur la Migration Humaine. Och déi ginn natierlech erëm ënnerstëtzt, wéi Dir et am Dossier erëmfant, an do sinn net nëmme vill Studenten, déi dovu profitéiere fir hir Recherchen ze maachen, mee och mëttlerweil ass de Centre Doc oppe gi fir de grouse Public. Dat hutt Dir ëmmer erëm festgestallt wann Dir do op hiren Ausstellungen sidd. D'nächst Joer ass d'Suite vun der Expo Capellari-Lang. Wann déi da fäerdeg ass, da gëtt am Mäerz un der



nächster Ausstellung geschafft, déi dann ass iwwert d'Präsenz vun de Russen hei zu Lëtzebuerg vun 1918 bis 1940. An am Hierscht geet et weider mat der afrikanescher Trace hei zu Lëtzebuerg. Ganz flott Sujeten, déi do op eis waarden, an déi op eng flott an animéiert Aart a Weis eis wäerte presentéiert ginn. Och si hunn e Projet agereecht fir 2022 a wäerten natierlech dorobber schaffen. Si wäerten sech och freeë fir d'nächst Joer hir Archiven an de Quartier Italien kënnen ze plënnere, déi nei Crèche wou mir virgesinn hunn an och si schaffen un hirem Internet, fir hir Attraktivitéit no baussen nach ze erhéijen.

D'nächst Joer wäerte mir och hei zu Diddeleng vill Feieren a Fester a Manifestatiounen hei hunn. Dir gesitt et virun der Dir, déi eng ass nach net richtig fäerdeg, a scho ginn déi nächst geplangt, sou wéi een dat hei zu Diddeleng gewinnt ass. Fester a Manifestatiounen, déi sinn iergendwou den Taktgeber fir de Bols vun enger lieweger Stad, an dofir si mir frou dass mir déi Joer fir Joer kënnen presentéieren. Och do komme ganz vill Leit zesummen, fir ofzeschalten, fir ze schnëssen, Spaass ze hunn an sech och kennenzeléieren. Bei deene Manifestatiounen an Eventer sinn eis lokal Veräiner ganz enk mat agebonnen. Mir loosse se matmaachen, sichen de Dialog an de Benevolat gëtt och hei ënnerstëtzt. An zesumme sollen déi Fester nach méi nohalte ginn. An den Anti-Gaspi Gedanken, dee gëtt hei ganz eescht geholl. Viru kuerzem e flott Beispill a mengen Aen, dass sou eng ganz flott Traditioun wéi de Kleeschen, och deen eelere Här huet et dëst Joer fäerdeg bruecht, déi Tuten ze verdeelen an enger biodegradabler Emballage-Form, wou och den Inhalt ganz nohaltege emballéiert ass an nëmme Fair trade a Bioproduiten dra waren. Dat si kleng Akzenter, déi ee setzt, an deem dote Kader. E gréisseren Akzent ass rëmfanne mam Dossier mat 30 000 €, wou mir d'Bechere leasen, just fir d'Fête de la Musique, also och do gesäit ee wéi komplex an deier sou flott Projeten dann trotzdeem sinn. Nieft dem Spaassfaktor gëtt awer och d'Qualitéit vun deenen Eventer héich gehalen, an d'Sécherheet ass ganz kloer um Rendezvous. Eis Kiermessen an eis Mäert si ganz beléift vu Familljen an all deenen aneren, déi reegelméisseg do erëmfanne sinn. A bei all deenen Eventer a Manifestatiounen probéiere mer och maximal logistesche Hëllef deene Leit, déi um Terrain täteg sinn, entgéint ze bréngen. An als Gemeng an als Service gi mir och do richtig Gas fir maximal Disponibilitéit ze ginn. Et muss een och soen, datt alles, wat do ronderëm ass, ech hat d'Sécherheet ugeschwat, an awer d'Publicitéit an d'Kommunikatioun, och all Joers méi deier gëtt, wat sécher e weideren Challenge fir déi Servicer ass.

Jo, de Volet Biergerbedeelegung ass am Fong geholl schwéier als eenzelne Punkt erauszehuelen. Dir hutt

et elo matkritt a menger Interventioun. Am Fong an allen eise Beräicher ass Biergerbedeelegung en Thema. Mir sinn iwwerall no beim Bierger, no bei den Associatiounen, a bei de Veräiner gëtt de Kontakt gesicht. Nieft de reegelméisseg Kontakter déi och de Citoyen mam Schännerot huet, ka jidderee sech awer och soss bei eis mellen. Sief et bei de Permanenzen oder iwwer Telefon, Mail, Courier oder iwwert d'Sekretariat. Entweder mellt de Bierger sech direkt bei eis oder eben iwwert déi flott Quartierskomiteeën, déi an Diddeleng verspreet sinn an do eng ganz aktiv Roll iwwerhuelen. De Projet Biergerrot deen ass lancéiert ginn dëst Joer. Deen nächste wäert am Februar sinn. Sou dass mir do déi Schinn agehalen hunn, déi mir proposéiert hunn. De Biergerpanel wäert d'nächst Joer och an d'Liewe geruff gi fir da méttelfristeg e Budget participatif hei zu Diddeleng kënnen ze lancéieren. Vläch e kleng Feedback aus deem éischte Biergerrot, dee mir haten. Oh Wunder! D'Liblingskand vum Lëtzeburger war do Thema Nummer 1: den Auto. D'Mobilitéit ass sécherlech en Thema, wat vill Diddelenger beschäftegt. Awer och de Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren ass ëmmer erëm do thematiséiert ginn. A wat jo beim Biergerrot flott ass, dat ass datt mat engem externe Moderator d'Leit probéieren och konkret Léisunge fir déi verschidde Problematiken unzemolen. An do ass dann awer och rausfonnt ginn, dass dat guer net sou einfach ass, verschidde Léisungsweeër ze fannen. Well et ganz komplex Theme sinn. Beispill Trafick, do si mir sécherlech als Gemeng net deen eenzegen Acteur deen eppes do ka maachen. Do ass deen eenzele Bierger gefuerdert, mee och aner Instanze setzen do deelweis um längeren Hiewel. Also e ganze flotten a spannende Prozess, dee sécher nach wäert weidergedriwwen ginn. Och do fänke mer bei deene Jéngsten a Klengsten un, de Kannergemengerot - wou mer jo mar d'Invitatioun hu fir ze entdecken, wéi eng Kanner déi Walen dëst Joer gewonnen hunn - wäert dëst Joer weider lancéiert, etabléiert an ënnerstëtzt gi vun eis. An och de Jugendgemengerot, wou mir op d'Ënnerstëtzung vum Jugendhaus hu missen zréckgräife fir dass dee weider um Liewe bleift. E war dëst Joer aktiv mat net manner wéi 7 Sitzungen, an och um Familljendag, bzw. um „Be active“ hutt der se gesinn.

Voilà, lo sinn ech bal zum Schluss ukomm. Ech wëll nach kuerz op den SES agoen, e Syndikat wou ech dann och d'Diddelenger Gemeng vertrieeden. Den Invest deen do getäteg gëtt ass virun allem an de Waasserreseauen. Do ginn d'Leitunge reegelméisseg verbessert, bzw. ganz erneiert, fir dass mer weiderhin déi héich Waasserqualitéit kënnen assuréieren. Dir kënnt jo dat haut och feststellen, dat ass frëscht Waasser aus deene Reseauen. Awer och de Sécherheetsgedanken a Kontroll gëtt do ganz héich gehalen. Mir maachen do mat an enger ganz



wichtigen nationaler Etüd iwwert d'Drénkwaasser, wéi de Gebrauch ass vum Particulier mee awer och vun der Industrie. An och beim SES war de Vote vum Budget unanime, ech wëll lo hei net virgräifen. D'Loyerskommissioun zu Diddeleng, do sinn ech President, dofir e puer Wuert dozou. Do ass den Yves Goergen e ganz aktiven an engagéierte Sekretär, deen awer och déi néideg Sensibilitéit matbréngt, well dat sinn delikat Themen, déi do ugeschwat ginn, wann et ëm d'Haus, d'Wunneng, den Daach iwwert engem sengem Kapp geet. Dräi Fäll sinn an der Loyerskommissioun beschwat ginn. Hien hat awer och ronn 20 Telefonater zu deem Thema an och 10 Mol e Kontakt per E-mail. Virun allem sinn et d'Locataire, déi sech do mellen, a ganz rar och vereenzelt mol Proprietären.

Éier ech da lo zum Schluss komme wäert, wëll ech lech drop opmierksam maachen dass dëst Budgetsdocument eng optimal Viraussetzung ass, fir 2020 gutt ze schaffen, an och déi Joren duerno, dass Diddeleng weiderhin eng spannend a lieweg dynamesch Stad bleift mat engem toleranten an nohaltege Charakter. Jidderee kann hei Sport maachen a sech kulturell berisele loosse. Hei kommen d'Leit zesummen, si ameséieren sech, tauschen sech aus. Wéi all Diddelenger Bierger ginn och hei déi Benevole gehéiert an eescht geholl an an déi verschidde Prozesser mat agebonnen. Deemno misst jo u sech jiddereen hei bannen dëse Budget stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Loris Spina fir seng Presentatioun an ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP – SCHÄFFEN) Merci Här Buergermeeschter. Ech géif da proposéieren, dass ech traditionungsgeméis op déi 2 gréisst Ressorten direkt aginn. Dat ass éischstens mol dat Soziaalt, respektiv den Natur- an Ëmweltschutz. Ech fänken dann wéi gewinnt mat dem Sozialen un. Dat ass eist soziaalt Zesummeliewen. Dir wësst, d'Solidaritéit ass hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert. D'Gemeng Diddeleng wäert weiderhin och am soziale Beräich hir Verantwortung droen an iwwerhuelen. Mir hunn hei zu Diddeleng an dem soziale Beräich 4 Pilieren: Dat ass den Office Social, dat ass eise Service Emploi, dat ass eise CIGL, et ass eise Service à l'Egalité des Chances et à la Non-Discrimination. D'Aarmut zu Lëtzebuerg, dat ass alles eng Saach vun der Definitioun. Den Aarmutsrisiko an deene leschte Joren, besonnesch säit Ufank vun der Kris 2008, ass konstant gewuess, a läit elo bei 18,7% bei der Lëtzeburger Bevëlkerung. Besonnesch säit 2011 ass e staarken Trend no uewen ze verzechnen, d.h. ëmmer méi Leit lafe Gefor, an d'Aarmut ofzerutschen. 2011 waren nach 13,6% vun der Lëtzeburger Bevëlkerung

an deem Fall, da si mer, wéi gesot, haut bei 18,7%. Wat Aarmut ass, mengt jiddwereen ze wëssen, eng exakt Definitioun vun Aarmut ass ganz schwéier ze maachen. De Begrëff Aarmut léisst sech net nëmme subjektiv deiten, d.h. all Mënsch versteet eppes Anescht ënnert deem Wuert. Mee d'muss een oppassen, dass d'Aarmut je no Gesellschaftsform, sozial Roll an och Geschlecht fonctionéiert. Ouni déi staatlech Zouwendungen, ewéi zBsp déi sougenannte Sozialtransferten, d'Allocation familiale, de REVIS, de Chômage, wäeren hei zu Lëtzebuerg nach vill méi Leit vun der Aarmut betraff. D'Aarbechtslosegkeet, deiere Loyer, en Unfall, eng Scheedung, eng Faillite, alles dat sinn Ursaachen, firwat d'Leit an d'Aarmut ofrutschen, respektiv firwat d'Leit bei eis an den Office Social Hëllef musse siche goen. Wann ech soen Office Social, da muss ech awer mol soen, dass dat d'Maison Sociale ass, dat muss een am Ganze kucken. D'Maison Sociale, dat ass net nëmme den Office Social, mee do sinn och eis Leit vun der ARIS dran, dat war virun de SRAS, respektiv eis ONNIS-Leit, dat war virun de SNAS, awer och do sinn d'Permanencé vum Service Endettement doheem an och d'Jugendan Drogenhëllef huet do hir Permanencen. Den Office Social, do wëll ech hei op dëser Plaz net am Detail drop agoen, mir hunn dat um Ordre du Jour stoen. Ech ka just soen, dass all eis Leit, déi am Office Social schaffen, eis Assistenten, all Dag relativ vill Aarbecht hunn. Ganz vill Leit, déi se besichen an et alles ganz sensibel an heikel, an ech kann déi Leit nëmme bewonnere fir déi Gedold an déi gutt Aarbecht, déi si do leeschten.

Zum Office Social gehéiert awer och eis Cellule Logement. D'prekär Situatioun um sougenannte fräie Wunnengsmaart ass bekannt. Fir vill Leit sinn d'Loyeren ze héich, respektiv d'Offer vun de Wunnengen ass dürftig. Dofir bedreiwe mir als Gemeng Diddeleng eng aktiv Wunnengsbaupolitik. Zur Zäit hu mir 52 Logementer zu Verfügung. A wann ech soe Logementer, da mengen ech domat Haiser, Apparterementer an och Chambres meublées, dat ass alles an engem Package. 2020 hu mir d'Renovatioun, respektiv de Neibau an der Rue du Commerce virgesinn, wou mir herno 3 Apparterementer wäerten hunn an 10 Chambres meublées. Ech wëll awer och nach drun erënneren, dass mir de Projet mam Veräinshaus nach ëmmer matdroen, d.h. do ginn 2 Apparterementer fir eis fräigestallt an 8 Chambres meublées. A mir hunn nach eng ganz Rei aner Haiser an Aussicht vu Privatileit, sou dass mir do, wéi de Buergermeeschter och gesot huet, net méi derlaanscht komme fir aus der Cellule Logement e Service Logement ze maachen. Am Ament besteet d'Cellule Logement aus 3 Mataarbechter, plus de President vum Office Social an de Sozialschäffen, d.h. 5 Leit bekëmmere sech aktiv ëm déi Cellule Logement. Awer wann ech soen, niewent enger Wunneng, ass och d'Betreiung ganz wichteg, an



dat hëlt am Fong geholl déi meeschten Aarbecht an Usproch, nieft der finanzieller Gestoun, déi mir musse fir d'Leit maachen. Respektiv musse mer och kucken, dass de Stot fonctionéiert, d'Aarbecht am Haushalt, Propretéit, Hygiène de vie, alles dat muss ee permanent am A halen. Dir mengt, dat wär evident, dat wär dat Normalst vun der Welt, mee leider ass dat awer net esou. An et geet ganz vill Zäit an Energie drop, fir kënnen do d'Leit e bëssen ëmzegewinnen.

Da wëll ech un eis Matinée Logement erënneren, déi mir 2018 fir d'éischt haten, a mir hunn eis fest virgehall, dass mir dat all 2 Joer wäerte maachen am Centre Culturel. Dir wësst, dass mir 2018 déi Matinée do haten. Dat war e relativ grouse Succès, wou d'Leit all déi néideg Informatiounen kréien, déi se um Wunnensbaumarché musse wëssen, a wéi gesot, d'nächst Joer wäerte mir erëm sou eng organiséieren. An da wëll ech awer och nach drun erënneren, un eis Cellule de contrôle vum Logement, d.h. eis Kontrollen an de Cafészëmmeren. Do gi reegelméisseg Kontrolle gemeet. Dëst Joer ware 34 Visitten a 25 Etablissementer, d.h. 119 Kummere respektiv 140 Better sinn do kontrolléiert ginn, an och do kann ech iech nëmmen soen, dass mir do all Kéier nees mussen à charge kommen. Wa mir do eng Kéier labberloosse sinn d'Propriétaires erëm an deem alen Trott an d'Leit liewen net méi an deene Konditiounen, wéi mir eis dat virstellen. Wéi gesot, dem Serge Binz an dem Sarah Pétré villmools Merci dass si dat do permanent am A behalen. D'Maison sociale, Office Social, d'Zesummenaarbecht mat dem ARIS, mat der Croix Rouge, Jugend- an Drogenhëllef, Surendettement, mam ISCO, Pro Familia, Cent Buttek a Fréisenger Kleederschaf, alles dat si Partenariater déi mer hunn, a wou mer kënnen eppes Guddes fir d'Leit bewierken. Weider Etappe sinn d'Solidaritéit an d'Zesummeliwien, d'Zesummenaarbecht mat der Aide Familiale, Ënnerstëtzung am Stod, z.B. wann ee krank ass, Ënnerstëtze mer. Subventioun beim Kaf vu Schoulmaterial, de Plan d'Action Canicule, Repas sur Roues, Telealarm, d'Ënnerstëtzung vum Weltbuttek, deen iwwregens d'lescht Joer seng 20 Joer gefeiert huet, de Label Fair Trade-Gemeng. Wat d'Entwécklungszesummenaarbecht ugeet, d'Solidaritéit hält net bei der Stadgrenz vun Diddeleng op, Diddeleng hëllef gëtt ënnerstëtzt, de SPAD - d'Kastratiouenskampagne fir Kazen an Hënn, och dat ass en Thema vu Solidaritéit, do komme mir méi spët nach eng Kéier drop zrëck, an Natur & Ëmwelt, eis Fleegstatioun fir wëll Déieren, och dat hu mer finanziell ënnerstëtzt a wäerten dat och weider maachen, vu dass se lo och weider wäerten ausbauen.

Da kommen ech bei d'Aarbecht, an d'Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet. Eise Service Emploi, d'Gemeng Diddeleng ass nach ëmmer déi eenzeg Gemeng, déi sou e

Service ubitt. 1994 si mir als Pilotprojet gegrënnt ginn, säithier gëtt hei bei der Aféierung vun Aarbechtslosen hei zu Diddeleng eng virbildlech Aarbecht geleescht. Am Ament hu mer 2 Plein-temps Mataarbechter, de Richard Marx an d'Stefania Mangini, a mir hunn um Ordre du Jour stoen, dass mir de Mëtte wäerten nach en 3. neie Mataarbechter astellen. A säit September 2019 hu mir eng nei Mataarbechterin, eng Assistante Sociale, mat engem CDD, fir déi vill Aarbecht ze meeschteren, déi op eis Leit do zoukënnt. 2019 war e komplizéiert Joer um ekonomeschen a soziale Plang fir eise Service Emploi. Dat huet een och op verschiddenen Niveauen ze spiere kritt. Trotz deem grouse Wirtschaftswuesstem, méi héich, wéi an den Nopeschlänner, der Kreatioun vu villen Aarbechtsplazen, ass de Chômage hei par rapport zu 2018 awer nach liicht op 1,8% geklommen. Déi Plazen déi geschafe ginn, ginn ëmmer méi an engem héichqualifizierten Ëmfeld geschaf, notament am IT-Beräich. D'Handwerk sicht natierlech nach verzweiwelt no qualifizierten Aarbechtskräften, bitt awer ëmmer manner Léierplazen un. Dat ass natierlech e grouse Problem fir déi jonk Leit, déi bei eis an de Service Emploi kommen. Ëmmer méi Leit schaffen och an engem Kader vu prekäre Kontrakter. Den Interimair gräift ëmmer méi ëm sech an och CDD-Kontrakter si bal schonn zur Normalitéit ginn. Eise Service Emploi kritt all déi Entwécklungen ze spieren. Et presentéieren sech erëm méi Persounen, déi wéineg qualifizéiert si bei hinnen. An et gëtt ëmmer méi schwéier, fir hinnen eng Aarbechtsplaz, respektiv eng Léierplaz ze sichen. Och eis Initiative Sociale kritt dat Ëmfeld ze spieren. A fir déi komplex Problematik unzegoen, hu mir eise Personalbestand am Laf vum Joer opgestockt, andeem mir déi Assistante Sociale agestellt hunn, fir kënnen déi Aarbecht besser ze meeschteren.

Weider Aktivitéite vum Service Emploi sinn: ënner anerem d'Organisatioun vum Job Day. Mir haten dëst Joer déi 2. Kéier hannerteneen an Zesummenaarbecht mat der ADEM den nationalen Job Day organiséiert, am Centre Culturel. Do waren erëm ronn 500 Chômeuren, déi sech do konnte presentéieren bei ronn 25 Entreprises, déi do hire Stand haten. De Service Emploi huet do d'ganz Logistik, den Oflaf vum Dag koordinéiert, mat eise betroune Gemengeservicer. Sommet Economique, ass 2019 och rëm hei organiséiert ginn, dat ass e Sommet Economique, dee mir all 2 Joer maachen, an dës Kéier war de Minister Dan Kersch op Visitt. Hei invitéieren mir als Gemeng ëmmer déi wichtegst Entreprises, déi um Terrain vun der Gemeng implantéiert sinn op en Austausch. Vertrieeder vun der ADEM a vum Lycée Nic-Biever sinn eebenfalls do invitéiert. Service Emploi : Zesummenaarbecht och mam Lycée Nic Biever, fir hir Journée Pédagogique, Journée des Patrons a Journée de l'Orientalisation ze organiséieren. De Service Emploi huet och eng gutt Zesummenaarbecht mat eisen ARIS-Leit, och



mat der ALJ, Antenne locale pour Jeunes a mam Projet Outreach schaffe si gutt zesummen, sou dass déi jonk Leit sech do kënnen orientéierten. Eis Initiative Sociale. 2004 hu mir déi als Beschäftigungsiddi vum Aarbechtsminister an d'Liewe geruff. A mir haten dëst Joer 36 Leit ënner Kontrakt. Eis Pépinière éco-solaire, dat ass en neie Projet, dee mir d'lescht Joer an d'Liewe geruff hunn. Do hu mer ugefaangen, all déi Planzen ze züchten, déi mir als Gemeengegäertnerei kënnen gebrauch fir herno hei um Gebitt vum der Gemeng Diddeleng kënnen ze planzen a fir eisen ëffentleche Beräich ze verschéieren. Dëse Projet leeft als Beschäftigungsinitiativ am Kader vun enger Konventioun mam Ministère du Travail. Am Ufank sollen hei 3 Chômeurs schaffen, déi ginn encadréiert vun engem Gärtner vun eise Service. Dat leeft dann am Kader vun der Initiative Sociale. Als Fazit kann ee soen: de Service Emploi huet sech bewäert. Wann déi 3. Persoun elo agestellt gëtt, da kënnen mir eis Aktivitéiten och weiterentwéckelen. Formatiounen, Stagen an Encadrement ginn dann e bësse méi intensivéiert. Zënter Jore musse mir awer och feststellen, dass de Verwaltungsofwand vill méi grouss ginn ass. Et muss een Ofrechnungen maachen, Demanden, Rapporten, Organisatioun vu Formatiounen, Budget opstellen, dat hëllt alles ganz vill Zäit an Usproch. Eise Projet ass bei dem ADEM am Ministère ganz gutt ugesinn. Mir kréien ëmmer erëm gesot, dass mir eis effektiv intensiv géife mat eisen Demandeurs d'emploi bekëmmern. Doriwwer eraus probéiere mir si ze forméieren a bei sozialen a familiäre Problemer mat hinnen ze diskutéieren an do Hëllefstellung ze ginn. Da wëll ech nach un eise Projet Chômeurs de longue durée erënneren.

Dir wësst säit dem Juni 2017 hat den Aarbechtsministère e Projet lancéiert, fir de Laangzäitaarbechtslosen eng Aarbecht ze verschafen. De Projet besteet doranner dass d'Gemengen an och d'Gemengesyndikater Leit sollen astellen mat engem CDI an dofir vum Staat kënnen eng finanziell Ënnerstëtzung kréien. 2018 hat d'Gemeng Diddeleng 4 Leit agestellt, 2019 waren am Budget 3 Leit virgesinn a mer hunn 2 Plaze besat. An och fir 2020 ass ee Posten do virgesinn. Den 3. Pilier vun eiser sozialer Beschäftigungsinitiativ ass de CIGL. Haaptzil ass a bleift d'Agglidderung an d'Erëmaglidderung vun de Leit ouni Aarbecht op den Aarbechtsmarché, respektiv an d'Aarbechtswien. An dat 2. ass natierlech och d'Solidarwirtschaft. Wann ech soe Solidarwirtschaft, dann huelen ech do eis 2 Haaptprojeten eraus, dat ass den Diddelenger Coup de main fir Leit ab 60, wou se gehollef kréien, kleng Reparatiouns- an Handwierksaarbechten ze maachen, wou et net ëmmer sou evident ass, dass een en Handwerker kritt an eise Recycler, dee bei d'Leit heemkënnt an all hir Saachen ofhëlt fir herno kënnen op de STEP ze fueren. Ech wëll awer och un de Fauchage tardif erënneren, d'Zones

industrielles Riedgen a Wolser gi vun November a Mäerz vun eise Leit dann do gebotzt. An dann hu mir och elo neierdëngs e ganze Koup kleng Entrepreneuraarbechten an der Cité Jardinière, de Märchepark, de Buerfousswee am Parc Le'h, de Kannerwanderwee, d'Butschebuenger Schoulgäertchen asw. Do si si aktiv, an do hëllef si eise Gemengeservicer do ze botzen an ze raumen.

Den 2. grouse Volet vu menge Ressourcen ass den Ëmwelt- an Energieberäich. Dir wësst dass dat och ëmmer erëm méi dobaussen am Gespréich ass. Ëmweltschutz ass längst net nëmme méi Natur- a Landschaftsschutz. Ëmwelt- an Naturschutz ass eng partnerschaftlech Zesummenaarbecht vun dem Staat an de Gemengen zesumme mat der Wirtschaft, de Verbänn a mat de Bierger. Op lokalem Niveau sinn d'Gemenge gefuerdert, hei eng Virreideroll ze spillen. An als Klimaschutzgemeng an als Standuert vun engem vun de gréissten Naturschutzgebiddern hei zu Lëtzebuerg, d'Haard, huet d'Diddelenger Gemeng natierlech d'Vepflichtung, nohalteg mat eisen natierleche Ressourcen ëmzuegoen, d'Aartevillfalt ze schützen an domat eng aktiv Ëmwelt- an Naturschutzpolitik ze bedriewen. Diddeleng ass a bleift eng Stad mat enger héijer Liewensqualitéit. D'Diddelenger Gemeng muss sech konsequent hirer ökologescher Verantwortung stellen. Et gëllt global ze denken an da lokal ze handeln. Ëmweltschutz geet jiddweree vun eis eppes un. An da wëll ech erëm erënneren, eist Gréngt Haus ass a bleift ëmmer nach déi éischt Ulaftell fir all Ëmweltfroen. An do hu mer 3 Plein-temps Mataarbechter, de Patrick Hoss, de Marco Thorn an Dir wësst dass mir Ufank 2019 mam Jérôme Morbé en neie Mataarbechter agestellt hunn. Hei am Gréngen Haus kritt all Bierger déi néideg Informatiounen zum Thema Natur- an Ëmweltschutz déi hie brauch. Mir hunn och do eng Bibliothék mat Bicher, Magasinnen, Broschüren, wou jiddweree sech kann informéieren, wann hien eppes zum Thema Ëmwelt misst siche goen.

E bësse méi am Detail. Ech hu mir vun eise Service de Bericht 2019 komme gelooss. Dat ass en Dokument vu bal 50 Säiten, mee ech ginn awer dovun aus, dass ech déi 50 Säiten net muss virlesen. An ech beschränke mech dann am Telegrammstil op déi wichtegst Saachen. Fänken natierlech mam Klimapakt un. Luxcontrol huet e Re-Audit 2018 virgeholl an eis Beméiungen am Klimapakt, mat 64,7% offiziell validéiert. Dëst Joer hu mir allerdëngs mat ronn 60% rëm ugefaangen, well och 2019 sinn Bewäertungskriterie vum Moosnamekatalog daitlech rëm verschäerft ginn. An an dësem dynamesche Prozess befanne mir eis am Ament bei aktuell ronn 65%, woubäi eng Rei Moosnamen nach wäerte bäikommen. Ech denken do un d'Ëmsetzung vun eise Subventiounen fir d'Veloen, an nach e puer Auswäertungen vu Verkäiersstatistiken. Sou dass mir da wäerten Ulaft huelen,



d'nächst Joer beim Re-Audit fir kënnen awer eventuell un d'Parametere vun der Goldmedail ze kommen, d.h. 75%. Den Nohaltegekeetsmasterplan, de „Covenant of Mayors“: 2019 sinn do 2 komplett Cycle vum Workshop mat deene verschiddene Servicier a Mataarbechter ofgehele ginn, aus deenen 1. Linne fir den Nohaltegekeetsplang definéiert goufen. Ufanks 2020 soll den 1. Virentwurf vum Nohaltegekeetsmasterplang virleien, an dee soll dann Enn 2020 resp. Ufank 2021 fäerdeggestallt sinn. Energieverbrauch an eise kommunale Gebaier: Do ass beim Energiespuerprojet „Energie light“ vun der Energieberodung Lëtzebuerg encadréiert ginn. Do hu mir 2019 hei am Stadhaus matgemeet, a mir konnten do och ganz gutt Aspuerunge maachen. Stroossebeleuchtung, och 2019. Do sinn eis Stroosseluuchte konsequent op LED-Luuchten ëmgestallt ginn. „Energieparen macht Schule“: dee Projet leeft nach ëmmer voll mat vill Succès. De provisoiresche Bilan vum Waasser- Gas- a Stromverbrauch an eise Schoulen annoncéiert och fir 2019 eng Energieaspuerung. D'Klimabündnis: do hu mer reegelméisseg un de Versammlungen deelgeholl. Diddeleng ënnerstëtzt och säit dësem Joer am Kader vun der Nord-Süd-Kooperatioun en neie Projet, an zwar de Projet MEZIPAK op de Philippinnen, deen d'Eegeversuergung vun de lokale Räisbaueren, d'Ernierungssécherheet an d'Biodiversitéit vum Räissaatgut an d'Upassungsstrategien un de Klimawandel férdert. Energiespueren an den Haushalten. Am Kader vu MyEnergy Info-Point hu mir 2019 32 Berodungen fir Stéit konnten duerchféieren. Solar- an Thermographiekadaster: De Solarkadaster ass bis elo 867 Mol consultéiert ginn, a mir sinn ugangs 2019 vu Sudgaz kontaktéiert gi fir kënnen en Thermographiekadaster ophzehuelen. D'Fro war, ob mir als Diddelenger dorunner interesséiert wäeren. Do hu mir natierlech gréng Luucht ginn. A wann d'Wiederkonditiounen et zouloossen, kënnen mer deen an dësem Wanter realiséieren. An nom Auswäerte vun deenen Donnéeën kritt dann all Interessent d'Méiglechkeet, doropkënnenzréckzegräifen. D'Subventioun fir alternativ Energien, do hu mir 2019 13 Demande rakritt. Et si ronn 24 000 € Subsidien, déi mir ausbezuelt hunn. Dat sinn der e bësse méi wéi 2018. D'Subventioun fir Collecte de l'eau de pluie, do ass och eng Demande rakomm, déi hu mir och ausbezuelt.

An dann d'Journée de Mobilité 2019, wou eise Service écologique zesumme mat der Circulatioun organiséiert huet, do hate mir dëst Joer am Kader vun der Semaine de la mobilité eng nei Aktioun gemeet, wou d'Leit déi den ëffentlechen Transport benotzt hunn op der Gare an am Busarrêt Gemeng si se da belount gi mat Kaffi a Croissant. An am Nomëtteg hu mer an de Citybus-Linnen a Kooperatioun mat der Museksschoul do Busconcerten organiséiert. D'Loftqualitéit: am Kader

vum Klimapakt ginn NO₂-Miessunge zesumme mat der Ëmweltverwaltung weidergefuert. Dës Miessunge ginn op 2 Plaze gemeet: eng Kéier an der Rue du Commerce an eng Kéier um Rond-Point Lëtzebuurger Strooss/Bierénger Strooss. D'Auswäertung fir 2019 sinn awer nach net komplett ofgeschloss. Eis Offallwirtschaft: Do hu mer en Taux de recyclage am Ament bei 60% dat komplett de Critère vun der EU-Direktiv entsprécht. Superdreckskeeschlabel fir d'Betribler: den Centre sportif Hartmann huet deen Label 2019 kritt an eise Service industriel huet den Diplom fir 25 Joer och dëst Joer kritt.

Schoulufanksfest: Do wësst Dir dass mir all Joer am Kader vun der Offallvermeidung eise Primärschoulskanner méiglechst am Cycle 1.1, dat si ronn 220 Kanner, eng Schmierekëscht aus nowuessenden a biologesch ofbaubare biologesche Rohstoffer ginn an och en héichwäertege Bidon, fir hiert Waasser ze drénken. De Floumaart ass den 18. Mee fir d'15. Kéier organiséiert ginn an e konnt e ganz grouss Succès virweisen. Iwwer 79 Stänn waren den ganzen Dag op der Gemengeplaz vertruuden. Faires Frühstück, och dat fënnt ëmmer méi groussen Uklang bei eise Bierger, a mir haten dëst Joer 375 Leit op der Gemengeplaz konnten zervéieren. Fair Trade Gemeng: och 2019 hu mir dee Label kritt. Dee gëtt lo just nach all 2 Joer verginn. Dat heescht, 2020 gëtt deen nächsten Audit rëm do gemeet. Den nationalen Dag vum Bam: dorun huele mir als Gemeng och ëmmer erëm mat deel, mat de grénge Scouten a mat de Soroptimisten, vun deene mir iwwregens ëmmer erëm de Bam vum Joer geschenkt kréien. D'Baumpatenschaften ginn och weidergefuert. Am Ament hu mir 148 Bampaten enregistréiert. An ech gesinn hei bannen e ganz aktive Baumpaten, deen ëmmer mat déi schéinste Beem huet, dat wëll ech awer hei mol betounen.

Naturschutz: SICONA, och do gëtt d'Zesummenaarbecht weidergefuert. Den Heckekadaster gëtt weidergemeet, an d'Ëmweltkommissioun hat 2019 7 Reuniounen. An dann nach just ee Wuert zu de Routinenaarbechte vum Gréngen Haus. Do sinn d'Berodungen vun de Bierger ganz grouss. Genoss vun de Subventiounen fir d'Bierger, Berodungen an Offallfroen, Opstelle vun Offallkalenner, Reklamatiounen wéinst dem Kaméidi huele si entgéint. D'Ausschaffe vun Energie- a Klimatips fir d'Beleegschaft, si maachen d'Gestioun an den Archivage vun de Commudo-Autorisatiounen a si schafen zesumme mat an Aarbechtsgruppe am Klimapakt, ProSud, MyEnergy, Info-Point, STEP a Cellule de coordination NeiSchmelz. An 2020 ginn all déi Projekte weidergefuert. Just ee Wuert zum Klimapakt: Enn 2020 leeft deen intiale Klimapakt aus, an et gëtt och eng zweet Editioun, de Klimapakt 2.0. Eist Zil bleift natierlech Gold Medaille, also op 75% ze kommen, mee



do musse mir 2020 dann awer nach konkret drop hischaffen. D'muss een nach ëmmer un der Festleeung vun de quantitativen Ziler vum Leitbild schaffen.

De Jardin communautaire NeiSchmelz: do musse mer kucken, dass mer dat koordinéiert kréien. Deen aus dem Forum Cité NeiSchmelz ausgeschaffte Jardin communautaire leeft ënnert dem Budget vum Klimapakt. An an deem Beräich, ëffentlech Gäert am Stadgebitt, do ginn et verschidden Initiativen a mir musse kucken dass mir dat d'nächst Joer als e Gesamtkonzept kënnen ausschaffen. Loftqualitéit: An de kommunale Gebaier, de Solar- an Thermographiekadaster, Photovoltaik, alles dat si Saachen, déi ginn 2020 weidergefouert. Stroossebeliichtung op LED eebenfalls. D'Klimabündnis, d'Offallwirtschaft. Do gëtt et awer eng Neierung 2020, war mir do eisen neie Müllcamion wäerte kréien, da gi mir op den Ofwei-System iwwer, op d'Gewiicht. An da musse mer eist Offallreglement 2020 verbessern an ausschaffen, dat dann 2021 soll a Kraaft trieden. Dat gëtt och nawell eng grouss Hausaufgab, déi mer wëlles hunn ze maachen. Awer mir kommen net derlaanscht. SDK-Label fir d'Betribler geet weider, Pakt Anti-Gaspi, Floumaart, Fairt Frühstück, Baumpatenschaften, alles dat gëtt weidergefouert. An am Budget extraordinaire fannt dir d'Moyene fir de Masterplan fir 2020 fäerdeg auszuschaffen.

D'Senioren ass den drëtten vu menge Ressourcen. Senioren, eeler Leit, Diddeleng, dir wësst et, huet e gudden Ambiente, fir dass eis eeler Matbierger sech hei kënnen wuelfillen an e Liewen a Gemeinschaft an Autonomie kënnen féieren. All dat bitt Diddeleng sengen eelere Matbierger. En altersgerecht Liewen ze garantéieren ass a muss eent vun eisen Ziler sinn. Diddeleng verfügt iwwert all déi Moosnamen. D'Seniorengeneration hält eng wichteg Plaz an der Diddelenger Gesellschaft an. De Club Senior, d'Diddelenger Haus fir Senioren, ass natierlech dat Haaptgebai wou dat alles zesummeleeft. Zënter 16 Joer ass de Club Senior aus dem Gemeindegewien net méi ewechzedenden. Iwwer 2000 Clienten si bis elo schon do passéiert fir bei deene proposéierten Aktivitéiten matzemaachen. A wann ech soen Aktivitéiten, da betrëfft dat net nëmme Gesellegeket, mee och Weiterbildung, Berodung, Informatioun. Fir eeler Leit Begegnungsangebote, kulturell Angebote, Organisatioun vu sozialen a multikulturellen Aktivitéiten, a wéi gesot, och dat gesellegt Beisammensein soll do net ze kuerz kommen. Selbstverständlech sinn do och intergenerationell oder interkulturell Projeten mam Jugendhaus, mat de Schoulen a Maison Relais. Alles dat gëtt do ugebueden.

De Senior Plus, do wëll ech drun erënneren, dass mir eng Zesummenaarbecht hu mat Hëllef Doheem. Dee Service gëtt nach ëmmer ugebueden. Do geet et drëm,

fir de Leit ab 60 hir Autonomie ze stäerken an ze verhënnern, dass se d'Gefill kréien eleng gelooss ze ginn. Senior Plus gëtt Rotschléi a fachkundeg Ënnerstëtzung fir d'Senioren. An d'Diddelenger Gemeng subventionéiert do déi éischt Berodung gratis, dat an engem Zäitraum vun 2 Joer.

De Flexibus, e Bus op Demande fir eis eeler Matbierger ab 60, dee funktionéiert och op dem Territoire vun der Gemeng Diddeleng. An dann eng Dénegschtleeschung säit 1975, de Repas sur roues, e Service net nëmme fir eeler Leit, ma och Leit mat engem Handicap, oder déi krank sinn oder déi en Unfall haten an net méi kënnen selwer kachen. Déi kënnen dee Service an Usproch huelen. An ech hu mir soe gelooss, dass bis elo, am Joer 2019, 93 Leit pro Mount dee Service an Usproch geholl hunn. Telealarm ass e Service dee mir hei zu Diddeleng säit 1991 ubidden. Mir hunn do 2 Ubidden, den Help a Sécher doheem, an am ganze profitéieren am Ament 297 Leit vun deem Service. Wéi gesot, de CIGL mat senge Services de proximité, och fir eeler Leit de Coup de main, do hate mir 874 Interventiounen. An de Recycler hat 234 Interventiounen am Laf vum Joer 2019. Eng weider Infrastruktur um Gebitt vun der Stad Diddeleng ass eist Altersheim, de Foyer de Jour vun der Croix Rouge. D'ALA Dagesstätt an och de CHEM mat senger geriatrescher Abteilungen, an net ze vergiessen, eise Fitnessparcours am Schnauzelach, souwéi eis Veräiner, déi an deenen Domainen aktiv sinn, wou mir och weiderhi finanziell, materiell a logistesche Ënnerstëtzung wäerte ginn. An dir fannt och am Budget dëst Joer en éischt Tranche fir en Droit d'admission prioritaire an der Maison de Séjour et de Soins um Goldknapp. Do fannt Dir 30 000 € erëm. Do si mir ugeschriwwen ginn, wéi och ganz vill aner Gemengen, ob mir eis géifen do en Zëmmer reservéieren, fir wann eng Kéier Leit dat missten hunn. An d'Diddelenger Gemeng huet sech dann do och een Zëmmer reservéiert.

Hygiène a Propretéit, dat ass en anert Thema wat mer och relativ vill Suerge mécht. Mat dem Wuesstem vun eiser Stad an der positiver Entwécklung vun eiser Bevëlkerung stellen sech och nei Erausforderungen an Ufuerderungen un eis Gemeng. Nei Ufuerderungen un d'Propretéit an d'Hygiène. Ëffentlech Plazen, Parkanlagen, Trottoiren a Stroosse muss gefleegt a geheegt ginn, mussen an engem propperen an akzeptablen Zoustand sinn. Jiddweree soll säint zur Aktioun „Proppert Diddeleng“ bäidroen. Eis Gemengeservicer hu mir verstärkt fir d'Propretéit an der Gemeng ze garantéieren. Mir hunn am Ament +/- 35 Leit all Dag um Territoire vun der Stad Diddeleng, fir dass mir déi Propretéit kënnen garantéieren. Weider ginn Investor gemeet an d'ëffentlech Toiletten an och fir Muppentoiletten. An 2020 kréier mer en neie Müllcamion bäi, fir déi Erausforderungen,



déi mi gestallt kréie kënnen zemeeschteren. Gas, Waasser Kanalisatioun, och an deem Beräich gi konsequent Efforte weidergemeet. Ofwaasserentsuergung, Kanalwiesen, am Sënn vun Ëmweltschutz an och Preventioun vun Iwwerschwemmungen. Eisen Ofwaassersystem gëtt permanent erneiert an och ausgebaut.

A dann nach e ganz kuerzt Wuert zu eise Syndikater. De SIDOR, e Syndikat, deem 1979 gegrënnt gouf, deem 2016 seng 45 Joer gefeiert huet. 34 Membergemenge sinn do vertrueden, d.h. 381 000 Awunner, d.h. bal zwee Drëttel vun der Populatioun sinn am SIDOR vertrueden. Dat ass eng héichmodern Müllverbrennungsanlag wou 70% vun eisem Offall am Joer do verbrannt gëtt. D'Kapazitéit vun 165 000 Tonnen, déi 2010 moderniséiert ginn ass. An ech kann iech elo scho soen dass den Tonnagepräis och 2020 onverännert wäert si par rapport zu de leschte Joren. Minettkompost, do ass et e bëssen anescht. Deen ass gegrënnt ginn 1993, an dëst Joer konnte si hir 25 Joer feieren. Dat sinn 21 Membergemenge mat 220 000 Awunner. Do gi 35 000 Tonnen organeschen Offrall am Joer gesammelt. Et ginn 9 500 Tonne Kompost am Joer produzéiert. Et gëtt awer och 1 250 000 Kubikmeter Biomethan an och 10 000 Kubikmeter Holzhackschnitzel. De Budget 2020 ass nach stabil. Mee do kommen och an Zukunft, dat wëll ech net verheemlechen, nei Erausforderungen. Mir si kontaktéiert gi vun der Stad Lëtzebuerg, déi do och wëll Member ginn am Minettkompost. A mir maachen eng Konventioun mam SIEDEC. Dir hutt warscheinlech an der Press scho gelies, dass all déi Gemenge vum SIEDEC och op eng gréng Tonn ëmstellen. An de SIEDEC huet beim Minettkompost ugeklappt fir kënnen do alles ofzeliwweren. Dat géif bedeiten, wa mer dann géifen d'Stad Lëtzebuerg mat dem SIEDEC bäikréien, da wäere mer op enger Awunnerzuel vu 450 000 Leit, déi do wäerten hire Biomüll afliwieren. Dat bedeit selbstverständlech, dass déi besteeënd Anlag muss vergréissert ginn, respektiv déi al gëtt moderniséiert a renovéiert. Alles dat wäert am Budget fir déi nächste Joren op eis duerkommen.

De STEP, dir hutt am Budget och dozou d'Zuele fonnt. 1979 gegrënnt ginn. D'Gemenge Beetebuerg, Rëmeleng, Réiser, Keel an Diddeleng sinn do vertrueden. 2005 ass de STEP ganz erneiert ginn. Awunner wäerten et 95 000 sinn. De Budget 2020, deem ass e bësse méi héich wéi gewinnt, dat hutt Dir bestëmmt gesinn, wéi dir är Zuele gelies hutt. Firwat ass dat sou? Ma eis Kläranlag zu Peppeng gëtt ausgebaut, respektiv vergréissert. Virun allem eis Garagen an eist administratiivt Gebai gëtt verstärkt. An deem dëckste Montant ass virgesi fir de Kaf vum Terrain zu Téiteng. Dir wësst dass mir do als STEP gelount hu vun der Arcelor, an d'Arcelor verkeeft elo de ganzen Areal un d'Gemeng Téiteng, respektiv un de STEP. An do musse mir déi néideg Moyene

virgesinn, fir kënnen deem Terrain ze kafen an dann gëtt dee moderniséierte Recyclingspark, dee mir d'lescht Joer ageweit hunn, dee kënn dann an eis Propriétéit a mir kréien deem och da vergréissert, well mir nach méi Terrain wäerte kafen. Och den Ausbau vun enger 4. Stuf op der Kläranlag zu Peppeng muss virgesi ginn. Dofir musse mir eis déi finanziell Moyene ginn. An dann de SICONA, do hu mer 1989 gegrënnt, do si mer säit 2001 dobäi. Do sinn 21 Gemenge vertrueden. Och do ass de Budget liicht an d'Luucht gesat ginn, ënner anerem zum Thema Biodiversitéit. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci dem René Manderscheid fir seng Presentatioun, an da ginn ech weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN)

Merci Här Buergermeeschter, ech wäert elo op meng verschidde Beräicher agoen, ech wëll awer elo schonn - den Här Buergermeeschter huet et jo zwar scho gesot - d'Joer 2020 wäert fir d'Kannerbetreung, d'Familien an den Enseignement bei eis eng grouss Roll spillen. Et sinn zwar lafend Projeten, trotzdeem sinn dat Projeten, déi dëst Joer fäerdeg ginn an dofir wëll ech awer nach e bëssen iwwert déi Projete schwätzen. Ech fänken u mam Bildungshaus, wat mir och rëm eng Kéier mat 6,5 Milliounen am Extraordinaire drastoen hunn. D'Bildungshaus ass d'Schoul, déi am September wäert opgoen. Mir hunn de Moment den Aarbechtsgrupp en place, déi scho während 5 Joer schaffen, an elo komme mer an den Endspurt an do muss ech soen: Merci fir déi vill Aarbecht! Mir wäerten am Bildungshaus och ufänke ma alle Cyclen. Si hunn decidéiert, dat se am Bildungshaus cycle-iwwergräifend wäerte schaffen, doduerch kënne mer dann och all Schouklasse ubidden.

De Précocé, dee spillt och eng grouss Roll. Dee kënn och dohinner an der Ganzdagsbetreung. Mir wäerten awer och de Précocé do mat Mëttesdësch kënnen ubidden. D'Maison Relais, ech mengen d'Kantin, dat wäerten och 180 nei Plaze sinn. Wann ech lo d'Liste d'attente géif kucken, da géif ech soen, mir kréien elo de Gros ënnerdach a mir wäerten do kaum nach Liste d'Attenten hunn. Wat awer mengen ech dat Flottst ass, a wou mir vill ëmmer erëm iwwer Inklusioun schwätzen an an de Schoulen, do wëll ech soen, datt mir dann ab September och déi 3 Logopediesklasse wäerten zu Diddeleng hei hunn. Dat heescht, dat sinn normalerweis Cycle 1- Kanner, ganz kleng Kanner, déi si bis elo op Stroosse gefouert ginn. Déi wäerte mer dann ab der Rentrée hei zu Diddeleng kënnen empfanke. An dat ass eppes, wou ech mech immens driwwer freeën, dass déi Kanner eng besser Qualitéit hunn an net annerhalef Stonn hin- an hir musse gefouert ginn an d'Stad. Bon, d'Produktiounskichen, mir hate schonn doriwwer



geschwat, dat wäerte 400 Menüe sinn. Wat eis och natierlech ënnerstëtzt an deenen anere Gebaier.

D'Bildungshaus eleng, ech mengen dat ass e grouse Moment, wa sou eng Schoul opgeet. Dat wäert awer och trotzdeem all déi Gebaier ronderëm entlaaschten, wéi de Brill a virun allem de Strutzbiereg, well mer do mat de Ressorts scolaires kënnen verschidde Stroossen an d'Bildungshaus schécken. Och am Précocé Lenkeschléi a Waldschoul wäerte verschidde Klassen entlaascht ginn. Da wëll ech, deen 2. Volet, wou mir jo amgaange sinn, dat ass natierlech d'Maison Relais am Ribeschpont. Och do hu mir 4,6 Milliounen drastoen. Do kommen 170 Kanner an d'Maison Relais. An och do wäert de Précocé derbäi si mat der Ganzdagsbetreueg an dem Mëttesdësch. Wat ganz flott ass an der Maison Relais Ribeschpont, dat sinn déi 3 Schouלקlassen, déi do dra sinn. Dat ass eppes wat relativ exceptionell ass, well mer et ëmmer deen ëmgedréintene Wee maachen oder awer an zwee verschiddene Gebaier. Hei ass et sou, datt déi 2 direkt d'office zesummen am Gebai si wéi och am Bildungshaus Lenkeschléi. Wat nei am Budget ass, dat ass natierlech de Mobilier, d'Photovoltaikanlag, den Traffo an och d'Naturspillplaz, déi och bei der Maison Relais soll kommen, vu que datt mir am Ribeschpont déi jo och schonn am Schoulhaff hunn. De Bau, dee gëtt Ufanks 2021 fäerdeg. Och dat ass dann e grouse Schratt an d'Richtung vun der Kannerbetreueg. D'Zesummenaarbecht, an dat wëll ech och eng Kéier hei ervirhiewen, d'Zesummenaarbecht tëschent dem Enseignement an de Structures d'accueil, souwuel am Bildungshaus wéi och am Ribeschpont ass exzellent. Ech muss soen, et ass sou wéi de Minister dat och an der Circulaire virgeschriwwen huet, déi Gebaier sollen zesumme genotzt ginn, net nëmme vun deem engen oder deem aneren. An da wann d'Vakanze sinn, da stinn d'Schoulen eidel. Hei geléngt eis déi duebel Notzung an och déi Zesummenaarbecht ass exzellent an deenen zwee Gebaier.

Vläicht just eng kleng Remark zum Précocé, well ech weess, dass déi Fro d'nächst Woch kënnt. Mir hunn, well jo ëmmer sou vill geschwat gëtt: „Firwat hutt der net vill Kanner am Précocé?“ Ech mengen do ass eng Ëmfro gemaach gi bei deenen 78 Leit déi d'lescht Joer hir Kanner net ageschriwwen hunn. Do krute mer 37 Retoure vun de Leit, an do wëll ech awer soen, datt 22 Leit dovunner geäntwert hunn datt hir Kanner an der Crèche sinn, sou datt si se net raushuele wëllen aus der Crèche an dann an de Précocé an dann an d'Spillschoul. Bon, Verännerunge kommen trotzdeem sécher, wa mir de Mëttesdësch opmaachen. Do wäerte dann awer dann eng Rei Kanner bäikommen. Bon, den drëtten Volet ass natierlech d'Crèche am Quartier Italien. Och déi ass erëm dra mat den Alentouren an och mam Gebai selwer mat 870 000. D'Alentouren nach eng Kéier: An da kënnt

nach 370 000 € Mobilier derbäi. Wat awer e relativ héijen Invest ass, vis-à-vis vun der Maison Relais, wou de Mobilier net sou héich ass. Ech muss awer allerdéngs soen, a Crèche, do muss ee ganz aner Saache kafen, wéi an enger Maison Relais. Och dee Bau gëtt Enn des Jores fäerdeg, an och do wäerte 50 Plaze bäikomme fir eis kleng Kanner.

Dann aner Investitiounen. Och do hat den Här Buergermeeschter et gesot, mir maache wéi all Joer, mir investéiere weider, och an eis besteeënd Gebaier, fir datt och alles an der Rei ass. An do sinn d'Sanitëranlagen am Brill dran, mat 760 000 €. Dat ass e ganz héijen Invest fir Sanitëranlagen. Dat sinn éischstens 3 Stäck, wou d'Sanitëranlage frëschgemaach ginn. En plus ass et e relativ schwierigen Dossier, well dir musst iech jo och nach mat Sites et Monuments ofschwätzen, wou een da waméiglech sou vill wéi méiglech Plättercher an och alles erhalen soll. Ech soen awer och do Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht. An och dat wäert dann elo gemaach ginn. Wat nach gemaach gëtt am Brill, an dat ass jo eng, och eppes wat mir iwwerall maaachen. Mir hunn dëst Joer Butschebuerg ageriicht. Mir wäerte och elo, direkt Ufanks des Joers, de Brill handicapéierte-gerecht ariichten, well mir och do erëm e Kand hunn, wat eventuell misst deen Accès garantéiert kréien. D'Schoul Strutzbiereg, den A, natierlech den Daach, deen do neigemaach gëtt. Ech wëll et lo mol einfach soen, et ass wierklech eng Noutwennegkeet. Well wa mir wëssen, iwwert de Summer iwwer souzen do d'Kanner a ganz héijen Temperaturen an de Schouלקlassen. Sou profitéiere mir elo dovun, wa mir den Dag neimaachen, et kënnt eng Isolatioun drop. Da maache mir och eng Klimaanlag, fir datt déi Kanner och an Zukunft kënnen a gudde Konditiounen Schoul halen. De Ribeschpont, den Daach, 82 000 €, dat ass eng Reparatioun, déi am Fong normal ass bei sou engem besteeënd Gebai. No 15 Joer muss een do awer erëm dran investéieren. Maison Relais Schwämm, do ass et de Buedem, deen nei gemaach gëtt an dee gëtt iwwert d'Summervakanz nei gemaach. Dee Buedem um 1. Stack, deen ass an engem ganz schlechten Zoustand, et ass Holzbuedem, mee leider kënne mer en net erhalen, mir kënnen net eenzel Brieder eraushuelen. En ass ageluecht, mir müssen e wierklech komplett erausrappen an neie Buedem maachen. Wat dann nach op eis duerkënnt, all Joer ëmmer méi, dat sinn d'Acquisitiounen vun audiovisuellem Material an och informatesch Ekipementer. Déi kaschten eis dëst Joer 125 000 €. Dat ass och éischstens méi Budget wéi all déi Jore virun, well mir jo natierlech Gebaier bäikréien, dat kascht eis all Kéiers erëm en Invest, e relativ héijen Invest.

An dann ass och eng Recommandatioun komm vum Ministère wat d'informatesch Ekipementer ubelaangt,



an ech muss soen, mir sinn eigentlech doduerjer, dass mir ëmmer iwwehall konsequent investéiert hunn relativ gutt. Nach verzicht de Ministère op eenzel Medieraim, informatesch Raim, a wéi gesot, do schaffe mir och weider drun. De Wifi, d'I-Padden an den Internet, dat hu mir méttlerweil och an all Schoul. Och déi kënnen alleguerte vun den neie Medie profitéieren.

E Projet dee ganz spontan entstanen ass, dat ass de Verkéiersgaart op NeiSchmelz. Ech muss soen, dat ass e ganz flotte Projet, well bis elo hu mer eis Kanner, awer nëmmen déi Kanner, déi an der Coupe scolaire matgemaach hunn, ëmmer an e Bus gesat an op Esch gefouert. Esch ass zougemaach ginn, duerno hu mer se op Capelle gefouert, an elo si mer sou, datt mit op NeiSchmelz en Terrain vum Fonds de Logement zur Verfügung gestallt kréien, wou mir e Verkéiersgaart kënnen ariichten. De Bustransport eleng fir d'Kanner ëmmer op Capellen ze féieren, louch schonn tëschent 2000 an 3000 € d'Joer. Also dat ass och en héijen Invest. Sou dass déi 30 000 €, déi mir elo an de Verkéiersgaart investéieren e gudden Invest ass. Wat vläicht awer och ganz wichteg ass: hei kënnen all d'Schoukllassen dohinne. Dat Eenzezt wat net ëmmer do steet, sinn déi rout Luuchten, well déi nëmmen dohi gestallt gi wann och d'Police do ass um Terrain. D'Kanner kënnen mam éffentlechen Transport dohinne goen. De Bus fiert bis dohinne, bleift och do stoen, an d'Veloee ginn am Hall Fondouq gelagert, sou dass déi och ëmmer sur Place sinn, wa se se brauchen. Vläicht, wat awer nach ganz wichteg ass: et ass kee geschlossenen Terrain. Et ass en oppenen Terrain, an och ganz Famille mat hire Kanner kënnen och de Weekend dovun profitéieren fir do ouni Verkéier op engem flotten Terrain ze fueren. Jidjeree freet mech, wat ass de S-cool bus. Ech hu mol d'Definitoun nogesicht. De S-cool bus ass e Velobus mat Chauffeur. D.h. deen huet ongeféier tëschent 8 an 10 Plazen. Et ass en Transportmëttel mat engem Elektromotor, wou awer d'Kanner och kënnen drécken. A wann si et dann net méi packen, d'Kraaft net méi do ass, da spréngt den Elektromotor an. Dee spuert natierlech Zäit, fir bei d'Schoulen ze kommen. Eis geet et haaptsächlech drëm, manner Verkéier bei de Schoulen ze hunn, well d'Situatioun ëmmer méi dramatesch gëtt bei de Schoulen. Well d'Eltere bal mam Auto an de Schoulhaff fueren. D'schount natierlech d'Ëmwelt, an och d'Beweegung fir d'Kanner ass do garantéiert. Dofir ass et eigentlech just eng Mesure, déi mir wëllen asetze op engem flaachen Terrain wéi am Brill oder am Lenkeschlei kann een déi asetzen, an déi geet dann d'Kanner ronderëm am Quartier sichen.

Da Butschebuerg. Ech menge mir hunn ëmmer d'Schoulhaff weidergemaach an ëmmer konsequent do investéiert. Do maache mir dëst Joer Butschebuerg. Ech

menge Butschebuerg, dat ass schonn eng Zäit hier, dass mir et gemaach hunn. Si hunn och net genuch Spiller am Schoulhaff. Dofir wäert dann elo, zesumme mat de Kanner an natierlech och mam Komitee vun der Schoul Butschebuerg, wäerte mir dëst Joer dee Schoulhaff neimaachen. D'Spillplazen: ech mengen och dat ass eppes, wou mir ëmmer erëm investéieren, dat wäerte mer och konsequent weidermaachen. Wat awer ganz wichteg ass, hei ze soen: Mir hunn eleng am Extraordinaire, ech menge wann ech kucken, den Här Buergermeeschter huet et gesot, 36 Milliounen Invest am Extraordinaire, eleng fir de Schoulberäich, d'Kannerbetreuung a fir d'Famill investéieren mir hei 15 Milliounen, wat en enormen Invest ass fir eng Gemeng. Do gesäit een, wéi wichteg eis d'Kanner an d'Famill hei sinn.

E bëssen zum Budget ordinaire, op deen ech wëll agoen. Och do si mir ëmmer erëm mat héijen Investissiounen. Eleng d'Maison Relais, wann dir kuckt am Ordinairen, déi kascht eis 9,6 Milliounen. Mir kréien zwar do 75% vum Staat erëm. Bei de Personalkäschte bleiwen dann awer nach ëmmer 3 Milliounen Invest vun eiser Säit fir Projeten, Material, Ënnerhalt vun Gebaier, Personal asw. E puer kleng Posten oder e puer kleng Projeten, wou ech wëll dorop agoen. Bon, e kleng Posten ass et net, d'Restauration scolaire, déi geet natierlech an d'Luucht, vu que datt mer dann d'Bildungshaus och derbäikréien, do gi mer op 1,2 Milliounen rop. Mäarchebësch, Jardin éducatif an de Verger pédagogique, wou den Här Zung warscheinlech nach méi intensiv wäert drop agoen, dee geet och an d'Luucht, dee geet relativ vill an d'Luucht. Do komme mer op 25 000 €. Dat ass well mer méttlerweil eng Zesummenaarbecht tëschent Strutzbiere an och deem Gaart dee mir hunn um Däich, hunn. Déi wëlle mir weider ausbauen, an och deene de Moyen gi fir fléissend Waasser am Gaart ze hunn an och e Gaardenhaischen, wou se hiert Materiel wëlle stockéieren. De Verger pédagogique, ech mengen do schwätzt den Här Zung driwwer, dat ass e Bongert, dee mer maachen. Do musse mer och investéieren, fir Hecken a Beem ze kafen. Och dee geet erop.

Ecole pour parents, do leeft de Coin des parents, dee leeft gutt an dee féiere mir konsequent weider a mer hoffen och dass weider Schoulen dorobber zrëckgräifen. Dann de Makerspace, deen net méi ewechzedenden ass, wat wierklech gutt ukënnt an der Maison Relais souwuel wéi och an der Schoul. Den Art à l'école an an der Maison Relais, Pedibus, d'Zesummenaarbecht mat der Museksschoul an och d'Zesummenaarbecht mam Jugendhaus wäerten mer weidermaachen. En neie Projet dee lo kënnt an der Maison Relais, well et eis opgefall ass, dass trotzdeem vill ewechgehait gëtt vun lessen, och vu Material. Do kënnt e Projet Anti-Gaspillage, deen se amgang sinn auszeschaffen, deen dann



elo 2020 soll ulafen. D'Vekandenaktivitéiten, déi lafe weider. Do hate mir d'lescht Joer relativ vill Succès. Mir haten 3 Sessiounen, déi éischt waren 347 Kanner, déi zweet 329 Kanner an déi drëtt 287 Kanner. Déi ganz Vakandenaktivitéite ware mat Kantinn, d.h. si hunn ëmmer mëttes konnten do iessen. Bon wann déi Kleng dann e bësse méi mitt gi si mëttes, da sinn d'Eltere mëttes se awer e bëssen éischter siche komm, wat awer normal ass. Den C1 war wéi gewinnt op engem eenzele Site, wat de Kanner relativ vill bréngt, wann déi Kleng ënnerene sinn an net tëschent deene Grouss mussen hin an hir.

De Schoulbuert dee geet erop. Deen ass op 15 000 € eropgesat ginn, well mer do wierklech der Meenung sinn, datt mer e neien Entwurf musse maachen, datt mer e bësse mussen ëmänneren an duerfir geet och deen erop. D'Sécurité à l'école, déi geet liicht erop. Do wëlle mer nach Veloë kafen, déi mir dann am Verkéiersgaart wäerten zur Verfügung stellen. Santé Scolaire, an do wëll ech lo net op d'Chifferen agoen, déi ech hei schonn am November presentéiert hunn, mee och do gëtt weider investéiert, well och si sinn net méi wechzededen bei eis an de Schoulen, well si eng enorm gutt Aarbecht a vill Aarbecht maache bei de Kanner. Mee ech muss awer och soen dass dee Service awer och eis bei Schwierigkeiten, wa mir Schwierigkeiten an de Schoulen hunn, ëmmer zur Verfügung steet.

Famill. Ech mengen den Här Zuang wäer op de Buerfousswee, iwwert Projeten, déi um lafe sinn, déi opginn, de Lauschterwee agoen. D'Konventioun mat Baby Plus, dat leeft lo rëm gutt. Mir haten am Ufank e bësse Startschwierigkeiten duerch d'Protection des données, dat ass awer elo geléist. Eise Service gëtt den Elteren e Bréif mat, a si kënnen da Baby Plus kontaktieren. Wat mer wëlle mat hinne vläicht maachen: si bidden en Eischt-Hëllef-Cours u bei Bébeeën, dee wollte mir eventuell mat hinnen aféieren, well awer ganz oft Elteren a Schwierigkeiten komme wa se e Bébee hunn an d'geschitt mol eppes. En neie Projet, deen ech och dëst Joer wëll maachen, deen och an der Schäfferotsklärung drasteet, dat sinn d'Wéckeldëscher op den öffentlichen Plazen. Do kënnen dann d'Familljen dovunner profitéieren, wa se ënnerwee sinn. Déi si wierklech öffentlich, déi stinn iergendwou, déi sinn net an enger Toilette integréiert. Dat si wierklech Dëscher déi dobaussen da sinn. Voilà, souvill zum Beräich Enseignement / Structures d'accueil. Och do läit den Ordinaire relativ héich. An da wëll ech awer och Merci soen dem gesamte Personal vum Enseignement vun de Structures d'accueil, der Direktioun an och eise Services, well do enorm vill Aarbecht op eis duerkënnt am Laf vum nächste Joer. Dofir elo schonn e grouesse Merci.

Dann zur Jugend. Vläch e puer Wuert iwwert eist

Jugendhaus, well lo eng ganz grouss Entwécklung komm ass. Fir de Moment hu mer 2 Diplôméeën do schaffen, ee Gradué en formation an och e Gradué, den Outreacher. Mir hunn eigentlech d'Prioritéit gesat, am Laf vun dësem Joer fir opsichend Jugendaarbecht ze maachen. Dat heescht si gi ganz vill raus, si sinn net méi am Haus, si waarden net, si gi raus a si huelen déi Jonk op der Strooss am Fong op. Dat leeft sou gutt, an och déi Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, datt mer mëttlerweil bei enger Rekordziel leie vu 40 bis 60 Jonker, déi am Dag dohinner ginn. Wat enorm vill ass, a wat och am Haus selwer bedeit, dass ee mierkt dass mir op e Punkt komm sinn, wo mir an deem Haus net méi weiderkommen. De Jugendsommer eleng hat 300 Inscriptiounen méi wéi d'lescht Joer, dat ass ganz vill. An do waren och erëm d'Maisons Relais mat agebonnen. Wat mir, ech mengen als éischt Gemeng hei am Land, gemaach hunn. Ech mengen bal all Gemeng hei am Land mécht e Jugendsommer a mier hunn elo e Jugendwanter agefouert. Dat well mer och och gemierkt hunn, datt déi Jonk och am Wanter wëllen Aktivitéite maachen. An och dëst funktionéiert relativ gutt. Ech wëll awer do soen, de Jugendwanter ass net nëmme Spill a Spaass. Et sinn och Aktivitéiten dran, mee et geet awer och ganz vill ëm dee soziale Volet, deen hei spillt. Well et ass e Projet deen zesummeleift mam Outreacher an der Jugendkommissioun, an eis ass et wichteg, dass déi Jugendlech vum Outreacher mat agebonne sinn am Projet. Den Outreacher dee mir do hunn, deen hat 28 Jugendlecher betreit dëst Joer. Ganz intensiv Aarbecht. Ech muss soen, do si ganz vill Jonker, déi d'Schoul ofgebrach hunn, déi an enger Situatioun si vum Näscht-Maachen an och ganz schwéier aus dëser Situatioun erauskommen an doduercher ëmmer méi an d'Isolatioun rutschen. En Deel vun hinnen huet hat ënner Daach bruecht, entweder en Apprentissage oder déi meescht si sugour zrëck an d'Schoul. Dat ass och e ganz wichtige Volet fir d'Elteren, well ëmmer méi Elteren dohinner gi fir iwwer d'Problemer vun hire Kanner ze schwätzen. Och do Merci der ganzer Ekip fir déi wonnerbar Aarbecht.

An dann, de Service Jeunesse, Familles, den Här Buergermeeschter huet et scho gesot. Et ass e Kanner- a Jugendbeobtraagten, et ass kee Service Jeunesse wéi all déi aner Gemengen et hunn. Et ass awer e bësse méi spezifesch opgebaut. Mir haten en Aarbechtsgrupp en place gesat, wou mir all déi lokal Partner, déi intern am Haus sinn, an och déi extern Partner an der Gemeng, do hate mir en Aarbechtsgrupp gemaach, fir mol ze kucken, wou leien d'Schwierigkeiten, wéi ass et um Diddelenger Terrain? Mir haten och d'Uni.lu mat agebonnen. Déi waren och derbäi. Mir haten do fir d'éischt de Professor Helmut Willems an duerno d'Sandra Biewers, déi eis an deem Aarbechtsgrupp begleet hunn. Wat direkt am



Virfeld, wou mireis zesumme gesat hunn, opgefall ass, war, datt mer eigentlech zu Diddeleng immens vill Servicer hunn, déi sech ëm Kanner oder Jugendlecher bekëmmern. Nach keng Koordinatioun besteet tëschent deene Servicer. Do läit wierklech de Problem, dee mir lo an deem Projet pilote zesumme mam Ministère de l'Education wëllen ugoen, datt mer eng Koordinatioun tëschent de besteeënde Servicer maachen, datt dee Jugendlechen, oder d'Elteren, d'Famill net op siwe Plaze geschéckt ginn an op all Plaz eppes anescht gesot gëtt. Et gëtt eigentlech de Moment keen, dee weess, wann eng Problematik do ass, egal a wat fir engem Beräich, wouhin si musse goen. Si gi mol vun engem zum anere geschéckt. An dat hei soll d'Haaptaufgab si vun deem Koordinator. Eng gezielt Berodung maachen. Firwat Kanner a Jugend? Well et wichteg ass, wa Kanner Problemer hu sinn och d'Familien dovun beträff. Dat ass deen éischte Volet, dat ass déi éischt Phas vun deem Service Jeunesse Famille. An déi 2. Phas, do soll en natierlech opgemaach ginn, e soll zentral sinn, wou och d'Kanner, déi Jugendlechen an och d'Famill kënne dohi goen. Mee dat war an enger 2. Phas. Mir géifen elo mol dat hei opbauen iwwer 2 Joer an enger Projet pilote Phas. Do och all deenen déi matgeschafft hunn: Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht a virun allem och Merci un de Ministère, deen eis awer ëmmer ënnerstëtzt huet, fir dat doten ze maachen.

E leschte Beräich, op deen ech wëll agoen, dat ass d'Informatik. D'Informatikcoursen déi lafe gutt, dat leeft normal weider. Wat do ganz nei ass, mir hunn en Internettreff agefouert dëst Joer, deen och ganz vill genotzt gëtt. Dat ass en Treff wou am Fong jonk Leit an eeler Leit zesummen op der Plaz sinn, an een deem anere weist, wéi funktionéiert dann den Handy, de Computer. A virun allem ass eis opgefall datt eeler Leit ganz gäre Fotobicher maachen an déi Jonk hinnen do vill méi einfach kënne hëllefen, well se net mat de Medien eens ginn. Dat kënnt ganz gutt un. An do ass eng Zesummenaarbecht mam Projet Ensemble an och mat der Drëttalterskommissioun. Voilà. An dann e Projet, deen och en enorme Succès kennt, dat ass dee Code-Club, Programmation fir Kanner ënner 12 Joer. Dee kënnt ganz gutt un. Ëmmer wa mer e lancéieren ass de Cours bannent enger Woch komplett beluecht. Dee gëtt awer gemaach vun zwee Benevolen, deenen ech hei wëll Merci soen, déi all Dënsden do de Kanner Programmation bäibréngen.

Service Informatique: Ech fänken elo net nach eng Kéier un ze soen, mir hunn 1000 Computeren. Ech wëll soen datt dee Service ganz vill sollicitéiert gëtt. Net ëmmer ass jiddweree ganz frëndlech, deen dee Service sollicitéiert, well jo jiddwerengem säi Computer dat Wichtigst ass. Mir sollten eigentlech scho laang zwee Leit astellen.

Dir wäert herno gesinn, mir hunn der elo zwee fonnt. Mir hunn déi Posten ëmcréiert, doduerjer hu mer der endlech zwee fonnt wat dee Service enorm wäert entlaaschten. Well all Gebai wat bäikënn, all neie Mataarbechter, dee bäikënn, brauch natierlech säi Computereschloss an sou virun a sou weider, sou dass dee Service och elo gestärkt wäert kënne weiderschaffen. Ech mengen zum SIGI gëtt et am Fong lo dëst Joer nach net ganz vill ze soen. De Budget geet liicht an d'Luucht, ganz minimal, well mer plënnere am Laf vum Joer am Abrëll an do kommen natierlech weider Käschen op de SIGI duer. Ech wäert d'nächst Joer eng Kéier méi iwwert de SIGI schwätze well och do mer amgang sinn un enger Weiderentwécklung vun den bestehenden Programmer ze schaffen déi den Gemengen zur Verfügung stinn. CityApp, do geet d'Claudia herno drop an. Och do si mer an de Startlächer. An d'Facture électronique fänke mer de 15. Januar domat un. Voilà, villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci Josiane fir d'Presentatioun wat deng Ressourcen ugeet, an ech ginn dann d'Wuert weider un d'Claudia dall Agnol.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN) Jo, merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter, Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, fir d'éischt schléissen ech mech all deenen Mercien un un d'Servicer déi dëse Budget opgestallt hunn. Ech schléissen och e Merci un un d'Servicer mat deenen ech am Alldag méi ze dinn hunn. Dir hutt lo scho ganz vill Detailer kritt, sief et zum Rectifié, sief et och zum Initial 2020. Ech wäert deemno probéieren, sou kuerz wéi et méiglech ass, op meng Ressourcen anzegoen. D'Zifferen fannt der souwisou wéi all Joer am Detail am Budgetsdokument erëm, an ech ginn dovunner aus, dass déi eenzel Presidente vun de Kommissiounen och nach wäerten op d'Themen agoen. Wat mer dann erlaabt, mech op e Minimum bei verschidde Saachen ze beschränken.

Ech géif ukänke mam Verkéier. Dir wësst datt eise Service Circulation zesumme mat Komobile amgang ass, weider drun ze schaffe fir de Parking résidentiel op ganz Diddeleng auszedeeenen. Mir hate schonn zwou Verkéierskommissiounen mat Diskussiounen iwwert e Modell dee fir Diddeleng ganz interessant ass. Mir si lo amgang, un deem Modell ze schaffen, dee Modell ze verfeinere, ier mer dann nach eng Kéier kënne an d'Verkéierskommissioun an och de Gemengerot kommen. Mir géifen dofir profitéieren d'nächst Joer, 2020, fir d'Horodateurs ze kafen, d'Reglement och ze preparéieren, nodeem mir déi eenzel Instanzen, d'Circulationskommissioun an de Gemengerot duerchlaf hunn, ze preparéieren. Duerno musse mir dat



natierlech och nach stëmmen. Mir si wéi gesot, am gaang nach eng Kéier d'Detailer ze analyséieren. Mir wäerten 2020 dann och 4 nei Agenten, am Volléksmond „Pechert“ genannt, astellen, well mer déi jo och mussen uléieren. Well Dir kënnt iech virstellen, datt et mat deene Leit déi mir momentan hunn, net géif duergoen, fir duerch ganz Diddeleng ze kontrolléieren.

Zum ëffentlechen Transport: Zum RGTR-Bus 305 gëtt et net allezevill ze soen. Dee funktionéiert ganz gutt. Déi meescht vun iech kennen en och. Ech wollt awer vläicht just nach eng Kéier drun erënneren, datt dee mat 100% Elektro-Untrib funktionéiert, well ech dovun ausginn, dass dat net onbedéngt bekannt ass. Leschte Gemengerot sinn ech schonn op de Bus 207 agaangen, dofir just eng Kéier ganz kuerz als Widderhuelung: eng gutt Noriicht ass, datt den RGTR, respektiv de Ministère wëlles huet, dee Bus ab Volmerange-Gare fueren ze loossen. Wéi gesot, ech sinn de leschte Gemengerot schonn dorop agaangen, dofir spueren ech mer elo och d'Detailer. Dir wësst datt d'CFL jo och hire Carsharing-Modell FLEX hei zu Diddeleng zënter ongeféier 2 Joer ubitt. A mir hunn dann dëst Joer 2 vun deenen 3 Autoen och hei an den Zentrum verluecht, op den Eck Fohrman/rue Karl Marx fir genau ze sinn. Een Auto steet awer nach ëmmer bei der Gare. Firwat ginn ech nach eng Kéier op de Flex an? Ma well dat, wéi Dir wësst, momentan just e System ass fir vun A op A ze fueren, d.h. dir musst den Auto erëm op där nämmlecher Statioun ofginn. Et ass net wéi z.B. beim Vël'OK, wou Dir en och kënnt op enger anerer Plaz ofginn an do stoe loossen. Mee dir musst en ëmmer op den Ursprungspunkt zeréckbréngen. Allerdéngs ass d'CFL amgaang ze testen, fir dat ze änneren. A wann dat e Succès huet, da wäerte mir dat och hei zu Diddeleng kënnen aféieren. Wéi gesot, méi Detailer wäert ech méi spéit am Joer hoffentlech kréien, wa si hir Testphasen op anere Plazen ofgeschloss hunn. Zum TICE: Bon, do wësst der den TICE bestellt all Joer nei Busser. Dat wäert 2020 och net anescht sinn. An zwar gi 6 nei Gelenkbusse bestallt a 4 Standardbussen. Wann ech vu Standardbusse schwätzen, da sinn dat déi vun 12 Meter. An all déi Busse wäerten och mat Gas fueren. Flexibus, do ass de Ren kuerz drop agaangen. Wéi gesot, dee gëtt zur Zufriedenheet och genotzt. Mir hunn 2019 jo och ugefaangen, all eis Foussgängersträifen op de Leescht ze huelen, fir datt se all sécher sinn, gutt beliicht sinn, fir datt kee Foussgänger zu Schued kënnt. A se sollen natierlech och all handicapéiertegerecht sinn. An de Virschléi, déi d'staatlech Verkéierskommissioun virgëtt, deene musse se virun allem gerecht ginn. A mir wäerten dann och 2020 domadder weiderfueren. Prioritéit hunn d'Zebrastreife bei de Staatsstroossen, do wou grad souwisou och e Chantier ass, z.B. lo ganz dacks eeben duerch d'Post.

Mär si jo och amgaang fir eisen ënnerierdeschen an och eise Fohrmannsparking nach besser ze beschëlderen. Dat hat ech iech d'leschte Kéier scho beim Budget scho gesot. Fir datt jiddereen en direkt fënnt an datt mer onnëtzten Trafick verhënneren. Deen Dossier hu mir fäerdegemaat an dëst Joer och bei der Ponts & Chaussées eraginn. Mir kruten allerdéngs réicht am Hierscht lo vun hinnen e Feedback a mir maachen nach zesumme mat hinnen e puer Ännerungen. A si hunn eis da versprochen, dass Ufanks 2020 déi Schëlter dann awer kéinten hanken.

Dann hu mir och dëst Joer ugefaangen, de Vëlo méi genau ze analyséieren. An e Réseau, respektiv éischt Routten och ze entwéckelen an ze zeechen. Aktuell gëtt et eng Nord-Süd-Achs tëschent Beetebuerg an der Gemeng an eng Ost-West-Achs tëschent dem Parc Le'h an dem Arrêt Dudelage-Ville. Eis Servicer, dat sinn de Service Circulation an de Service des Sports, fir méi genau ze sinn, déi sëtzen awer dru fir déi besteeënd Achsen no Süde Richtung NeiSchmelz an och no Weste Richtung Keel ze erweideren. A virun allem och d'ëffentlech Gebaier, wéi d'Schoulen, d'Sportshalen, d'Gemeng asw. un dës Netzer och kënnen unzeschleissen, sou dass ee sécher a schnell mam Vëlo duerch Diddeleng ka fueren.

De Schäfferot an d'Servicer Circulation a Sport sinn och a regelméissegem Kontakt an Austausch mat der neier Vëlosinitiativ vun Diddeleng. Zesumme komme mer besser a virun allem och weider. Virun allem weise si eis och emol op Problemer hin, a mir kënnen dann direkt reagéieren, respektiv och erklären, firwat eppes vläicht net sou méiglech ass, wéi si sech et virstellen, oder firwat et net sou einfach oder sou séier ze realiséieren ass, wéi si a mär dat och vläicht wëllen. Eise Service huet och dëst Joer gekuckt, wou nach iwwerall bei ëffentleche Plazen a Gebaier nach Vëlosstännere gefeelt hunn, fir datt mir och do konnten norüsten. Mir hu momentan eng 166 Vëlosstaangen, d.h. op all Staang kann een 2 Vëloen ustrécken. Dat ass en Total vun 332 am ganzen. An eise Service ass nach weider amgaang ze kucken, wou et nach Sënn mécht, der ze installéieren. A wann iech nach eng Plaz opfällt, da kënnt Dir dat eis och gäre soen. Mir wäerten och eng provisoersch Vëlospist tëschent dem Centre Culturel an dem Skatepark NeiSchmelz maachen. Dat ass e Wonsch, deen iwwerengs vun der Vëlosinitiativ geäussert gouf.

Vël'Ok, dat wäert d'Madame Goergen freeën, well se hunn endlech neier rausgesicht. Dat heescht, mir hate jo e Prototyp hei um Mobilitéitsdag fir en ze testen. Un deem Prototyp ass allerdéngs nach e bësse gefeilt ginn, a se hunn elo dee Prototyp duerch eng definitiv Versioun ersat, sou datt dann och lues a lues déi al Vëloe kënnen an all de Gemenge ersat ginn. Déi sinn dann och vill méi



liicht a besser ze fueren. An op Wonsch vum Centre Culturel wäerte mir dann och eng weider Vëlosstation do uewe bei hinnen am Laf vum Joer installéieren.

Dëst Joer hu mir jo och eng nei Broschür erausginn, mat allen Informatiounen zu alle Buslinnen, déi et hei zu Diddeleng ginn, sou datt jiddereen, wann en och keen Handy huet a keng App huet ëmmer alles ka parat hunn. Dat ass ganz dacks och nach bei eisen eelere Matbienger de Fall. Dofir musse mer déi Broschüre reegelméisseg erneieren.

De Projet Nightrider gëtt och zesumme mam ProSud weidergefuert. Den Nightlife-Bus bréngt och Leit weider zréck gratis op Diddeleng, Freides a Samsdes. Virun allem awer och elo Silvester wäert dee Bus erëm fueren. Den TICE firt och zënter 2 Joer op den Haaptachsen nuets, d.h. op den normale Linnen, Freides a Samsdes. An och si fueren d'Virowenter vu Feierdeeg. Alles an allem bidde mir jidderengem d'Geleeënheet, duerch all dës Mesuren, nuets sécher heem op Diddeleng ze kommen. De Buergermeeschter ass virdru kuerz drop agaangen. Ab dem 1. Mäerz wäerten all d'Faarten dann och vum TICE gratis sinn, well den ëffentlechen Transport gratis gëtt. Sou datt mir herno dann och eist Taxereglement fir de Citybus ofschaffen, ab, wéi gesot, dem 1. Mäerz awer eréischt. Och eise Mobilitétsdag hat jo dëst Joer eng aner Nues kritt. Mir wëlle virun allem Leit belounen, déi den ëffentlechen Transport notzen. An déi wou en nach net notzen, déi wëlle mer verstärkt informéieren an och sensibiliséieren, an incitéieren en ze notzen. An natierlech wëlle mir dat och sou weiderféieren. An en anere Fokus vum Mobilitétsdag, dat war jo och dëst Joer déi aktiv Mobilitéit, zesumme mat eisem Service des Sports, wou mir - komm mer nennen et mol ee Laf, et konnt een awer och mam Vëlo fueren, et si Leit, déi si getréppelt - wou mir dat organiséiert haten, dat war eng ganz flott Erfahrung, an ech géif soen, och dat wäerte mir kënne mam Service des Sports zesumme weiderféieren. Zousätzlech hu mir dann och dëst Joer nach eng Brochür erausginn: „Diddeleng, déi mobil Stad“, wou dann och de Bierger an d'Biergerin alles dran erëmfënnt, wat hei zu Diddeleng mat Fortbewegung zesummenhänkt. De Bus, den Zuch, Parken, Vëlo, och zu Fouss goen... Dat och well, et huet nach net jiddereen en Handy an et huet nach net jiddereen eng App, oder Internet. An esou fënnt een dann och hei awer alles erëm, wat nätzlech ass.

Fir datt et dann awer och angeneem ass, fir den ëffentlechen Transport ze benotzen hu mir iwwerall do, wou et méiglech ass, eng Sätzgeleeënheet installéiert. Idem wat d'Bushaisercher ubelaangt. Et bleiwen hei nach eng

oder zwou Plazen, wou mir d'Demande gemeet hunn, mee wou den Dossier allerdéngs nach an der Stad, respektiv bei Ponts & Chaussées läit. A soubal mir de Go vun hinnen hunn, wäerten op deene Plazen der och installéiert ginn. An allem, wat ech iech lo gezielt hu gesitt der, oder dir wësst et vläicht och scho méi laang, dass eis Gemeng scho säit ville Joren de Wee geet, fir virun allem der Mobilité douce an och dem ëffentlechen Transport Virfaart ze loossen. Et ass och scho ganz vill ëmgesat ginn. Wéi dir lo just héieren hutt, respektiv, wéi dir all Kéier, wa mir hei iwwert d'Mobilitéit diskutéieren héiert. D'Mobilitéit ass awer leider e komplex Thema, an e gräift och a vill Beräicher eran.

An eng zukunftsfaeg Mobilitéit, déi brauch och längerfristeg Visiounen. A genau do wëlle mer dann an de kommende Joren nach weider Efforte maachen. All déi Aarbecht, déi wäertvoll Aarbecht, déi mir bis elo scho gemaach hunn, sief et am PAG mat de Bedeelegung vum de Leit, Vëloskonzepter, Leitsystem fir Foussgänger, Klimapakt asw. sollen och dodran afléissen. Well ech iech gesot hunn, d'Mobilitéit ass eppes wat net nëmmen an ee Feld agräift. Mir wëllen also Bilanz zéien, mir wëllen och evaluéieren a längerfristeg Ziler festleeën. Och hei wäerte mir nach eng Kéier eis Awunner abannen, fir mat hinnen zesummen och d'Liewensqualitéit vun Diddeleng ze erhalen a weider ze verbesseren. Ech mengen op d'Biergerbedeelegung ass mäi Fraktiounskolleeg Loris Spina scho méi verstärkt agaangen. Vun der Europaescher Kommissioun gëtt do scho vill Viraarbecht fir Gemengen, déi genau dës Wee wëlle goen. An déi Viraarbecht, déi wëlle mer dann och notzen. Et handelt et ëm Leitlinie SUMP (Sustainable Urban Mobility Plan), en Nohaltegkeetsplang also fir d'Mobilitéit an enger Gemeng. A genau dës SUMP-Prozess, dee wëlle mir dann am Joer 2020 starten.

Zur Voirie: Bon, wann ech Voirie soen, da wësst der, do gëtt gebuddelt, a wa gebuddelt gëtt, ass dat ëmmer fir eng gutt Saach. Mee bis déi gutt Saach fäerdeg ass oder zum Virschäi kënnt, wësst der, datt d'Leit ganz dacks genervt si vun den Aarbechten an der Strooss an de Chantieren. Wa mir allerdéngs wëllen eisen Awunner, an déi wou am Dag bei eis schaffen oder akafe kommen, mat séierem Internet, propperem Waasser, Gas a Strom versuergen, da komme mer awer leider net derlaanscht, eist Netz à jour ze halen a reegelméisseg ze erneieren. Dir wësst et, d'Leitungen hu leider ëmmer nëmmen eng begrenzte Liewensdauer éier se mussen ersat ginn. An dofir hu mir och erëm dëst Joer am Budget déi néideg Montante stoe fir eng Partie Stroossen net nëmmen ënnerierdesch, mee och dat wat d'Leit gesinn, nämlech d'Strooss selwer ze erneieren. De Buergermeeschter ass virdru kuerz op d'Kräizung rue du Commerce / rue de Zoufftgen agangen, déi 3. Phas also vun



eisem Shared space. Ech hat déi leschte Kéier scho gesot, datt Ponts & Chaussées wëlles hätt hir Soumissioun am Mäerz/Abrëll ze maachen an datt geplangt wier, d'Aarbechten am September 2020 unzefänken. Zënter dem leschte Gemengerot hunn ech do och keng nei Informatiounen kritt, sou datt ech unhuelen, datt déi Zäitschinn och vun hinne weider - de Buergermeeschter laacht schonn, hie kennt se och - datt déi Zäitschinn vun hinne weider ugepeilt gëtt. D'Dominique Lang-Strooss mengen ech kënnt herno jo nach eng Kéier op den Ordre du Jour.

Dann, eis Servicer. Eis Servicer wäerten och an Zukunft méi einfach ze erreeche sinn, wann e Problem ass. Duerch déi sougenannte City-App, wou d'Josiane Di Bartolomeo-Ries scho kuerz drop agaangen ass. Mir hunn déi, wéi gesot, dëst Joer entwéckelt, an ech hat iech gesot, déi huet déi Funktioun „Report it“ dran. Dat heescht, wann een e Problem feststellt, da kann een dat direkt duerch déi App mat Foto de Servicer matdeelen. An da kann een dofir suergen, datt dat séier gefléckt gëtt. Dat geet, wéi gesot, mat ärem Smartphone. Déi lescht Testphas leeft. A mir kënnen déi wahrscheinlech nach spëtstens d'nächst Woch an den AppStore an och fir Android aspeisen. An déi App wäert och gratis sinn. Op där App kënnt dir dann iwweralls och kucken, wéini a wou de Bus kënnt an och de Vël'OK ass dodrop. A mir wäerten dann och déi néideg Pub fir déi App do maachen, fir datt d'Leit sech déi dann och kënnen - wéi gesot - gratis - eroflueden.

Eriwwer zur Museksschoul. Dat war am leschte Gemengerot réischt um Ordre du Jour, dofir wäert ech do net méi an d'Detailer agoen. Mir hunn eng ganz aktiv regional Museksschoul, a si waren och dëst Joer erëm all Dag um Dill fir méi wéi 1200 Kanner, Jugendlecher an Adulten e qualitativ héichwäertege Museksunterricht kënnen unzebidden. Ech ginn net op all Detail an. Den Direkter war och d'leschte Kéier hei, fir dass Dir Är Froe konnt stellen, a mir hunn eréischt d'Schoulorganisatioun gestëmmt. Dat ass also nach alles ganz rezent a frësch. Dofir just e puer kleng Bemierkungen: Wann ech soen, et si méi Schüler, dann heescht dat och, datt mir méi Instrumenter hunn an datt domat och d'Assurance fir déi Instrumenter an d'Luucht geet. Mir hunn och en Artikel fir deen neien Département Danse dobäigesat. An d'Cotisatioun vun der AEM, der Association des Ecoles de musique, déi gëtt d'nächst Joer gehéicht. Wéivill war leider awer nach net bekannt. Mee dofir hu mir och do méi en héije Montant missen asetzen. An d'Museksschoul wäert dann och administrativ duerch en halwe Poste verstärkt ginn, eebe wéi gesot, well ëmmer méi Leit de Wee an eis regional Museksschoul fannen.

Zum Tourismus: Mir organiséiere weiderhin eis Visites guidées, déi d'Leit kënne bei eis an der Gemeng buchen. Mir maachen dann och 2020 heifir ein en neien, aktualiséierten Dépliant. Mir schaffen och weiderhin mam ORT Süden zesummen. Dir wësst et, ech hunn iech dat schonn e puer Mol gesot, mir schaffe scho säit enger Zäit am Verbund mat anere Südgemengen als ORT Süden zesummen. Well zesumme schafft et sech besser wéi eleng, jiddereen an sengem Eck. Dir kënnt och hire flotten Internetsite. An duerch deen Internetsite kann een eis Region och an der ganzer Welt virtuell kucken. An dir wësst, datt mir och zesumme mat hinnen déi 2 flott Mountainbike-Trails ausgeschafft hunn. Och dëse Summer haten déi erëm ganz vill Succès. Sief et bei eisen Diddelenger Leit, mee och bei den Touristen. An ech mengen, dat ass jo och dat, wat mir wollten domadder erreechen, datt een eebe méi Leit op Diddeleng, mee awer och allgemeng an d'Südregion bréngt. Och de Plang dovu kann ee genau wéi déi all déi aner Broschüren an Informatiounen méttlerweil och vun hirer Internetsäit aus eroflueden. Sou datt mer an der ganzer Welt dann och ze erreeche sinn, wann een un dem Süde vu Lëtzebuerg interesséiert ass. Op hirer Säit fënnt een och de Link op Esch 2022, wou den ORT och gutt mattschafft. Well d'Kulturjoer jo sécherlech vill Touristen an eis Region wäert bréngen. Bon, alles an allem huet sech déi gemeinsam Aarbecht mat de Professionellen, well dat sinn d'Leit vum ORT, professionell Mataarbechter, gelount. An dofir gëtt se dann och d'nächst Joer weidergefouert. Well nëmmen am Verbund kënne mer eis Region, an ech schwätzen hei bewusst vun der Region Süden, net vun Diddeleng eleng, professionell vermaarten. Zum Jumelage bleibt ze soen, datt de Schäfferot an d'Presidentin vun der Kommissioun dëst Joer zu Feltre an Italie waren, fir och do rëm neie Schwong an dee Jumelage ze bréngen. A se hunn eis dann och versprochen, datt se mat enger Delegatioun d'nächst Joer op eist Buergefest wäerte rofkommen. D'nächst Joer wëllt d'Jugendhaus op Lauenburg fueren, an och déi ënnerstëtze mer natierlech gären. Fir méi Detailer wat gelaf ass a wat geplangt ass, do hu mer d'Presidentin vun der Kommissioun an och Member vum ORT Süden hei um Dësch sëtzen, an wäert sécherlech och nach drop agoen. Fir eis als Schäfferot bleibt ze hoffen, datt vill vun eise Clibb sech bereet erklären, mat där enger oder anerer Partnerstad zesumme wëllen ze schaffen, zesumme wëllen ze kommen, a vläicht och e gemeinsame Projet auszeschaffen. An ech mengen, wann dee Projet Kapp a Fouss huet, da wäert sécherlech kee sech hei wieren, fir sech och finanziell dodrun ze bedeelegen.

Vum Jumelage ass et net wäit bei d'Integratioun. Mir hunn d'Chance, datt mir hei zu Diddeleng iwwer 100 Nationalitéiten hunn. Dorop kënne mer ganz houfreg



sinn. Well dës Schafferot ass der Meenung, datt all Nationalitéit eng Bereicherung fir eis Stad ass. A genau aus deem Grond ënnerstëtze mir eis Integratiounskommissioun och weiderhin. A mir ënnerstëtzen se och fir d'Fête des Cultures ze organiséieren. D'Integratiounskommissioun hat d'lescht Joer e puer ganz flott Projeten, a se hu sech och fir d'nächst Joer erëm vill virgeholl. An ech iwwerloossen dat dann och der jeeweileger Presidentin fir doropper anzegoen. Integratioun, zu deem Volet gehéieren natierlech och d'Sproochecoursen, déi mir natierlech och wäerte weiderféieren. Mir haten d'lescht Joer iwwer 925 Participanten, an de Course fir Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch a Portugisesch. An nieft eisen eegene Course wësst dir datt mir jo och nach Italienesch hei zu Diddeleng ubidden an datt mer déi och ënnerstëtzen. Da bidde mir jo och fir de Service Ensemble nach eng Kéier eise Coaching an eise Café des Langues un, dat ass e kreative Projet fir d'Méisproochegkeet an d'Interkulturalitéit ze stäerken. Hei treffen sech da Leit vun allen Alteren an ënnerschiddleche Kulturen, fir sech an enger Sprooch, déi deen ee kann an deen aneren amgaang ass ze léieren, auszetauschen. An d'Zil ass hei natierlech och Lëtzebuergesch eisen auslännesche Matbierger méi no ze bréngen.

De Service Ensemble, dee bitt och nach eng ganz Rei aner Saachen un. Déi meescht dovunner kennt dir: Sief et Sportscoursen, Permanenzen an och Info-Versammlungen, an natierlech gëtt och dee Programm weidergefouert. Mee d'kommen awer, wéi all Joers, sécherlech nach nei Saachen an hire Planning dobäi. Dës Joer hu mer déi sougenannten Gift-Boxen, op Däitsch „Geschenkebuden“ fäerdeggestallt. Wat net méi gebraucht gëtt, mee awer nach gutt ass, dat kann een dann an déi Box leeën, an dat geet da gratis an aner Hänn iwwer un een, deen et brauch. Et gëtt also net ewechgehäit - eng Win-win-Situatioun. An déi Gift-Boxen, do hu mir awer decidéiert, se réischt am Fréijoer opzestellen, well d'Wieder awer e bësselche schlecht war. An dat selwecht gëllt och fir eis Bicherbibliothek, déi al Telefonskabinen, wou mir elo Bicher dramaachen an déi mir dann och den Zuchsquaien opstelle wäerten. Och déi si fäerdeg, och do hu mer och alleguerten d'Autorisatiounen vun der CFL méttlerweil beieneen, fir datt mir se kënnen opstellen. Mee och dat wäerte mir eréischt am Fréijoer maachen. D'nächst Joer wäert ënner anerem och duerch de Projet Ensemble Cours d'appui am Däitsche fir Primärschoukanner agefouert ginn. D'Detailer si se nach amgaang ze klären, mee mir sinn awer optimistes, datt mer no der Fuesvakanz kënnen domadder ufänken. Mir wëllen awer de Service Ensemble d'nächst Joer och op aner Quartieren ausdeenen, an dafir ass en zousätzleche Posten, souzeen also en zweet Ina virgesinn.

Voilà, domat wär ech um Schluss ukomm. Ech soen et scho säit e puer Joer all Kéiers um Schluss vu menge Budgetausféierungen, datt ech perséinlech dës Budget ënnerstëtze well en deene Prinzipie fir déi meng Partei, d'LSAP asteet, gerecht gëtt, an déi mir perséinlech als Sozialistin och um Häerz leien, nämlech: Fräiheet, Solidaritéit, Gerechtegkeet a Sécherheet. A vu datt dat dës Joer net anescht ass, hunn ech dee Saz och gäre widderholl an ech weess och dass eng ganz Partie Leit an deem Sall dat genau sou gesinn an ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia och fir d'Presentatioun vun dengem Ressort. An ech mengen d'Kolleginnen an d'Kollegen aus dem Gemengerot hate lo d'Méiglechkeet, Abléck ze kréien duerch d'Presentatioun vum Schafferot, wat d'Akzenter an d'Prioritéite sinn, déi mir fir 2020 wëlle setzen. Ech mengen d'Positiounen dozou kënnen dann den nächste Freiden hei am Gemengerot och geholl ginn, wéi gesot, vun der Oppositioun a vun der Majoritéit zesummen, éier mir dann op de Vott iwwerginn. Dofir mengen ech wäeren elo Diskussiounen ronderëm den Debat, respektiv der Presentatioun vum Budget 2020 riwwer a mir géifen op deen normalen Ordre du Jour riwwergoe vum Gemengerot.

3.3. APPROBATION VUM DEVIS REMANIÉ FIR D'AMENAGEMENTSARBECHTE FIR ENG ZONE DE RENCONTRE „SHARED SPACE“ AN DER AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE, PHAS 1 ET 2

3.4. APPROBATION VUM DEVIS IWWERT D'REAMENAGEMENTSARBECHTE VUN DER RUE DOMINIQUE LANG

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Do ass jo nach e Verkéiersreglement ze huelen, ze presentéieren. Respektiv reit dat sech awer an an déi ganz Diskussioun ronderëm den Devis estimatif vun der rue Dominique Lang an awer och Reamenagement vun der Avenue Grand-Duchesse Charlotte. Ech géif iech proposéieren, dass mir déi zwee Devisen zesummen duerchhuelen, och d'Verkéiersreglement mathuelen. Dat ass jo e Ganzt. Da gëtt et eng global Iwwersicht an da kann ee weider Diskussiounen féieren do ronderëm. Wéilt begëisse vum Büro Schroeder et Associés den Tom Steichen an awer och vun eisen eegene Servicer, vum Service Technique den Tom Schroeder a vum Service de Circulation de Pit Demuth. Dës gesot, géife mer vläicht mam Devis remanié ufänke vum Reamenagement vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, en Devis remanié an Héicht vu 7 050 000 €. Dat ass en Devis remanié, d.h. dat ass eng Hausse vu ronn 1,6 Milliounen Euro par rapport zum Devis initial,



dee mir hei gestëmmt haten. Deen hate mir hei am Gemengerot gestëmmt am Dezember 2015, dat war en Devis initial vu 5 252 000 €, an dat war fir d'Phas 1, 2 an 3. D'Phas 1 an 2 ass jo de Moment amgaangen. A wéi gesot, hei wär dann den Devis remanié fir d'Phas 1 an 2.

Firwat musse mir deen Devis remanié hei virstellen an och den Accord vum Gemengerot siche kommen? Et ass sécherlech eng Hausse, a mir musse jo soen, dass mer an der Phas 1, Ufanks 2016 huet dat ugefaangen, an d'Inauguratioun war jo am Mee 2017. Déi 1. Phas do war jo och mat UVB e bësse méi schwierege Chantier, deen net onproblematesch war, och an der Organisatioun. An der 2. Phas, déi ganz gutt leeft, wou mer och d'Ausschreiwung gemeet haten, do wou mer och absolut am Timing sinn, mee do huet sech och rausgestallt, an do ass Diddeleng keen Eenzelfall. Wann ech do bei anere Kollege Buergermeeschtere kucken, och parteiwwergräifend, wat d'Soumissiounen ugeet, dass effektiv d'Adjudicatioun déi gemeet gëtt par rapport zu der Soumissioun oft méi héich ass. A mer par rapport zu verschidde Jore virdrun, am Ament, d'lescht Joer an och dëst Joer, mir ëmmer méi an déi Situatioun kommen, wou am Fong d'Offer méi grouss ass wéi d'Main d'oeuvre déi disponibel ass. Datt et net sou ass, dass d'Firmen de Soumissiounen nolafen. Dee Luxus ass net méi de Fall. An dass mir effektiv generell an der Situatioun sinn, dass déi Adjudicatioun, respektiv déi Präisser, déi erakomme fir d'Soumissioun méi héich sinn. Respektiv mir oft a Situatiounen sinn - a mir wäerten nach méi där Situatiounen hunn - wou just nëmmen nach een oder zwee d'Soumissiounen beäntweren, respektiv just een. Wou vläicht an der Vergaangenheet mol eng hallef Dosen oder zéng Firme bei de Soumissiounen geäntwert hunn. Ech wëll dat e bësse fir de generelle Kontext ze erklären, an deem mir eis awer hei zu Diddeleng, mee net nëmmen zu Diddeleng, befannen. Wéi gesot, den Devis vun dëser 2. Ausschreiwung dee war estiméiert bei 2,9 Milliounen. Ech mengen d'Kollegen hei wäerten herno drop agoen. Awer den Zouschlag dee gemeet gouf, dee war méi grouss, dee louch bei 4,1 Milliounen €, dat weist e bessen den Ordre de grandeur an deem mer eis hei befannen.

Firwat dësen Ënnerschied? Well mir an der Ausschreiwung enger ganz Rei Parametere Rechnung gedroen hunn. Wou mir aus Erfahrungen aus der 1. Phas, déi mir do gemeet hunn, mat erageholl hunn. Déi och natierlech ausschlaggebend waren dass d'Adjudicatioun méi héich ausfällt wéi de Präis, dee mir an der Soumissioun festgehalten haten. Engersäits war et jo och de Wunsch fir a Phasen ze schaffen. Et waren awer och déi ganz Doleancë vum Geschäftsverband, déi mir mat erageholl hunn. D'Accès garantéieren zu de Geschäfte, an och fir d'Foussgänger, déi ganz Signalétique, déi

derbäikomm ass. Mee awer och dass mol bis méi spët geschafft gëtt, mol bis siwen Auer, Samsdes schaffen, effektiv och d'Verringerung vun der Bauzäit, eng méi opwänneg Installatioun vum Chantier. Och während Fester déi mir maachen, och all Kéiers zoumaachen. Generell awer och, dat hat ech ugangs net gesot, mir hunn hei e Projet gestëmmt am Dezember 2015, mir setzen en elo ëm. De Bauindex huet och evoluéiert, och dat ass eppes, wat derbäikënnt. D'Indexéierung generell fir d'Salären, awer och de Bauindex. Alles dat sinn Elementer déi deementspreechend och hei matspille fir dass deen heite Projet vun der 2. Phas méi héich ausfällt, wéi dat initial virgesi war. Voilà, ech mengen dat war déi Erklärung, déi ech wollt gi par rapport zum Devis remanié par rapport zu der Zone de rencontre Phas 1 a Phas 2, Avenue Grande-Duchesse Charlotte.

Ech géif vläicht dann och iwwergoen op den Devis estimatif vun der Rue Dominique Lang. Ech mengen duerno kann d'Claudia enchainéiere mam Verkéier, dann kënnen och hei d'Kollege méi op déi technesch Aspekter agoen. Et ass sou, wéi mir eis et am Fong opgedeelt haten. Ech mengen och dat huet evoluéiert. Den initiale Projet, dee mir haten am Dezember 2015, do war et net virgesinn, d'Dominique Lang mat eranzehuelen. Bon, am Kader vun den Diskussiounen déi mir hate ronderëm de Shared Space huet eis awer och lo iergendwéi am Kader vun der Phas 1, 2 an och 3, déi jo d'nächst Joer kënnt, huet et awer net onwichtig geschéngt, dass een déi Entrée fir an d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte, déi Entrée déi de Shared Space markéiert, mee dass een och vir bei der Entrée dat Areal vun der Dominique Lang och méi urbanistes, architektones markéiert an och verkéiersberouegend wierkt. An do hu mer geduecht, dass et net onwichtig wär, dass een en Tronçon vun der Dominique Lang, plus minus wou fréier d'Spuerkeess war bis elo bei den 1. Zebrasträif beim Park Mayrisch, dass mir dee wëilten och an de Shared Space mat eranhuelen, an awer och do scho méi, nieft der urbanistescher Gestaltung och verkéiersberouegend awierken. Dat ass fir den Ament en Tronçon wou 50 km/h nach erlaabt ass, a wou et eis awer sënnvoll schéngt ze sinn, dass een do rofgeet op eng Zon 30 km/h an och deementspreechend déi néideg Demarchë gemeet hu bei de Ponts & Chaussées, dass deem och ka Rechnung gedroe ginn. Sou dass mir am Fong deen doten Deel, déi doten Extremitéit vum Shared Space, wéi dann och déi aner Extremitéit, wou dann och d'Bidirectionalitéit vun der Rue du Commerce kënnt, dass mir och déi schonn nieft dem Shared Space en tant que tel och déi Extremitéite ganz kloer wëlle verkéiersberouegend markéieren.

Ech mengen dat waren am Fong déi Diskussiounen, déi stattfonnt hu mat den Architekten, mam Bureau d'Etudes an och mat de generelle Begebenheete vun



der Verkéiersberouegung am Stadkär. Wou et eis néideg geschénkt huet, deen neie Moment mat eranzehuelen, respektiv och deen Avis hei ze formuléieren, an deen och an de Budget initial vum Joer 2020 mat eranzehuelen. Wat dat konkret heescht, wäert herno och nach erkläert ginn um Volet vum techneschen Plang, respektiv um Volet vun der Circulatioun. Dofir och hei och d'Erklärung, firwat en Deel vun der Rue Dominique Lang mat bäikomm ass. Et ass natierlech och kloer, wa mir deen dote Projet an Ugrëff huelen, vun der Dominique Lang, dass natierlech och do déi besteeënd Geschäftsleit, déi do concernéiert sinn, dass mir déi och wäerte consul-téieren. Voilà, dëst zu der Dominique Lang. Wat de Volet Circulatioun ugeet, do wollt ech hei dem Claudia d'Wuert ginn.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN) Jo, merci Här Buergermeeschter. Wa mir am Januar wëllen ufänke mat deem Chantier, da musse mer natierlech de Circulatiouns-reglement stëmmen, sou wéi de Buergermeeschter et ganz richtig sot. Et musse Kanalschlëss gemach ginn. D'Reseae, Post, Gas, Waasser, Eclairage public an Eltrona ginn neigemaach. A schlussendlech géing och de Belag frëschgemaach ginn. Dat huet op de Verkéier folgend Repercussiounen: Et misst ab 13. Januar d'Spuer an der Dominique Lang an Directioun Wolkeschdall, tëscht der Rue Jean Wolter an der Rue Norbert Metz an och de Parksträif laanscht de Park Mayrisch gespaart ginn. D'Spuer a Richtung Zentrum bleift zu all Moment garantéiert fir de Bus- a fir den Autosverkéier. Da ginn d'Raccorden um Kanalnetz gemaach an d'Reseae léns a riets geluecht. Ech menge wann dir do Detailfroen hutt, dann hutt dir besser, dir frot d'Spezialisten, wéi sech dat mat deenen Raccorden, op sech huet. A schlussendlech an der Ouschtervakanz, d.h. dat wär vum 6.4. bis den 18.4. d'nächst Joer, misst d'Rue Dominique Lang dann awer ganz gespaart ginn, tëscht der Rue Norbert Metz an der Route de Burange, fir datt dann de Belag ka frëschgemaach ginn. A fir och deen Höcker fir d'Zon 30 km/h ze bauen. Voilà, dat wier et, wat am Circulatiounsreglement steet. A wéi gesot, fir Froen hu mir d'Spezialiste vun den zwee Servicer a vum Bureau d'Etude hei.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER) Merci Claudia, fir d'Erklärung ronderëm d'Verkéiers-reglement. Da da géif ech direkt d'Wuert weiderginn un den Tom Steichen, deen eis och eng Presentatioun gemeet huet. An deen och um Niveau vun der Techni-téit nach eng Kéier wäert op d'Dominique Lang agoen. Well dat jo effektiv och en neie Projet ass. Tom, du hues d'Wuert.

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS) Moien alle-guerten. Ech wäert lech dann de Projet vun der Rue

Dominique Lang erklären. Do gouf jo decidéiert, virum Shared Space, dee Vitess 20 km/h ass, virdrun nach eng Kéier erofzegoe vu 50 km/h op 30 km/h. Dofir déi ganz Degradatioun vu 50-30-20, fir net direkt vun der Rue Dominique Lang an eng 20er-Zon eranzefueren. Hei eng Kéier kuerz d'Iwwersiicht, wat bis elo geplangt war. Mir hunn déi ënnerschiddlech Etappen. A rout, déi 1. Etapp, déi jo schonn ofgeschloss ass, déi 2. Etapp, déi elo amgaangen ass. An dann duerno déi 3. Etapp, déi zesumme mat der Ponts & Chaussées wäert aus-geschiwwé ginn, wou d'Place Kinnen mat der Rue du Commerce an engem Projet wäert sinn. Da kouw lo mat dobäi d'Rue Dominique Lang, déi mir aus deene genannte Grënn wäerte mat nei gestalten. D.h. ganz ursprénglech war ugeduecht, just d'Uewerfläch matzestalten, mee ginn net eng Uewerfläch nei maachen, wann d'Reseauen ënnendrenner net an der Rei sinn. Sou hu mir am Fong entscheed, dorausser e ganze Projet ze maachen, deen da wéi folgt ausgesäit. Hei gesäit een nach eng Kéier an der Dropsiicht, plus eis topografesch Opnam, vu wéi engem Deel dass mer schwätzen. Wéi scho gesot, vun uewe vun der Route de Burange bis ënne bei de Park Mayrisch. Da kommen ech eng Kéier kuerz op d'Reseau-saarbechten, déi betraff sinn. Hei gesit dir nach eng Kéier d'Kanalnetz, dat ënnendrenner läit. Dat ass recht vill, well do zwou grouss Achsen, zwee grouss Kanäl sinn. Eng Kéier en 2,00m x 1,50m Kanal an eng Kéier 1,80m x 2,00m Kanal, wann ech mech net ieren. Mir schaffen haaptsächlech un deem vun 2,00m x 1,50m. Do wäerte mer déi Deeler wou elo déi rout Kräizer drop sinn, ausser Betrib huelen, well déi souwuel hydraulesch net méi néideg sinn an awer och an engem schlechten Zoustand sinn. Mir wäerten se net ersetzen. Wéi gesot, hydraulisch si se net méi néideg, well mëttlerweil de grouss Kanal entlaascht ass an och an Zukunft méi wäert entlaascht ginn, an doduerch déi Achsen net méi gebraucht ginn. Dat heescht, am Endeffekt, d'Kanäl selwer huele mer net eraus, déi gi verfëllt mat Stabilisé, sou dass ee se kann am Buedem loossen. Dat Eenzege wat un Aarbecht wäert stattfannen, ass déi Raccorden, déi haut un deem Kanal dru sinn, déi mussen mer natierlech ëmklemmen, op dee Kanal, dee vis-à-vis läit. Bei deene kleng Kräizer déi mir an deem hei Beräich hunn ass dat natierlech keng grouss Distanz. Hei schwätze mer awer vun enger e bësse méi grousser Distanz. Sou dass dat gewësse Gréisste vu Lächer ginn, déi mir natierlech op e Minimum wäerte reduzéieren. Souvill zou de Kanalaarbechten.

Dann Reseauaarbechten. Do gesitt Dir, dass mer am Fong haaptsächlech eis just am Trottoir rëmfanne wäerten. Do ass dran: Gas, Waasser, Eltrona, den Eclairage public vun der Ponts & Chaussées wäerte mer och mat nei maachen. Et wäerten, wou mir haut just Waasserleitungen op enger Säit leien hunn, d.h. hei ënne



laanscht, do hu mir eng Waasserleitung leien, déi dann nach eng Kéier eng Traversée mécht a riwwergeet. Do wäerte mer op déi zwou Säite Waasserleitungen leeën. Mir profitéieren da vum Chantier fir herno da méi effikass de Waasserreseau kënne do ze speisen. D'Post selwer maan och mat an d'Creos hunn och déi eng oder aner Gaine, déi matgeluecht ginn. Mee dir gesitt, mir befannen eis hei haaptsächlech ëmmer am Trottoir an net an der Strooss. Hei gesitt Dir en Ausschnëtt vun de Coupes, wéi dat dann herno ausgesäit. Mir hunn hei e Beispill vun der Coupe A, dat wier op Héicht vum Subway, wou dir och do nach eng Kéier gesitt, mat den Haaptreseau befanne mir eis am Trottoir. D'Post, wéinst Multitubulaire, dat leeë mer an d'Strooss, awer dat direkt niewent d'Bordure. Dat nämlecht dann och méi wäit hei hanne beim Park, dat ass dann d'Coupe C-C. Och do erëm eng Kéier, do si mer komplett am Trottoir. Do ass den Trottoir herno breet genuch, fir dass mer kënne d'Reseauen allegueren an den Trottoir leeën. Dann zur Uewerflächegestaltung, dat ass dann am Fong den Hauptprojet, deen herno de Aménagement ausmécht. Do war de Wunsch jo dass mer Vitess 30 km/h mat drasetzen. Deen Tronçon fänkt dann genau hei un, geet bis erof bei d'Rue Metz, wou dann och zwee Plattoe mat dra sinn. D.h. et kënnt een am Fong vun der Gare hei uewen, do ass e Platto, do fiert een 10cm rop, mat enger Pente déi ganz kloer mat der Ponts & Chaussées ofgeschwat ass. Dëst sinn op dëser Plaz 7% genau wou mer ropfueren. Dann ass e ganze Platto, dee geet bis heihinner. Do hu mer och eng Bordure lénks a riets vun nach just 3 cm, net 13cm, mee 3cm, wou mer da propper an de Shared Space kënne rafueren. Wou dann och nach eng Mini-Ramp ass, fir déi 3 cm dann ze fänken. Mee déi Ramp wäert herno guer net opfale. Dann hu mer een Deel hei dertëscht wou bewusst méi déif läit, wou 13cm Bordure ass lénks a riets. Dat och ënner anerem fir ze verhënneren datt, wëll hei op dem Trottoir geparkt gëtt, well dann awer erëm deen een oder anere mengt, hie misst eppes an- an auslueden. Dat ass méttlerweil ëmmer rëm méi gefrot vun der Ponts & Chaussées fir sou Saachen an engem Tronçon Vitess 30 km/h ze vermeiden. Dat ass och fir Schoulen z. B. fir dass kee Kiss-and-Go entsteet.

Hei hu mir dann deen 2. Platto fir erauszefueren aus deem Tronçon Vitess 30 km/h. Och do, dat ass eng Fuerderung vu Ponts & Chaussées, wann een en Tronçon Vitess 30 km/h huet, musse Mesuren am Agang an am Ausgang gebaut ginn. Dofir hei dann och dee Platto hei vir, wou dann och dee Passage, dee mir haut do hunn, mat ugehuewe gëtt, deen op deem Platto ass. Dat heiten ass am Fong de Plang, dee mir der Ponts & Chaussées mat ofginn hu fir mol e bëssen ze weisen, wéi déi Bordure wäert stattdannen. D.h. hei vir bei der Rue Metz, do hu mer d'Bordure op 3cm gelooss, sou

wéi se haut ass. Da kënnt de Platto, wou se um Platto, an an der Ramp selwer och op 3cm ass. Tëscht deenen zwee Plattoe si mir natierlech op 13 cm, wéi grad erkläert. An dann erëm op deem Platto, hei uewen, am Agangsberäich vun dem Shared Space, respektiv an d'Rue Wolter, do si mer och erëm op 3 cm. Wuel gesot, dir gesitt hei dat Mooft, dat Mooft stellt am Fong den Aménagement duer, fir de Guidage vun de Blannen. D.h. d'Passage ginn alleguer op de leschte Stand vun den Ufuerderunge vun de Ponts & Chaussées aménagéiert, mat Blanneguidage, mat de Placken, sou wéi mer et am Fong geholl och schonn am Shared Space gemaach hunn. Dat gëtt am Fong d'Kontinuitéit dovunner. Och do dann nach eng Kéier déi ënnerschiddlech Coupes. Fir iech et ze verdäitlechen. Hei ass z.B. de Platto, dee mer op Héicht vum Park Mayrisch hunn. Mir wäerten natierlech nach kucken, wéi de Kofferopbau ass. Normalerweis misst deen nach gutt sinn. Et ka sinn, dass déi eng oder aner Fléck ass. Do wou keng ass, wäerte mir hei einfach déi 10 cm, déi mir Héichtendifferenz herno hunn, wäerte mir déi einfach opfellen. An do kënnt en anere Makadam drop. Dir gesitt och do d'Bordure vun 3 cm lénks a riets, wou den Trottoir dann ausmécht. Dann hu mer deen Deel tëscht den 2 Plattoe mat 13 cm Borduren. Dann hu mer hei d'Coupe an Accès an de Shared Space natierlech do ouni Bordure, einfach eng Double file wou mir da rafueren an de Shared Space selwer. Dat Ganzt kritt en helle Faarftoun. De ganzen Tronçon Vitess 30 km/h, dee kritt en helle Faarfbelag/Faarftoun, sou wéi en haut och am Shared Space ass. Mir spille mam Gedanken, e klengen Ënnerschied an de Faarftoun dranzekréien. Mee vun der Firma selwer hier, seet si, dass een dat herno trotzdeem, op eng gewëssen Dauer net méi wäert mierken. Do si mer nach um kucke mat der Entreprise selwer. Dann ass och gefuerdert vun der Ponts & Chaussées selwer, dass den Trottoir am +/- nämmelechte Faarftoun ass. D. h. Mir kënne net rout mat beige kombinéieren. Sou dass mir och da am Beige-Toun wäerte bleiwen, wat den Trottoir ugeet.

Déi eenzel Accèsen déi mer hunn op d'Parkingen a wou Garagenafaarte sinn, do mussen d'Borduren ofgesenkt gi fir de Leit den Accès ze garantéieren. Hei gesitt Dir eng Kéier graff d'Längsprofil. Ech wëll net zevill dorobber agoen, mee do gesitt Dir en Kéier, wéi mir et am Fong wëlle maachen. Dat Gestrécht, dat ass de Bestand, wéi mer en haut hunn, d.h. mir probéieren eis +/- iwwerall op deem ze halen, wou mir sinn, ouni vill opzetippen. Do hu mer dee Platto, dee mir hei vir hu beim Park Mayrisch. An hei hu mir dann am Fong de Platto beim Shared Space. Dat heescht, et sollt sech net vill änneren. Mir wäerten och probéieren, net méi déif an de Koffer ze goen, wéi en haut ass, dat och fir d'Minimaldeckte vun der Ponts & Chaussées anzehalen an net ze änneren. Wat heescht



dat Ganzt fir den Trafick? Hei hu mir eng Kéier graff duergestallt, wéi sech dat auswierkt op den Trafick. Dat heescht an enger 1. Phas, wou mir just um Kanal schaffen, wäert dee ganzen Deel hei beanträchtegt sinn. Sou dass mer den Trafick just nach an eng Richtung kënne leeden. Dat wäert dann zur Süd-Säit sinn, wou mer den Trafick wäerte laanscht leeden. Mir mussen hei da kucken, wou de Passage haut ass, do muss vläicht schonn am Ufank e klengen Deel vun deem Virsprong vum Passage ewechgeholl ginn, mat der Luucht, déi déplacéiert muss ginn. D'Foussgänger ginn dann natierlech op op d'Südsäit eriwwegeleet, fir dann op där anerer Säit wou mer lo haut den Agang an de Shared Space hunn, do rëm iwwert dee provisoiresche Passage op déi aner Stroossesäit kënne ze goen. Wat heescht dat fir den Trafick, deen am Fong net méi dierf duerchfueren? Dee gëtt entweder an d'Rue de Burange laanschtgeleet oder halt duerch d'Rue Wolter. Dat entspreichend vun de Poids, déi se hunn. Hei an der Rue Wolter wäert et dann och warscheinlech net méi si wéi déi 3,5 Tonnen, respektiv déi 7,5 Tonnen, déi duerch dierfe geleet ginn. D'Busse selwer, dat gesi mer op engem anere Slide, déi wäerte probéiert ginn an d'Rue de l'Etang, sou wéi et haut am Fong och schonn d'Deviation ass fir de Projet Shared Space, wäerten d'Bussen duerch d'Rue de l'Etang ëmgeleet ginn. Dat gesi mir op enger spéiderer Folie nach eng Kéier.

Dann zu de Reseausaarbechten. Do schaffe mir och a verschiddene Phasen. Do wäert sech net vill änneren, par rapport zu deem Slide vu virdrun. Wa mer zur Nordsäit d'Reseauen nei maachen, heescht dat souvill dass mir och erëm den Trafick an eng Richtung kënne durchlafe loossen. De Foussgänger och erëm zur Südsäit iwwert den Trottoir goe loossen. Dat Eenzege wat sech halt vir am Beräich zum Bahnübergang wäert änneren, dat ass dass den Accès Richtung Wolterstrooss net méi wäert garantéiert ginn, sou dass een d'office dann duerch d'Rue de l'Etang muss fieren. Fir déi aner Stroossesäit, dann am Fong déi nämmelecht Situatioun, just dass halt de Verkéier op där anerer Spuer riwwer a Richtung Zentrum wäert lafen. D'Foussgänger wäerten zur Nordsäit guidéiert ginn. An d'Deviation och erëm do duerch d'Rue de Burange. Den Accès an d'Rue Wolter ass dann och rëm net garantéiert, och fir déi déi aus der ëstlecher Richtung kommen, déi hunn da guer keen Accès an déi Strooss eran. Dann eng ganz kuerz Zäit, wou mir dann och versichen, dat sou minimal wéi méiglech ze halen, wou mir awer leider net derlaanscht kommen, dat sinn d'Aarbechten an der Strooss selwer. Wou mir um Makadam schaffen, wou déi Rampe gebaut ginn. D'Bordur selwer probéiere mir scho virdrun ze setzen, mee d'Stroossenarbecht selwer bréngt halt eng Sperrung mat sech. Och do ass den Entrepreneur no Récksprooch och ganz

gewëllt, sou séier wéi méiglech ze schaffen, fir dass déi Zäit sech op en absolute Minimum reduzéiert. Lo eng Kéier d'Gesamtiwwersicht, wéi déi Deviation kéint ausgesinn. Dat heescht, dee Moment, wou mir d'Kanal-aarbechten, d'Reseausaarbechten an d'Trottoirs-aarbechte maache schécke mir den Trafick duerch d'Rue de l'Etang an duerch d'Rue de Burange. Fir dann am Fong de ganzen Tour mussen ze maache fir dann erëm beim Park Mayrisch kënne erauszekommen. Fir déi Zäit, wou de ganzen Tronçon gespaart ass, gëllt déi nämmelecht Deviation, och fir déi déi dann an d'Rue des Parcs wëlle fieren, z.B. déi mussen da leider och dee ganzen Tour maachen. Sinn do nach Froen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Tom Steichen fir déi doten Erklärungen. Ech wollt vläicht nach kuerz éier ech d'Wuert weiderginn un d'Gemegeconseillere fir hir Stellungnamen, respektiv Froen, an där wäerten et bestëmmt sinn, nach eng Kéier hei kloerstellen... Bon d'Dominique Lang, dat ass en neie Moment, déi huele mir lo ran. A mir hunn elo rausheieren, fir souwuel urbanistesche wéi och technesch eng besser Situatioun ze hu vis-à-vis vum Shared Space, mee awer och an de besteeënden Infrastrukturen, fir déi ze verbesseren. Ech mengen dat konnt een hei ganz kloer eraushéieren. Also eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun. Ech wollt awer och nach eng Kéier kloerstellen, well ech virdrun net wusst a mech déi lescht Wochen an Deeg ëm vill Projete lo hei bekëmmert hunn, dass mir lo hei, wat den Devis remanié ugeet, vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, dass mir dee scindéieren. D.h. den Devis remanié, dat ass jo d'Phas 1 an 2, a wat d'Phas 3 ugeet, vun der Plaz Franz Kinnen, do wäerte mir de 14. Februar nach eng Kéier an de Gemengerot komme mat engem Devis ronderëm d'Plaz Franz Kinnen. Ech wollt dat awer hei nach eng Kéier dem Gemengerot kloer soen, well mir am Fong der Meenung sinn, hei e proppere Cut ze maache mat der Phas 1 an 2. Well mir einfach mierken, en Devis deen ee stëmmt am Dezember 2015, par rapport zu der Evoluitioun vum Projet, mat deem wat ech alles vun Erklärungen ginn hunn, a mat engem Projet, deen, en fin de compte, 2022 soll fäerdeg sinn. Wa mir haut wieren, wier et mengen ech net schlecht gewiecht, wann ee Phas fir Phas all Kéier e separaten Devis gehat hätt. Well eeben de Projet sech net iwwer 2 Joer erstreckt. Mee iwwert effektiv wann ee seet, vun do un, wou een e konzipéiert huet an 2015 bis 2022 - a siwe Joe do kënne am Bausecteur, och deen ass an der Evoluitioun, net nëmmen de Gemengesecteur. Fir och do méi no bei der Realitéit ze sinn, och finanztechnesch... Et ass sécherlech net zefriddestellend, dass mir hei eng Hausse musse stëmmen an och um Niveau vum Devis mussen en Devis remanié maachen. Mee ech mengen dat mierkt een einfach bei Projeten,



déi eng länger Zäit daueren, an déi sech net, wéi mir et kllassescherweis oft hei hunn, iwwert 2 Budgetsjoren zéien. Ech wollt dat awer nach eng Kéier hei kloer och vis-à-vis vum Gemengerot preziséieren an awer och kloerstellen. D'Diskussioun ass op.

Madamm Kayser an dann den Här Martini. Madamm Kayser, ech ginn iech dann d'Wuert fir d'éischt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo, merci Här Buergermeeschter, ech wollt eng allgemeng Positioun huelen zum Punkt 3.3. also vum Devis remanié. Den Här Gangler huet sech virbereet zou dem Projet Aménagement vun der Rue Dominique Lang, an den Här Martini, deen huet nach e puer Detailfroen. Voilà. Dat ass, wéi mir eis et opgedeelt hunn. Ech schwätzen zum Punkt 3.3 „Approbation du devis remanié“ vun den 7,050 Milliounen. Et ass wéi den Här Buergermeeschter gesot huet. Wann een am Historique zrëckkuckt, mir haten den 11. Januar 2016, d'war net an enger Sitzung am Dezember 2015, mee et war an zwee Deeler, wou mir iwwert de Projet Shared Space ofgestëmmt haten.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER) Ech hu vum Startschoss geschwat.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo, de Startschoss war effektiv 2015. Am Ufank wollt d'Majoritéit oder de Schäfferot dass mir iwwert de globale Budget vun deem Projet Shared Space ofstëmmen, an do hat awer d'Oppositoun e bësse monéiert, dass mir do léiwer gehat hätten, dass mir iwwert de Projet Shared Space extra mol nach eng Diskussionsronn hunn an dann réischt doriwwer ofstëmmen. Dofir war dat och réischt den 11. Januar dunn 2016 de Fall. Do hat d'CSV en Devis vun 3,5 Milliounen, déi deemols avancéiert gi si fir den Reaménagement vun der Avenue Grande-Duchesse Charlotte an eng Zone de rencontre, déi hate mir matgestëmmt. Ech wollt och just drop hiweisen, am Enoncé, dee mir kritt hu vun 2016, do steet net genau drop, wéi de Vott ausgaange war, do steet just „décide d'approuver“, mee et steet net do, wéi votéiert gouf. D'war mat de Jostëmmen vun der LSAP, der CSV, deene Lénken a vun der ADR. Dergéint haten déi Gréng gestëmmt, just als klengen Detail. Dann, et war am Dezember 2015, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, du war de Startschoss. Do si verschidden Devisé virgeschloe ginn, an déi si vun der CSV net matgedroe ginn. Mir haten eis do enthalen, well mir do verschidden Onkloerheeten an den Explicatiounen fonnt hunn, an déi Onkloerheeten hu sech zur traureger Realitéit erginn, wéi mir haut gesinn. Mir kruten och ëmmer gesot: „Déi dräi Phase vum Shared Space, déi kaschten eis 6 Milliounen.“ Bon, den Här Buergermeeschter huet och elo zouginn, dass dat net konnt gehale ginn, déi Avancée vun deene 6

Milliounen. Ech mengen, grad wann s de lo hei den Devis am Detail kucks, wäerte mir wäit doriwwer erausschéissen, an ech denken do kann den Här Buergermeeschter eis vläicht och nach Explicatiounen ginn, wéi hie mengt, dass dann och d'Phas 3 sech wäert entwéckelen.

Mir sinn der Meenung, eng seriös Mengengepolitik, dat heescht an eisen Aen, all Projet ze duerchlichten an ze hannerfroen. An och wann de Vott gemaach ass, da muss een derhannert bliwen. An et muss een nofroen, ob de Projet 1. am Delai realiséiert gëtt, 2. op de Projet korrekt am Präis bliwwen ass, an 3. wéi eng Ursaachen derzou gefouert hunn, dass de Projet net wéi virgesi realiséiert gouf, respektiv méi deier ginn ass. D'Koordinatioun vum 2. Chantier - do hu mir sécher vill geléiert aus dem Mismanagement vum 1. Chantier, déi ass sécher vill besser gewiecht, dat ass ganz kloer. D'Beschëlderung war besser, d'Accèsen zu de Geschäfte ware besser - och wann ee mat de Geschäftsleit schwätzt, se hu sech manner am Stach gelooss gefillt elo bei der 2. Phas wéi bei der 1. Phas. Dat ass sécher eng däitlech Verbesserung. Mee awer déi massiv Zousatzkreditter déi mir hei stëmmen, dat ass awer eng batter Pëll déi mir musse schlécken. An do sinn an den Devisé relativ vill Onkloerheeten. Erlaab mir dat Punkt fir Punkt duerchzehuelen.

Am Devis remanié do steet elo en „Devis joint à la présente. Punkt 1. Réaménagement de la zone de rencontre“, do stinn 3,2 Milliounen dran. Dat verstinn ech elo net richtig, well jo awer den Devis initial, dat waren 3,5 Milliounen. Heescht dat, zu deenen 3,5 Milliounen komme lo nach eng Kéier 3,2 Milliounen derbäi? Oder, wéi et hei am Enoncé vun haut heescht, dass mir e Budget initial e Crédit vun 1,5 Milliounen maachen? Dat ass z.B. eng Onkloerheet déi net iwwereneestëmmt mat dem schrëftlechen Enoncé vun deene verschiddenen Artikelen. Da geet et och sou weider beim Gas. Do hate mir e Devis initial estimatif vu 400 000 € gestëmmt. Wann een hei elo kuckt, beim Devis remanié steet do 435 000 € géif dat kaschten. Mee mir sollen awer e Budgetsposte vun 80 000 € stëmmen. Da geet et weider am Devis estimatif zu der „Modification réseau de canalisation des eaux usées“. Do hate mir 760 000 Euro den 11. Dezember an de Konte stoen. A wann ech elo hei kucken, da géif dat e Plus maache vun 1,025 Milliounen, mee mir hunn awer hei am Ecrit e Kredit vun 900 000 € stoen. An et geet och weider bei de „Conduites d'eau potable“, do hate mir am Devis estimatif 400 000 € stoen. Do steet hei um Devis remanié um Calcul géif dann nëmmen e Surplus vu 60 000 € stoen, mee mir votéieren do awer e Kredit vun 90 000 €. An dann, wat en immensen Hoff ass, dat ass beim Renouvellement vun der Antenne collective. Do waren 112 000 € virgesinn, an am Devis steet lo do, kéime mir op 443 000 €. Dat



wären awer 331 000 € méi, mee mir sollen awer nëmmen ee Kredit vun 250 000 € nostëmmen. Do musst dir eis nach weider Erklärunge ginn. An da kommen ech nach op dee leschte Punkt: „Eclairage public, sonorisation et divers équipements“, also ech hu mir geduecht, dat ka jo nëmmen e Schreiffeeler sinn, well do hate mir 280 000 € virgesinn, an hei steet elo am Devis remanié 727 000 €. Dat ka bal nëmmen e Schreiffeeler sinn, well mir do jo just e Surplus vu 50 000 € nostëmmen. Also wéi gesot, dat si lo nach e bëssen Onkloerheeten. Wéi eng Chiffere sinn dann elo déi reell Chifferen? An ech denken och dass mir, sugger wa mir lo soen, dat heiten ass d'Phas 1 an d'Phas 2, ech weess nach net ob mir lo wierklech um Enn vun der Geschicht sinn, well d'Facturë vun der Phas 2 si jo och nach net alleguerte ran. Ech huelen un, dass dat heiten, deen Devis remanié sech haaptsächlech op d'Facturë vun der 1. Tranche baséiert. An, wéi gesot, d'Facturë vun der 2. Tranche hu mir nach net eran. An do ass meng Fro: Wéi eng Iwwerraschung sinn do nach ze erwaarden?

Dann hate mir gemengt verstanen ze hunn, dass mir an de Kontrakter, déi mat den Entrepreneuren an de Firmen ofgeschloss ginn, dass do och eng Präisgarantie dra wär. A wéi ass et da méiglech, dass et dann awer zu sou exorbitante Präishaussé komm ass? Jo, an u sech war jo gesot, déi 3 Phasen, déi kaschten eis 6 Milliounen am Ganzen. Bon, do si mir jo elo scho largement driwwer ewech. Wéi gesäit äre Calcul aus? Wat mengt dir wat an der 3. Phas u Belaaschtungen op d'Gemeng zoukënnt? A bon, et ass wéi dir sot, dir hofft op de Goodwill an den Engagement vu Ponts & Chaussées. Et ass ëmmer d'Saach, wann s De zu zwee Bauhäre bass, ass et net sou einfach wéi mat engem als eenzele Bauhär. Mee nichtsdestotrotz fanne mir als Conclusioun dass de Schäfferot, deen hei Bauhär war, Maître d'ouvrage a Gestionnaire vun dësem Chantier, an dee virun allem och Gestionnaire ass vun den Diddelenger Leit hire Suen, si mir der Meenung dass dir do är Opsiichtspflicht net korrekt gemaach hutt. An dat ass leider och näischt Neits, dass mir mussen extrem oft nostëmmen. Dat ass jo och dat, wat der virdru scho beim Agang bei den Diskussiounen zum Budget 2019 gesot hutt, dass een oft muss Devisen nostëmmen. Oft sinn et gutt Saachen, wou ee spontan muss aktiv ginn. Do si mir jo och der Meenung, dass dat heiansdo néideg ass, dat stëmme mir jo och oft mat. Mee wann d'CSV warnt virun onprezisen Devisen an onkalkuléierbaren Zousazfrais, ech denken do un d'Caramutashaus, ech loosse mech lo herno gären iwwerraschen, wann dat elo genau sou tel quel sollt sinn, wéi mir dat am éischten Devis gestëmmt hunn... Mee wéi gesot, wann d'CSV warnt, da gi mir ëmmer als Spillverdierwer dohigestallt: Jo, dir sidd géint de Projet. Et huet guer glat näischt domadder ze dinn, mee mir sinn der Meenung, dass dir do är Sorgfaltspflicht,

och als Gestionnaire vun den öffentleche Gelder vun de Gemengen, vun de Leit hei vun Diddeleng, besser musst wouerhuelen. An ech denken dat hei wär elo och mol en Ulass, den Här Buergermeeschter huet et a sengem Zousaz och e bësse gemaach, fir mol eng Kéier e Mea culpa ze maachen, dass mir dat net richteg kontrolléiert hunn als Schäfferot. Dass mir eis Aufgab net korrekt gemaach hunn. Ech denken den Zousaz, mir wäerten hoffen, dass et an Zukunft besser ass. Ech huelen un, dass dir dat och nach wollt derbäisetzen. A wéi gesot, zähneknirschend huele mir dat hei zur Kenntnis. Mir kucken elo nach, mir beschwätzen eis nach, wéi mir eis da beim Vott wäerten decidéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)
Merci. Weider Stellungnamen? Den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV) Villmools merci. Just eng kleng Detailfro. Vu dass nees méi Verkéier duerch d'Rue de l'Etang geleet gëtt, an do ass dat Dreiecksschëld zum Schluss, an do staut et, do geet de Stau un. An do zitt de Stau sech da bis laanscht de Kierfecht bis iwwer d'Schinnen erop bis op d'Kräizung. Gesitt dir net vläicht fir, wa méi Verkéier duerch déi Strooss geleet gëtt, fir déi Prioritéit op där Plaz ze änneren, fir de Verkéier méi fléissend ze kréien, fir dass mir net nees „deeselwechte Misère“ kréien, dee mir haten, wou mir an der Gaffelt geschafft haten. Do ass de Verkéier och duerch déi Strooss geleet ginn. An ech denken dass een dee Problem sou kéint behiewen. Déi zweet Fro, wou ech hat, wou mir ëmmer vu ville Leit ugeschwat ginn, dat ass de Belag gëtt jo méi hell gemeet, wéi dir gesot hutt. An am Duerf, do fuere jo awer eng ganz Rei Autoen driwwer, deen ass scho méi däischer ginn. Gëtt dee regelméisseg gebotzt, fir dass en och schéin hell bleift? Well déi do Plaz, bei der Dominique Lang, do wäert nach méi Verkéier driwwer lafen. Dat ass déi zweet Fro. An deen drëtten Punkt, dat ass eppes, wat ech méi oft soen, mee ech soen et nach eng Kéier hei: Dass, wa mir lo de Chantier do maachen, dass dat ëmmer accessibel bleift fir behënnert Leit a Leit mat Kutschen, dass do d'Trottoire vläicht do wou et riwwergeet, dass dat schéi glat gëtt. An der Stad hu se dat schéi propper gemeet mat enger Makadammsramp, déi se gemeet hunn. Fir dass Leit mat enger Kutsch schéin op de Mäertche kommen, z.B. bei der Gëlle Fra, do war och sou e Chantier. Ma ja, villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)
Merci dem Här Martini. Weider Stellungnamen? Den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Merci Här Buergermeeschter. Jo ech ka mech dem Här Martini elo nëmmen uschléissen. Ech hu scho méi oft gesot dass mir an



der Rue de l'Etang mat deem Problem vun deenen zwou Direktiounen, déi se befuerbar ass, immens Verkéiersproblemer kréien. A mir hate jo schonn an deem allgemenge Konzept, wou mam Ministère an de Ponts & Chaussées ausgeschafft ginn ass, eng Visioun gesinn, dass déi ganz Rue de l'Etang eng Kéier sollt an eng Richtung goe bis hannenhinner bei d'Karl-Marx-Strooss. An ech fannen och hei wier dat elo eng ganz sënnvoll Iddi. Well et ass jo awer sou, dass déi Autoen, déi da wëllen d'Niddeschgaass ëmgoen, ëmmer a Richtung Süde vun Diddeleng fueren, a meeschtens ass hiert Zil da jo warscheinlech Richtung Match. Dat heescht, wa mir se do direkt duerch d'ganz Rue de l'Etang bis hannenhinner bei d'Karl-Marx-Strooss géife leeden, da féiere mir s'och net duerch d'Rue Jean Jaurès an net laanscht Stadhausplaz a mir entlaaschten dann och den Zentrum e bëssen. An ech géif mengen, elo wier e ganz gudde Moment fir dat ze realiséieren. An da kommen ech zu deene Spärungen an Deviationsen. Do hat ech mir scho ganz vill de Kapp zerbrach. Lo hunn ech en och dofir wéi, an ech hunn nach net alles verstanen, wat dir lo do gesot hutt. Also ech hu mir einfach mol d'Situatioun ugekuckt, wéi se lo ass. Mir hu Milliounen Autoen do, mir hu Schülertransporter, déi massiv an déi zwou Richtungen fueren. An zwar fuere s'iwwe d'Kayler Strooss bis an de Lycée. A se fueren awer och vum Lycée bis an d'Annex vun der Alliance. An do si sugger Busser derbäi, déi hunn nach en halwe Bus hannendrun hängen. Dann hu mir dee ganze Verkéier, deen an déi ëstlech Quartiere geet. A mir hu 4 mol an der Stonn eng Schlaang vun 250 Autoen, déi do steet, genee op d'ärdoter Plaz, an zwar vun der Barrière bis bei d'Direkteschvilla, wann eis Barrière zou ass. An elo geet et jo sou, wann hei eng Spuer gespaart gëtt, da fueren all déi Autoen normalerweis - wa se kënnen fueren, d.h. wann d'Barrière net grad zou ass - da fueren se also laanscht de Monopol an dann erop Richtung Gare. Dat schéngt jo ze klappen.

Och dee ganz grouse Busopkommes, dee mir hunn, well mir hu jo schlussendlech all eis Buslinnen, souwuel den TICE, de Citybus an den RGTR, déi kommen aus der Parkstrooss oder aus der Rue Edison a fueren dohinner Richtung Gare. Dat heescht all déi Busse schlängelen sech dann och nach an déi eng Spuer do eran, déi laanscht de Monopol Richtung Gare geet. Dat ka jo eventuell nach funktionéieren. Mee déi ëmgekéiert Richtung, do froen ech mech, déi Bussen, déi vun der Kayler Strooss erofkommen a sollen dann an de Lycée fueren, wéi fueren déi? Da sot der, déi fueren dann an d'Route de Burange... a wat geschitt dann? Loosst der se dann duerch d'Rue Jean Berchem, duerch de Brill fueren, fir dass se bei de Lycée kënnen fueren? Oder wat fir ee Wee mussen se sichen? En tout cas, schéngt et jo awer mol dass se lo net méi kennen ëm 10 vir 8 do si fir d'Schüler

mat Zäit an d'Coursen ze bréngen. Also do ass sou en Nadelöhr, haaptsächlech an där Phas, wou nëmmen eng Spuer op ass, fir dee Verkéier, dee vun uewe vun der Keeler Strooss erofkënnt, fir dee Richtung ëstlech Quartieren oder Richtung Lycée Nic Biever ze guidéieren. Do schéngt mir iergendwéi awer e Problem ze sinn. Wann dat alles mat de Busse soll duerch de Brill goen, dat gëtt awer och e Sécherheetsproblem. Dann ass déi 2. Phas, wou alles gespaart ass. Bon, dat gëtt natierlech eng Katastroph, mee mir hu jo d'Chance, dass déi Wäitsicht do war, dat an d'Ouschtervakanz ze leeën, dann hu mir mol schonn de Schülertransport net méi.

Dann hunn ech awer nach eng Iwwerleeung. Wann natierlech elo dat Ganz gespaart ass, dann hu mir och déi 250 Meter Schlaang net méi virun de Barrière, dat ass dann och eng gutt Saach. Awer eng Fro hunn ech nach zu deem Parking nieft dem Mayrisch-Park. Dat ass jo e Parking, deen ass schonn interessant fir vill Leit fir ze parken. Et ass och eng Behënnerteplaz do. An dëse Parking, dee gëtt geholl, vun deelweis grouse Fernlastere fir Geschäfte ze beliwveren an der Niddeschgaass, ënner anerem ass do och eng Apdikt, déi gëtt dräimol am Dag beliwwert. Wéi gesäit dat elo aus an där Phas wou eng Spuer grad iwwert deen doten Trottoir fiert? Kommen déi dann nach op dee Parking eran? Kënnen si déi Geschäfte an déi Apdikt nach beliwveren? A wéi ass et herno an där Phas, dat ass ëmmerhin awer eng Woch, wou ganz gespaart ass? Wéi ginn déi Geschäfte beliwwert? Wéi gëtt déi Apdikt beliwwert? An dat ass e Problem, ech hu lo net matkritt, dass dir dat elo iergendwéi scho virgesinn hutt, dofir wollt ech awer do mol eng Kéier nohaken. An dat wier scho bal alles, an da soen ech iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Här Gangler. Weider Stellungnamen? Martine Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP) Merci Här Buergermeeschter. Merci och fir déi Ausféierungen, well och mir als LSAP, mir waren natierlech och besuergt, wéi deemols et schonn ugaangen ass, de Problem mat de Ponts & Chaussées. Wéi mir hu missen do d'Phase virzelen an auswiesselen. Dat sinn alles Erausforderungen fir d'Servicen, fir d'Ingenieuren, fir d'Architekten. An de Schäfferot huet dorop, mengen ech, immens gutt reagiert. Well et ass sech direkt Suerge gemaach ginn: Wéi hale mir deen Delai an, den Delai fir dëse Shared Space ze realiséieren? Also ass sech Suerge gemaach ginn, eischtens mol fir den Delai, fir datt dee realiséiert gëtt. Eischtens mol natierlech och, datt mir korrekt am Präis dat iwwert d'Bühn kréien. Datt dat lo net méiglech war, datt mir lo hei mussen nostëmmen, dat huet Uersachen. An och deenen ass op de Fong gaangen.



An eise Buergermeeschter huet eis lo och do déi néideg Informatiounen geléiwert an Detailer. Zum éischten huet dat mam Bauindex ze dinn, wourobber mir keen Afloss hunn. An zweetens si mir agaangen op d'Doleancen an d'Problemer an d'Suerge vun den Diddelenger Leit, besonnesch vun de Geschäftsleit. An dat huet mat sech bruecht, datt mir natierlech spontan aktiv gi sinn an hei direkt Léisunge gesicht hu fir Problemer, déi mir virdrun nach net woussten. Wéi ee sou schéi seet: herno ass een ëmmer méi schlaue. Mee op alle Fall weist jo och de Budget nach aus, an och am allgemengen nach aus, datt mit eis dat hei duerchaus leeschte kënnen. Dass mir eis dee Service, dee mir lo hei den Diddelenger Leit ubidden an de Geschäftsleit, dass et eis dat lo wäert war, well, wéi och d'CSV lo schonn ernimmt huet, d'Geschäftsleit si ganz zefridden an d'Leit waren och ganz zefridden. Well et huet iwwerhaupt keen Afloss gehat op d'Fester, op de Kleeschenënmzuch, alles ass vill besser iwwert d'Bün gaangen des Kéier an der zweeter Phas wéi an der éischter. An ech mengen dat huet och domadder ze dinn datt hei proaktiv Decisiounen geholl gi sinn, fir déi Feeler vun der 1. Phas net méi ze maachen. An dofir mengen ech ass hei och kee Grond fir lo traureg ze sinn.

Dir hutt vläicht gemierkt, dass ech hei lo déiselwecht Wieder benotze wéi dat, wat elo grad d'CSV eis virgeworf huet. Nämlech datt mir probéiert hunn, d'Delaen anzehalen, datt dat an dem Delai realiséiert gëtt, datt mir korrekt am Präis bleiwen, an datt mir d'Uersaache sichen, firwat déi Präisser net kënnen agehale ginn. Wa mir dofir lo mussen e Mea Culpa maachen, da maache mir en. Ech mengen, mir brauchen eis hei näischt virzwerfen. An ech fannen dat ass ganz gutt. Souwisou huet déi Phas och, datt mir lo vun enger Zon 50 km/h op eng Zon 30 km/h an dann op eng Zon 20 km/h eriwerginn. Dat ass och eppes, wat een nëmme ka beluewe fir sou eppes anzeféieren. Well domadder anticipéiere mir e Problem, deem demnächst op eis duerkomme wär, nämlech den Iwwergang ze maache vun enger normaler Strooss an de Shared Space. An ech mengen dat ass och eppes, wou mir nëmme kënnen de Schäfferot beluewen, iwwert dee Projet. Also vun der Säit vun der LSAP aus, alles an der Rei. Merci villmools.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Martine Bodry-Kohn fir seng Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Den Yves Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK) Villmools merci. Ech mengen et ass jo kee Geheimnis, dass mir als Déi Léng de Shared Space ni ënnerstëtzt hunn. Dofir géife mir eis beim Punkt 3.3. enthalten. Den Dénge awer, wou ech elo begeeschtert sinn, dat ass den 3.4., d'Dominique Lang Strooss. Dat fannen ech e Projet dee passt. Ech hunn awer do just eng Fro: Déi Ramp - gëtt dat eppes wéi

déi zu Beetebuerg? Well wann een do mat 30 bäifert, da fällt ee bal ausereen. Do wär ech frou, wann dat iergendwéi an enger normaler Héicht géif gebaut ginn. Och mat der Jeep geet dat net. Merci awer.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci, Här Jadin. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da ginn ech d'Wuert weider un den Tom Steichen, fir déi méi technesch Aspekter vun de Froen déi gestallt gi sinn, notamment vun der Madamm Kayser an dem Här Gangler an da géifen d'Claudia an ech nach op dee Volet agoen, dee méi politescher Natur ass.

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS)

Ech huelen d'Presentatioun erëm zréck. Bon, déi lescht Fro, déi wëll ech direkt beäntweren. Déi Rampenneigung, déi gëtt net sou wéi zu Beetebuerg. Dat gëtt manner. Dat wäert tëschtent 5 a 7 Prozent ginn. Et leeft op 7% eraus. Zu Beetebuerg dat sinn 10%. D'Ponts & Chaussées huet erkannt, dass do déi Neigungen einfach vill ze steil waren. Do goufen Analyse gemaach an och nei Proposen erageschéckt. Also dat wäert scho méi flaach ginn. Et ass net sou, datt jiddereen herno mat engem SUV muss duerchfuere fir driwwer ze kommen. Fir net opzeleien. Ok, da géif ech op déi éischt Fro agoen. Wou gefrot ginn ass mat de Budgeten, wéi et lo kéint z.B. sinn, dass deen 1. Budget, also de Budget vum Reame-nagement, dass deen elo méi déif ass wéi virdrun. Ech wëll drun erënneren, dass déi Budgete vun deemools fir d'Phas 1,2,3 waren, an hei ass de Budget vum Shared Space, Phas 1, 2. Dat heescht, et ass lo nëmme nach fir d'Phas 1, 2. Vun där Phas, déi realiséiert ass an där Phas, déi elo en cours ass. An do ass dann d'Place Kinnen net méi mat dran. An insgesamt dass awer d'Präisser gestige sinn, déi eng méi liicht, déi aner méi staark, dat ass drop zréckzeféieren, dass Präis-steigerunge komm sinn. De Projet gouf och deels positiv adaptéiert. Dat heescht et goufen aner Equipementer geholl, et goufen nach zousätzlech Equipementer geholl. Z.B. alt och fir d'Wanderbeleeg, do hu mir zousätzlech Equipementer mat virgesinn. Et sollen och nach aner Equipementer mat drakomme fir, ech denken elo nëmme un d'Waasserfontaine zum Beispill. Mir hunn déi Borne, déi mat rakënnt, de Poller, fir de Shared Space och emol kënnen punktuell ofzespären oder vläicht och méi dauerhaft. All déi Equipementer si vun 2015 bis elo bäikomm. Zousätzlech kënnt nach derbäi, dass mir lo an der aktueller Phas, duerch déi ganz Ufuerderungen, déi mir haten, hu mir er recht héicht Kapitel kritt mat Travaux préliminaires, wou soss, an der Zäit, a wou dat soss normalerweis och sou ass, dass dat iwwert den Uewer-flächenamenagement leeft. Vu que dass en awer elo sou héich war, gouf sech decidéiert, dat op déi eenzel Servicer opzedeelen. Sou dass natierlech Servicer eenzel et méi



ze spiere kréien. Also eleng fir de Shared Space sinn dat elo eng 800 000 Euro, déi opzedeele sinn op déi Servicer. Natierlech e Service dee fréier dat net ze spiere krut huet, wou dat da just iwwert de Reamangement gelaf ass, kritt déi Käschte lo natierlech méi ze spieren. Dofir sinn elo z.B. och beim Eclairage public oder bei der Antenn déi Käschte mat dropkomm. Mee insgesamt, dass ënnert dem Stréch dat Ganzt méi deier ginn ass... Wéi den Här Buergermeeschter scho sot, et si gewësse Wënsch, déi genannt gi sinn. Mir haten an der 1. Phase goufen halt Saachen net berécksiichtegt oder et si Saachen opgefall déi mir einfach wollte besser maachen. Déi hu mir besser gemaach. Déi froe mir och vum Entrepreneur, dass en déi soll eis erfëllen. A sou Wënsch, déi léisst den Entrepreneur sech natierlech och bezuelen. Dat hu mir ganz kloer gemierkt gehat, och un dem Interessi un der Phas 2.

Mir haten op der Visite des lieux 16 Entreprises, déi do waren, dat heescht, déi waren urspringlech interesséiert. Wéi mir hinnen du déi ganz Contraintë genannt hunn, wou dann och drënner war, kuerz Bauzäit, 12 Méint. Alles dat huet derzou gefouert, dass am Endeffekt just der nach 3 ofginn hu vu 16. Dat heescht, dat war schonn ofschreckend dat Ganzt. An déi dräi, déi ofginn hunn, déi hunn natierlech hir Präisser entspriechend ugepasst. An och fir déi Grondkäschten, eng Installation de chantier an sou, do hunn déi Sue gefrot natierlech. Sou dass déi Präisser, déi mir am Devis ausgerechent a scho ropgeschrauft haten, dass dat trotzdem fir déi Firmen nach ëmmer net duergaangen ass fir ze soen: OK, dass mir lo souvill musse Gas ginn, déi Contrainten alleguer hunn... Doduerch hu si halt de Präis nach eng Kéier ropgeschrauft gehat. Dat ass am Fong doduerch komm, dass mir de Geschäftsleit an och den Awunner déi do liewe wollten e Gefale maachen domadder. An dat fällt dann an d'Suen, an d'Käschte vun deem Ganzen. Jo, ech hoffen ech konnt dorobber elo är Froen beäntweren.

Natierlech, Dir hat och gefrot, wéi dat sech op d'Phas 3 an d'Rue du Commerce auswierkt. Do gëtt et nach keen Devis détaillé, dee wou ech iech haut well nennen. Mee natierlech, wa mir lo all déi Wënsch, déi mir an der Phas 2 hunn, wa mir déi och elo wëllen an der Phas 3 mat iwwerhuelen... Kloer wäert sech dann dee Budget och entspriechend entwéckelen. Ech mengen dat läit op der Hand. Jo zu der Fro vum Trafick an der Rue de l'Etang. Do weess ech lo net, ob dat lo just bedéngt ass duerch de Chantier, oder ob dat virdrun och scho war. Wann dat duerch de Chantier ass, kann een do vläicht eng Kéier kucken, ob do eppes machbar ass. Mee et ass schwéier dat ze maachen. Mee wann dat just fir de Chantier ass, da wëll ech drun erënneren, de Chantier kënnt och op säin Enn. Jo, duerno wäert sech déi urspringlech Situation erëm rëmfannen. Accès Rollstill a Kutschen, wou

gefrot ginn ass. Dat hat ech awer virdrun am Fong scho gesot. Mir maachen déi ganz Passagé sou, wéi se vun der Ponts & Chaussées gefrot sinn. Dat heescht, do wou déi Blann riwwerginn, op hirem Deel vum Passage, do wäert eng kleng Bordure bleiwe vun 3-6 Zentimeter, déi gefrot ass. Also um Platto selwer sinn et 3 cm, sou dass deem, dee mam Blannestack riwwergeet och do eng Detectioun huet: „Ok, lo sinn ech bei der Bordure, lo kommen ech erop.“ Par contre, do wou d'Rollstill, d'Kutschen, d'Veloë fueren, do si mir op 0,5 cm Erhéijung par rapport zu der Strooss, sou dass do och kee méi dierft behënnert sinn herno, fir rop a rof ze fueren. Egal ob Kutsch, Rollstull oder Vëlo. An de ganze Shared Space, do ass jo guer keng Stuf dran. Ausserhalb bei verschiddene Geschäfte oder bei verschidden Haiser, wou mir d'Stufen net konnten ewechhuelen. Mee iwwerall do wou et machbar war am Shared Space hu mir natierlech och eng Entrée à plat, ouni iergendeng Stuf gemaach. Dat heescht, den Accès dierft kee Problem stellen am Kader vum Chantier Phas 2 a Rue Dominique Lang. Ech hoffen, ech konnt déi Fro och beäntweren?

Genau de Verkéier Park Mayrisch. Ech huelen einfach nach eng Kéier déi Folie zréck. Huele mir déi dote Folie. Genau. Oder neen, mir ginn op déi. An deem heite Fall, do ass den Accès jo garantéiert. Dat heescht, si kënnen nach ëmmer op de Parking ropfueren. An deem anere Fall och, wou mir d'Reseauen nei maachen zur Nordsäit. Zur Südsäit hinn, do wäerte mir och mam Entrepreneur kucken, dass den Accès an där Emprise - do schwätze mir jo just vun e puer Meter - dass dee garantéiert ass. Et ka sinn, et kann net sinn, et wäert sinn, dass déi eng oder aner Zäit wou mir genau do, an deem Accès, déi Reseae leeen, dass do natierlech muss gespaart ginn. Do wäerte mir dann deem Ament an där nammlecher Situation sinn, wou ganz gespaart ass. Wou de Camion da muss eng Plaz fannen, wou en da kann - dir schwätzt jo lo haaptsächlech vun der Uliwwerung vun der Apdikt - ma ja vum Zeeman, jo... Dass mir do musse kucken. Mir musse kucke wéivill Plaz dass den Entrepreneur brauch, fir säi Chantier. Wann hie kann um Trottoir selwer no vir hi schaffen a vun hannen ugeliwwert gëtt, kann ee vläicht kucken, dass ee während där Woch, oder während deenen zwou Wochen, wou déi Reseauen do geluecht ginn, dass een do eng Alternativ fënnt. Vu que dass mir jo souwisou an eng Richtung den Trafick lafe loosse, dass mir virdrun iergendwou eng Plaz um Trottoir loosse, oder laanscht den Trottoir, dass en do kann ofliwweren. Dass mir déi ganz Phas, déi dir lo a rout gesitt, dass mir déi och an Etappe staffelen. Da musse mir do eng Léisung fannen. Geet dat duer als Äntwert?

PIT DEMUTH (CHEF VUM SERVICE CIRCULATION)

Also mir wëllen net duerch de Brill fuere loosse, dat heescht net duerch d'Rue Jean Bergmann, och net



duerch d'Pierre Krier-Strooss. Well dat sinn zimmlech schmuel Stroossen, da si Wunnstroossen, sinn Tempo 30 km/h Zonen. Mir hunn och scho mam TICE geschwat, an den TICE proposéiert eis, dass se, déi Zäit wou de Chantier ass, da fiert en d'Bierenger Strooss erof bis an d'Alexander Fleming. Da fiert e vun do aus an d'Pasteurstrooss an dann an d'Rue du Parc fir da bei de Lycée ze kommen. Fir dass elo net d'Bierger extra ageschränkt ginn duerch d'Bussen. D'Bierenger Strooss: Aktuell ass se jo tëschent der Pierre Kréier-Strooss an der Flemingstrooss nach zou. Mir hunn och nach gëschter mam Entrepreneur geschwat, an deen huet ons garantéiert, dass se fir den 1. Januar rëm befuerbar ass. Dass een do mat Bussen an Autoe kann derduerchkommen. Do mussen nach vläicht punktuell Saachen am Trottoir gemaach ginn, mee dat huet jo da keen Afloss op den Trafick, vum Auto a vum Bus a vum Velo.

MICHÈLE KAYSER-WENGER (CSV) Just eng kleng Interventioun. Mee do ass jo dann e Problem, do ass jo rëm eng Barrière dann déi spillt, Flemingstrooss asw., do staut et och oft zréck. Dat ass da guer net sou evident dann. Wéi wellen dann déi Gelenkbussen... déi kréien d'Kéier dann net aus der Bierengerstrooss fir rof an d'Alex Fleming-Strooss, wann do an der Kéier 20 Autoe stinn? Also dir musst iech dat mol eng Kéier moies ukucke goen. Dir wësst guert net, wéi dat do ass, mengen ech. Ech kann iech gären invitéieren, dir kënnt iech säit halwer sechs mëttlerweil bei mech a mäin Hall stellen, do ass Stop an Go. Ech mengen, d'Romaine kann iech invitéieren ëm déiselwecht Zäit a seng Strooss. Dat geet net!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Gutt. Ech géif d'Wuert emol weiderginn, fir d'Debaten hei kënne weiderzeféieren un d'Claudia, dat ass de Volet Circulatioun.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN) Ech fänke mam Schluss un. Also den TICE, deen test dat alles ëmmer fir d'éischt. Dat heescht, dee kënnt mat sengem Bus. Mat sengem kleng Bus oder sengem grouse Bus, mat deenen een déi normal Linne da fiert, och fir d'Schoul zum Beispill, kënnt deen dat testen. An da gëtt gekuckt, wa musse last minute Ännerunge gemeet ginn a wéi et och am schnellste geet. Si hunn extra do Leit, déi all déi Saachen do teste komme wa ronderëm am Süden e Chantier ass. Dat war dat. Dat meescht ass beäntwert. Zu der Rue de l'Etang, dat war den Här Martini. Also mär hunn dovunner ofgesi fir dat Dräieck, wann et et kuerze Chantier ass, fir dat do ze änneren. Dat huet och de Grond, well et einfach eng Unfallgefoer ass. Ech mengen dir kennt den Eck, dir kennt déi Trap wou do ass. Dir wësst wa mir do kuerzfristeg, just während e puer Deeg

oder während 2 Wochen eng Virfaart änneren, wat dat ka fir Konsequenzen hunn. Dofir hu mir dat net gemaach. Déi Iwwerleeungen, dat Ganzt ze änneren... Ech mengen dat war den Här Gangler wou dat gesot huet, fir datt alles eng Richtung ass, déi si scho vun mengem Vir- Virgänger deemools gemeet ginn. Dat war nach mengen ech ënnert dem Conny, déi Zäit als Verkéiersschaffen. Deemools war de Verkéier allerdéngs och nach net sou staark wéi haut. An et ass och geduecht, datt ee fir d'éischt mol géif de Shared Space ofwaarden. Mëttlerweil si mir mam Shared Space amgaang. Ech hunn iech gesot, de Verkéier ass méi ginn. An de Problem, wa mir dat dote maachen, déi Iwwerleeungen, déi mir lo gemaach hunn ass och déi: Mir wëlle jo eigentlech deen Duerchgangsverkéier, dee mir an Diddeleng hunn, dee wëlle mir net incitéieren. Mir wellen eigentlech guer net, datt se duerch den Zentrum fueren, fir hannert de Match oder vir an d'Frankräich ze kommen. A wa mir dat dote maachen, wa mir dat wierklech änneren, eng duerchgeeënd Strooss, dann hues Du u sech - wéi soll ech dat elo ausdrécken - dann hues du eng Autobunn geschaf fir Leit déi net wellen iwwert déi richtig Autobunn fueren an awer ganz séier wellen a Frankräich kommen. Dat heescht, dat sinn déi Iwwerleeungen, déi mir lo musse maachen. An och Zielungen nach eng Kéier maachen. Mir hu jo schonn eng Kéier Zielunge gemaach, wéivill Leit do fueren. Déi Zielungen och nach eng Kéier aktualiséieren. An dann et vläicht och eng Kéier testen, a kucken, ob dat eppes bréngt. Well mir kennen net op där enger Manéier soen, mir wëlle souwäit wéi méiglech, datt d'Autoen den Zentrum ëmfueren. A mir wellen eigentlech och guer net, datt iwwerhaupt den Duerchgangsverkéier, deen aus déisäits der Grenz kënnt, duerch Diddeleng fiert. An op déi aner Manéier géife mir dann hei eng Opportunitéit opmaachen, wou se eigentlech vill méi schnell doduerch wären. Dat sinn alles Iwwerleeungen, déi mir mussen mathuelen. Natierlech steet och den Diddelenger am Stau. Do hutt der Recht. Ech hat nach eppes vergiess. Pardon. Trottoiren. Dat war scho gesot ginn, iwwerall wou mir Trottoire bauen oder frëschmaachen, ech hunn dat schonn e puer Mol hei gesot. Mir kréien hei zwar gesot, déi Trottoire wären nach ze héich. Mee mir halen eis hei un dat, wat ADAPTO eis fir Handicapéierte-reegele virgëtt, respektiv och dat wat vun der Ponts & Chaussées gefrot gëtt. Ech mengen d'Experten, déi sinn hei, déi kennen dat bestätegen, déi kënne vläicht och eng Kéier déi Zentimeterzuel nennen. Mir hunn de leschte Gemengerot réischt dodriwwer diskutéiert. Ech kann iech just soen, dat ass dat wat si fueren. Wann dat dann natierlech nach ze héich ass, da muss ee sech vläicht eng Kéier un d'ADAPTO wenden, ob déi mat hire Virgaben erofginn. Mee mir halen eis wierklech strikt dorunner.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia. Da géif ech och nach op e puer Punkten agoen. Ech mengen ech deelen hei dem Martine Bodry-Kohn seng Aschätzung par rapport zum Projet, wollt awer nach op de Volet Delai an Opsiichtsflicht agoen. Ech mengen hei hu mir an der Phas 2 - quitte dass mir haut hei en Devis remanié hunn - leie mir largement am Delai. Well mir, effektiv wat positiv ass, par rapport zur 1. Phas eng Entreprise hunn déi ganz gewëssenhaft mam Projet ëmgeet, déi och dialogbereet ass. An déi och a Kontakt ass, souwuel mat der Gemeng, mat de Geschäftsleit an och mam Service de contrôle. Par rapport zur Opsiichtsflicht, ech hat virdrun als Erklärung ginn, dass mir am Ament um Niveau vum Bausecteur eng Saturatioun hunn. An dass mir och eng Hausse hu vun de Präiser. A mat där Realitéit si mir net nëmmen hei zu Diddeleng konfrontéiert, mee och illuster CSV-gefouert Gemenge sinn och mat dārselwechter Realitéit konfrontéiert. Dat wëll ech hei ganz kloer soen. Well Diskussiounen déi ech hat, och mat CSV-Buegermeeschtere gi genau an déi dote Richtung. Also Diddeleng ass do keng Insel.

Wat wär d'Optioun gewiecht? Wann ech der Logik vun der Madamm Kayer noginn? Mir hätten natierlech kéinte mat deem dote Constat, datt d'Adjudicatioun méi héich ass wéi d'Soumissioun. Do hätte mir kéinten, vu que datt mir eis awer an engem Kader beweegen, an engem legale Kader beweegen. Dat nennt sech d'Gesetz iwwert d'Marché publiquen... Do hätte mir natierlech kéinten déi dote Soumissioun annulléieren. An dir hutt jo och eraushéieren: 16 Interessenten, 3 déi effektiv ofginn hunn. Mir hätte se kéinten annulléieren. Präisgarantie bei enger 2. Ausschreibung gëtt et net. Mir hätten natierlech kéinten nach eng 2. Kéier ausschreiwen. Wat hätt dat mat sech bruecht? Präisgarantie ass keng do. Zweetens, also et war fir eis keng Optioun, fir dës Majoritéit keng Optioun, fir nach eng Kéier Retarden ze kréien. Da muss een d'Soumissioun nach eng Kéier frësch lancéieren. Da mussen nach eng Kéier Leit sech drop mellen. Et muss een déi ganz Prozedur nach eng Kéier maachen. Dat huet jo och en Impact op déi 3. Phas. Dat war, wéi gesot, fir eis keng Optioun, nach eng Kéier weider Retarden an deem dote Projet ze hunn. Dofir war et fir eis mengen ech méi wichteg, hei an de Gemengerot ze kommen, am Kader vun eiser Opsiichtsflicht iech en Devis remanié ze presentéieren, iech déi néideg Erklärungen ze ginn, vum Gemengerot gréng Luucht ze kréien, fir grad déi 2. Phas hei fäerdeg ze maachen, an och schonn d'Jalonen ze setze ronderëm d'Dominique Lang, respektiv Ufanks 2020 fir effektiv déi 3. Phas. Wou mir, wéi dir och schonn eraushéieren hutt, natierlech och an der 3. Phas, déi mir elo scindéieren: eent an zwee, respektiv déi drëtt Phas.

Wou mir natierlech och elo de Gegebenheeten aus der 2. Phas méi Rechnung droen. An ouni mech hei wëlle festzeleeën op e Montant. Dee wäert dann tēschent 3 a 4 Milliounen leien. Well dir mir d'Fro gestallt hutt. Mir sinn nach amgaangen, et ze préiwen am Kader vum Devis. Well mir jo och mat engem Devis de 14. Februar wëllen heihinner kommen an iech e wëlle presentéieren. Fir dass mir am Hierscht dann och kënnen ukommen, respektiv dann och Ponts & Chaussées deen doten Devis ka mat eranhuelen an hir Ausschreibung. Dat ass jo déi ganz Operatioun, déi mir hei deemtsprechend ze maachen hunn, well mir och bei der 3. Phas u si gebonne sinn. Also si mir wuel eiser Opsiichtsflicht hei nokomme, andeems mir lo hei reagéiere fir dass de Projet weidergeet. A fir dass net nach zousätzlech Retarde sollen erakommen. Well dat wär méiglech gewiecht, war mir d'Soumissioun annulléiert hätten. A fir deemtsprechend och net der Geschäftsfeld eng weider Zoomuddung ze ginn am Kader vu Retarden. Ech mengen dat ass déi Flicht, déi mir hei nogaange sinn a firwat mir hei souwuel den Devis remanié hei presentéieren, respektiv och den Devis ronderëm d'Dominique Lang. Voilà, dat waren déi Erklärungen, déi méi politescher Natur sinn, déi ech hei awer nach wollt dem Gemengerot virleeën. Den Här Garcia bei der Conclusioun huet nach eng Fro, respektiv Stellungnam.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) Jo, ech war mir net méi sécher op een hei kann eng Enthalung nach no dem Vott motivéieren, oder ob ee seng Enthalung virun dem Vott soll motivéieren. Dofir motivéieren ech se dann elo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Dat kënnt Dir maache wéi dir wëllt, dat steet iech fräi.

ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG) Ech hunn hei entsate Gesiichter gesinn, dass mir eis net hei an d'Diskussioun iwwert d'Upassung vun de Foussgänger an de Vëloen un den Autosverkéier bedeelegen. Mir wollten ofwaarden, wa mol rëm eng Kéier geschwat gëtt, wéi kann den Auto sech adaptéieren un d'Foussgänger an un d'Vëlofuerer. Fir eis ass déi Diskussioun Shared Space scho säit Joren ofgeschlossen. Mir waren och déi Eenzeg, déi dergéint gestëmmt hunn. Also, meng Kollegee vun deemools. A mir hunn eis Meenung net geännert. Allerdéngs muss ee soen, an dofir wollt ech déi Enthalung begrënnen: e Shared Space ass keng baulech Moossnam, e Shared Space ass e Konzept. A wann ee spéider an 10 Joer de Shared Space géif an eng Foussgängerzon ëmwandelen, da geet et duer, dass ee vir eng Barrière setzt, an déi Parkplazen, do setzt een da Vëlosstänneren, Poussettestänneren, Terrassen, Hochbeeter mat an Tēschenzäit legaliséiertem Cannabis, mir ass et egal.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Dat si jo schéin Aussichte fir Diddeleng!



ROBERT GARCIA (DÉI GRÉNG)

Voilà! Mee wéi gesot, déi ganz baulech Moosnamen, déi géifen och geschéie wann et eng Foussgängerzon géif. D'Kanalisation all déi Saachen... Dofir wäerte mir lo net fir dat heiten dergéint sinn. Mir enthalen eis, well mir géint d'Konzept sinn, awer déi baulesch Moosnamen, ausser de Parkingen an e puer aner Saachen, sinn u sech jo OK. Voilà, just dat fir et eng Kéier gesot ze hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Gutt, Merci och fir är Stellungnam. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Merci Här Buergermeeschter. Mir si par conter ëmmer fir de Shared Space gewiecht. Mir hunn dat eng ganz flott lddi fonnt. A mir sinn dat och nach haut. Mee mir hunn eeben eis Problemer mat de Finanzen, an et ass mir och elo nach ëmmer net ganz kloer, wéi een Devis mir dann elo solle stëmmen. Den Devis remanié, mat de Chiffren, wou mir op 7,05 Milliounen kommen? Oder den Ecrit, wou mir op en Surplus komme vun 2,8 Milliounen? Also dat ass mir net ganz kloer. Ech hat gesot gehat, z.B. beim Punkt 1, wou mir am Fong den Devis estimatif vun 3,5 Milliounen hunn, do kënnt e Surplus vun 1,5 Milliounen derbäi... Blabli a Blabla. Also do kéime mir da vun deene 5,4, déi initial virgesi sinn, kéime mir + 2,8 Milliounen, da wäere mir herno op 8,3 Milliounen. Dat ass dat, wat hei am Ecrit steet. A wann ech elo hei deen heiten huelen, d'Ausrechnung, da komme mir op 7,05. Also, et deet mir leed, dat ass jo awer eng Buchführung... Ech si jo kee Superheld an de Chifferen. Ech soen ëmmer, ech kennen d'Zuelen, mee ech kann net rechnen. Dat hei hunn ech awer elo mat menger Rechemaschinn ron bruecht, wann ech HEI kucken, komme mir op eng aner Ziffer, wéi déi déi hei kënnt. Well da kommen ech op déi 5,45 déi mir hei initial haten, an all déi Surplussen: 1,5 plus 80 plus 900, plus 90, plus 250 plus 50 000, da komme mir op plus 2,8 Milliounen. Da si mir am ganzen op 8,3 Milliounen. Da kënnt jo nach den Dominique Lang derbäi. Dat ginn 1,7 Milliounen, da si mir op 10 Milliounen. Dann nach Phas 3, plus 4, da komme mir am ganzen op 14 Milliounen. Ass dat richtig? Kascht dee Shared Space eis bis elo, connaissance d'aujourd'hui, 14 Milliounen? Et sinn zwou komplett verschidde Rechnungen. En plus hunn ech iech och gefrot...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Ech suivéieren iech net an ärer Rechnung, well dir maacht elo de ganze Sammelsurium mat der 3. Phas zesummen, wou mir nach guer net iwwert déi 3. Phas... Wat ech wëll soen: par rapport zum Devis remanié, dat ass, sou wéi effektiv d'Devisen hei virleien... Dat eent ass am Fong d'Deliberatioun, déi mir hei hunn. Dat ass déi wou mir intern... Ech mengen, dat wat zielt, dat sinn déi Devis remaniés, déi mir hei virleien hunn. An dat sin

déi 7 050 000 €. Dat ass d'Phas 1 an 2. D'Phas 1, déi ass schonn ausbezuelet. Hei si lo keng Rechnunge méi dran, wat lo nach aussteet vun der Phas 1. Dat ass am Fong just nach d'Phas 2. An dat heiten, déi 7 Milliounen, beinhalt d'Phas 1 déi jo scho bezuelet ass, respektiv den aneren Deel vun der Phas 2 an dofir gëtt d'Phas 3 lass-geléist. Voilà, dat ass déi aktuell Situatioun. Dofir si mir bei deene 7 Milliounen. Et ass dat am Fong och, anhand vun den Devisen, wat ausschlaggebend ass.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Mee dat ass awer net konkulant. De Punkt 6 zum Bei-spill. Do steet den Devis joint Eclairage public, Sonorisation: 727 000 €. Da kucken ech awer hei am schrëftlechen Ecrit, do steet dann awer Eclairage public, Sonorisation, do hate mir 280 000 €. An do steet et awer sou, wéi wa mir just 50 000 € géifen derbäisetzen. Mee da si mir awer nach net op deene 727 000 €, wou ech jo nach ëmmer der Meenung sinn, dat ass dach eng utopesch Zuel. Dat kann dach net sinn dass mir fir Geliits an e puer Haut-Parleure 727 000 € fir déi puer Meter Niddeschgaass do bezuelen. Also et deet mir leed...

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Dat eent ass fir den Devis estimatif, dee mir den 11. Dezember 2015 gestëmmt hunn, vun 280, mee lo si mir op engem Devis remanié, deen ass op 727.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Mee do steet awer ënnen nëmme 50 000 an hei steet awer am ganze 727 000 géif et kaschten. Dat wär jo awer eng Differenz vu 447 000 €, an net vun deene 50, déi mir bei déi 280 000 derbäisetzen. Kanner, Pardon?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Richtig, richtig, dat Eent ass effektiv en Devis an dat Anert ass e Kredit.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Ma dat heescht, mir ginn da lo, mir stëmmen 2,8 Milliounen zousätzlech Kreditter? Dat ass dat hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Devis. Mir stëmmen en Devis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Hei steet awer net Kredit. Hei steet Devis.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

De Patrick Bausch erkläert iech den Ënnerscheid.

PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR) Also dat ass den Ënnerscheid tëschent, de Gemengerot heescht an dësem Fall en Devis remanié gutt fir 7 050 000 €,



dat heescht, dat ass eng politesch Autorisatioun fir d'Aarbechten ze maachen. An uewen an der Préambule vun der Deliberatioun, do stinn och Referenzen drop, wat de Budget virgesäit, wéi d'Suen opgedeelt sinn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Ma dat ass jo awer largement méi. Do komme mir op 8,3 Milliounen. 5,4 + 2,8. Kommen ech do.

PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR) 5 452 000 € war den initialen Devis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) An dann all déi Punkten, déi derbäikommen. Dat si + 2,87 Milliounen, da kommen ech...

PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR) Neen, déi kann een net derbäizielen. Dat si jo d'Kreditter déi am Budget virgesi si fir se ze finanzéieren.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Dat heescht, déi si virgesinn, fir déi 7 Milliounen virzefinanzéieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) A PATRICK BAUSCH (GEMENGESEKRETÄR) Genau!

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Dat heescht et gött wierklech nëmmen... Dann erkläert mir awer trotzdeem deen Devis vun deene 727 000 €, Eclairage public, Sonorisation et divers équipements, woubäi mir jo awer do initialement just 280 000 € virgesinn hunn. Do wëll ech awer nach Detailler wëssen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Firwat dee sou héich ausfällt?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Firwat dee sou enorm héich ausfällt. 727 000 € fir Geliits. A Beschallung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Tom, kanns Du nach op deen aner Punkt agoen?

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS) Elo eleng nëmme fir d'Phas 2 déi mir lo bauen, do hu mir eleng fir de Génie civil, d.h. ouni d'Equipementer wou vu Gemengesäit bezuelt ginn, hu mir fir den Eclairage public eng 210 000 Euro a fir d'Antenne eng 250 000 Euro, wou mir déi ganz Gruefaarbechten hunn. Wéi scho virdrun erkläert, déi Montante si méi héich ginn doduerjer dass mir déi Installation de chantier, déi Travaux préliminaires op si opgedeelt hunn. Dat ass elo nëmmen d'Phas 2, ouni d'Equipements techniques. Déi kommen dann nach eng Kéier derbäi. Déi sinn net bëlleg, déi ganz Equipements techniques. Dat ass einfach e gewëssenen Equi-

pement wat och säi Präis huet. An dobäi feelen dann nach déi Sue vun der Phas 1. Déi komme jo dann och nach mat drop. Déi Rechnungen, déi scho bezuelt sinn. Déi Suen, déi un UVB gaange sinn an awer och alles dat wat hannendrun och nach war un Zousaz, wat kaaft gi war.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Dat eent schéckt dir raus, an dat anert ass bezuelt.

TOM STEICHEN (SCHROEDER & ASSOCIÉS) Jo.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Wéi gesot, den Devis ass, de Patrick Bausch huet et gesot, déi politesch Autorisatioun, déi mir siche ginn. An dann hues de nach d'Kreditter, déi dann effektiv och ofgebucht ginn. Voilà. Soss nach Froen, Remarken? Soss géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwerginn. Also dräi Votten, déi mir ze huelen hunn: den 1. Vott iwwert d'Verkéisersreglement, den 2. Vott iwwert den Devis remanié an den 3. Vott iwwert d'Dominique Lang.

Da géife mir mam 1. Vott ufänken: wien ass mam Verkéisersreglement ronderëm d'Dominique Lang averstanen? Verkéisersreglement Dominique Lang: dat si Stëmme vun LSAP an déi Lénk an déi Gréng. Jo. Wien as dergéint? Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

Da komme mir op den Devis remanié. An der Avenue Grande-Duchesse Charlotte, Phas 1 an 2. Wien ass domadder averstanen? D'Stëmme vun der LSAP. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng, déi Lénk an d'CSV.

Da kommen mir zum Devis vun der Dominique Lang. Wien ass mat deem averstanen? D'Stëmme vun LSAP, an déi Lénk an déi Gréng. Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

Voilà, da sinn déi dräi Reglementer ugeholl. Da soen ech dem dem Tom Steichen, Tom Schroeder an dem Pit Demuth merci fir hir Präsenz haut hei an hir Erklärungen.

3.5. MODIFIKATIOUN VUM KAPITEL VII - CITY-BUS VUM ALLGEMENGEN TAXEREGLEMENT

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER) Da gi mir weider op d'Taxereglement, an do spezifesch de City-Bus. Claudia, du hues d'Wuert.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) Jo dat ass schonn zweemol beim Budget ugeschwat ginn, eng Kéier vum Här Buegermeeschter, an eng Kéier vu mir selwer. Mir mussen d'Taxereglement wat eisen Ticketverkaf fir de City-Bus ubelaangt ofschafen, an zwar ab dem



1. Mäerz, well den ëffentlechen Transport jo gratis gëtt ab deem Datum. De Rescht vum Reglement dat bleift en vigeur.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia. Weider Stellungnamen dozou? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo, Merci Här Buergermeeschter. D'Madamm Dall'Agnol hat mir dat schonn op meng Fro, déi ech den 8. Februar gestallt hat, geäntwert. Wou ech gefrot hat, wéi d'Suite si fir de Gratistransport, do hat ech eng Kéier eng Fro un de Schäfferot gestallt, wéi dat da géif goen. Do hat der jo schonn annoncéiert, dass de City-Bus géif gratis ginn. Ech war awer elo e bësselche perplex wéi den Här Buergermeeschter a senger Introductioun zum Budget vum nächste Joer gesot hat, dass den TICE gesot huet, dass déi Recettë vum Staat fir de City-Bus géifen ewechfale. Well op meng Fro vum Februar, do hat et nach geheescht gehat, dass do awer guer keng Ännerung géing kommen. Dass den TICE-President gesot hätt, e wär nach rassuréiert ginn, dass de City-Bus géif weider finanziert ginn. Dat ass e bëssen enttäuschend. Erlaab mir awer och, well awer hei op deem Ziedel och de Flexibus kuerz ernimmt ass. Ech gi lo net drop an, dass mir léiwer eng Ausweitung hätte vum Flexibus fir Leit ënner 60 Joer, an och dass een iwwert eis Gemeengegrenzen ewech kéint fueren. Mee do hat der mir deemols och op meng Fro geäntwert, dass mir do eng Konventioun mam Sales hunn. Mee dat wär keng Konventioun. Mee dat wär en Accord oder en Ofkommen mam Sales. Mir kréien do eng Rechnung en fonction vun de Coursen, déi gemaach gi sinn. Do ass dann awer elo meng Fro. Wéi ass da lo no engem Joer Flexibus, wéi ass dann do elo d'Resultat finanziell gesinn? Dat wär vläicht interessant ze wëssen, wéivill Faarten hate mir do? Oder sot der mir dat d'nächst Woch?

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN)

Ech sichen et no an ech soen iech et, well ech hunn et.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV)

Tip top. Dat ass vläicht just interessant ze wëssen. Ansonsten, fanne mir dat mam City-Bus gratis, an der Logik vum gratis ëffentlechen Transport natierlech och eng Saach, déi mir och matdroen. Merci.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN)

Also wéi gesot, ech hunn d'Zifferen. Normalerweis sugger am Handy, dass ech iech se direkt kann nosichen. Dat ass allerdéngs da warscheinlech op den 1. Dezember oder sou, well d'Joer jo nach net ofgeschloss ass. Mee ech reechen eech déi no. Et ass wierklech eng grouss Demande. Et ass eppes wat wierklech Succès huet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Gutt, Merci. Kënne mir iwwer déi doten Abrogatioun hei am Gemengerot ofstëmmen? City-Bus-Tariffer, wien ass domat averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech dem Gemengerot villmools Merci.

3.6. VERSCHIDDE SUBVENTIOUNEN A PARTICIPATIOUN FIR D'STÉIT - UPASSUNG VUN DER PARTICIPATIOUN VUN DER STAD UN DE FRAISE FIR D'STERILISATIOUN AN D'KASTREIERE VU KAZEN AN HÈNN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

An da gi mir weider bei eis Kazen- an Hënnsfrënn. Ech ginn dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN)

Merci Här Buergermeeschter. Mir schwätzen hei vun enger Subventioun, wou mir och als Diddelenger Gemeng déi eenzeg Gemeng sinn am Land, déi de Leit do hëlleft, sech un de Fraisen ze bedeelegen. Ech schwätzen hei vun enger Participatioun, vun engem Reglement dat säit 1998 net méi ugepasst ginn ass. Ausser 2001 ass eng Kéier just de Switch gemeet gi vun de LUFen an den EURO. Vu wat schwätze mir hei? Et geet drëms dass mir d'Kastratioun an d'Sterilisatioun vun eisen Déieren, d.h. d'Muppen an d'Kazen, subventionéieren. Et muss ee wëssen, dass hautdesdaags eng Sterilisatioun oder eng Kastratioun vun engem weiblechen Hond bei 450 € läit. Bei engem männlechen Hond bei 210 €. Bei der Kaz, weiblech, 180 €. A bei der Kaz, männlech, 120 €. An eis Tariffer am Ament waren 75 fir e weiblechen Hond, 37,5 fir e männlechen Hond, 25 fir eng weiblech Kaz an 12,5 fir eng männlech Kaz. Mir gi vu 75 op 150, vu 37,5 op 70, vu 25 op 60 a vun 12,5 gi mir op 40 Euro, dat heescht, mir wäerten dat ganz staark erhéijen, sou dass mir deene Fraise vun haut och Rechnung wäerten droen. Ech ginn alt dovun aus, dass mir all d'accord wäerte sinn."

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem René Manderscheid. Froen dozou? Här Gangler an dann den Här Martini.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Merci Här Buergermeeschter. Ech hu keng Fro, ech hu just eng kleng Mëllechrechnung gemaach. 2001 hu mir jo dann 15 000 € ausgi fir déi Kastratiounscampagne. 2020 gi mir der nach 12 500 aus. Obschonn déi Saache jo all méi vill deier ginn a mir lo am Fong méi ausginn. Dat weist dann de Sënn vun der Campagne. Well dann hu mir jo lo manner Hënn a Kazen, well mir jo lo manner mussen dofir ausginn. Dat huet jo dann awer gedingt. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Sou kann et och argumentéieren. Här Martini. Merci Här Gangler.

CLAUDE MARTINI (CSV) Villmools Merci. Ech hat déi Chiffren nogesicht, déi den Här Manderscheid gesot huet. Si hate mech an der Klinik gefrot, ob ech wierklech souvill Hënn ze kastréieren hätt. Du hunn ech gesot, neen, dat wier fir de Gemengerot, wou ech déi Saache géif nofroen. Eng Kastratioun beim Ritt kascht effektiv bis 300 Euro, bei der Mudder bis 600 Euro. Mat deene Subventioun wou der gitt, bleiwe mir bei engem Véierel, wou mir d'Leit ënnerstëtze beim Präis. A bei de Kazen, do ënnerstëtze mir se mat 30 bis 40 Prozent. Déi Interventioun sinn awer ouni Laparoscopie, well déi sinn nämlech nach méi deier. Ech wousst guer net, dass dat alles sou deier wier. Da wusst ech perséinlech och net, dass een iwwerhaupt sou e Subside ka kréien. An der Klinik hu se gesot, et géife ganz vill Leit dat net wëssen. Dat heescht, eng ganz Rei vu Leit, déi net dovun profitéieren kënnen, well si dat guer net wussten. An dann ass d'Fro: Wat gëtt gemeet, fir d'Leit méi doriwwer ze informéieren? A wann een en Hond aus dem Déierenasyl hëllt oder eng Kaz. Gëtt den Déierenasyl do och ënnerstëtzt domadder? Ech weess dat net. Well ech hunn dat bis elo ëmmer selwer bezuelt. Dat heescht, wann s De den Hond adoptéiert hues, dann hunn ech dat bezuelt, mee ech krut awer ni gesot, ech kéint déi Suen iergendwéi zréckkréien. Respektiv, dat war och zu Gasperech, wou ech meng Hënn ëmmer geholl hunn. Dat wollt ech just betounen. Ech weess net, wéi et am Diddelenger Asyl ass. Kënnt Dir mir op déi Fro do äntweren?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Här Martini. Nach weider Stellungnamen? Här Jadin.

YVES JADIN (DÉI LÉNK) Just eng kuerz Fro. Déi chemesch Kastratioun vun Hënn, gëtt déi och ënnerstëtzt? Dat gëtt et nawell zanter deene leschten zwee Joer. Dat ass eng Sprëtze wou den Hond kritt, also e männlechen Hond, e Ritt. An dann huet en deen Drang net méi dozou. An déi kascht och net bëlleg.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci fir déi dote Stellungnam zur chemescher Kastratioun. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech dem Ren Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN) Ech wëll just ee Wuert dozou soen. Déi Subventioun sinn agefouert ginn op Wonsch vum SPAD, vun eiser Société de la protection des animaux. Also am Kloertext: deejeenen, deen dat wëll maachen, an dee geet an den

Déierenasyl, dee gëtt vun deenen informéiert opgrond vun eise Subsidereglement. Du gëss dat gewuer bei hinne wann s De geess. An och d'Veterinaren, egal wéi se heeschen, wëssen, wann en Diddelenger kënnt mat sengem Déier, dass hei e Subventiounsreglement leeft. Déi wëssen dat alleguerten. Dat heescht also en Diddelenger dee wëllt seng Hënn steriliséieren oder kastréieren loossen, dee gëtt dat gewuer wann e bei de Veterinaire geet, respektiv bei d'Déierenasyl. Mir kënnen awer trotzdeem nach eng Kéier am Bliedchen eng Annonce starten, dann ass et nach eng Kéier gutt rappeliert.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Gutt. Merci fir déi doten Erklärungen. Gi mir zum Vott iwwer: Wien ass mam Taxereglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech dem Gemengerot Merci.

3.7. APPROBATION VUN DER KONVENTIOUN FIR D'DIDDELENGER KIERCH SAINT MARTIN DEM FONDS DE GESTION DES ÉDIFICES RELIGIEUX ZUR VERFÜGUNG ZE STELLEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Ech géif proposéieren, dass mir deen hei Punkt nach huelen, eier mir an d'Mëttespaus ginn. Mir fuere jo normalerweis ëm halwer zwou weider. De Punkt 3.7. do geet et ëm d'Konventioun vun der Mise à disposition vun eiser Kierch, der Eglise Saint Martin, wou mir als Gemeng Propriétaire sinn, un de Fonds de gestion des édifices religieux. Also deen neie Fong dee geschaf gouf. Dat heiten ass jo zréckzeféieren op de Vott hei engersäits am Gemengerot, dee geholl gouf. D'Declaration d'intention. Dat war am Mäerz 2017, wou déi deemoleg Majoritéit an déi aktuell Majoritéit sech dofir ausgeschat huet, dass am Fong d'Kierch soll am Besëtz vun der Gemeng bliwen. An ech mengen dat de Prealabel jo war, deen an d'Gesetz agefloss ass, tëschent der Definitioun, wat Propriétéit ass oder bleift vun der Gemeng, respektiv vum neie Fong, dee geschaf gouf. Haut, an der Tëschenzäit, d'Gesetz ass jo duerch, d'Applikatioun. Mir si Propriétaire vun deem Patrimoine, vun dem Gebai, dat jo och klasséiert ass. Also am klore Verhältnes vu Propriétaire - Locataire. Well d'Gesetz jo och virgesäit dass een eng Convention de mise à disposition jo stëmme muss. Wat natierlech dann hei déi classesch Situatioun reegelt tëschent dem Propriétaire an och dem Locataire. Bon de Virlaf vun dëser Konventioun war deen, dass mir als Gemeng, zesumme mat - et ass jo lo haut méi e plastesche Begrëff - mat der Kierchefabrik zesummen e Projet vun enger Konventioun ausgeschafft hunn an och eng Reunioun haten am Bistum selwer mam Generalvikar, wou mir dat heiten duerchgeholl hunn. Well jo effektiv souwuel de Bistum, an do gesitt dir, déi hu schon hiren Accord ginn, mee awer och den Inneminis-



tère hiren Accord hu musse ginn, wat déi dote Konventioun ugeet. Mir hunn dat also am Fong am Dialog gemeet. A wat mir hei an der Konventioun erëmfannen ass e bësse baséiert op Modeller vu Konventiounen, déi ausgeschafft goufen. Et ass am Fong e Kompromiss tëschent dem neigeschafene Fong, der lokaler Kierchefabrik an der Stad Diddeleng. An effektiv ass och den aktuelle Gegebenheeten, déi sech jo e bëssen historesch areien, wéi mir bis elo ëmmer zu Diddeleng verfuer sinn, wat och d'Organisatioun vun enger Rei vu Manifestatiounen ugeet, ass och deem hei an dëser Konventioun Rechnung gedroe gëtt. Ech muss soen, dass et konstruktiv Diskussiounen waren, wann och net ëmmer an de Verhandlungen eng gewëssen Evidenz war. An ech wäert da vläicht herno nach op e puer Punkten agoen um Niveau vun de Virstellungen, déi de part et d'autre waren, wou mir net ëmmer averstane waren. Mee et war éischter d'Gemeng, déi ne averstane war, wéi de Fong.

Fir iwwer déi Convention de mise à disposition hei ze diskutéiere wäert ech vläicht déi verschidde Punkten duerchhuelen: Bon, si ass effektiv tëschent der Stad Diddeleng an dem Fong, deen awer hei vertrauden ass duerch ... Ech hu jo virdru vun der lokaler Kierchefabrik geschwat, mee déi hu jo lo eng nei Denominatioun. Dat ass de Conseil de gestion paroissiale de la Paroisse de Diddeleng Saint Martin. Et ass sou, wéi se sech neierdénge nennen. Mir hunn effektiv déi historesch Gegebenheeten, wéi mir ëmmer bis dato verfuer sinn, hu mir och an den Observations préliminaires vun dëser Konventioun dragesat. Dass effektiv dëst Gebai am Gesetz vum 13. Februar 2018 ausweist, dass mir Proprietär sinn, dass mir natierlech iwwert déi lescht Joren, wéi d'Gesetz nach net a Kraaft war, dran investéiert hunn. Gutt 2,2 Milliounen €. Souwuel d'Gemeng wéi och d'Kierchefabrik. Dass un der leschter Renovatiounsaktioun, déi mir gemeet hunn och d'Kierchefabrik en Apport krut huet vun 400 000 €. An dass natierlech och, well mir hei am Droit civil sinn, an zwar alles wat Biens meubles an immeubles ugeet, et ass awer och deen Deel vun der Uergel. Dass natierlech och déi ganz Renovatioun an Extensioun, dass dat natierlech och statfonnt huet deemools opgedeelt tëschent der Gemeng, der Kierchefabrik an den Amis de l'Orgue. Dat e bëssen als Präambel, wou mir dat awer kloerstellen. Bon, dir gesitt hei an dëser Konventioun huet de Bistum scho säin Accord ginn. Dat war den 29. November 2019. Sou wéi et ass: Mir si Proprietär, de Fong ass Locataire an natierlech ass dat heiten eng Kierch déi mir zur Verfügung stelle fir „des fins exclusivement de culte catholique“, also näischt ongewéinlech an der Destinatioun déi et deementspriedend huet. Mir sinn eis awer och eens gewiecht, dass accessoirement awer och aner Affektatiounen do kënnen stattfannen, an ech

wäert dann herno drop kommen, déi éischter e kulturelle Charakter hunn an déi awer och d'Dignitéit vum Edifice religieux kënnen, respektiv mussen, gewärleeschten. Déi Durée vun der Zurverfügungstellung dat ass néng Joer. Ech mengen, do orientéiere mir ons um Gesetz.

Mat enger tacitter Reconductioun fir déiselwecht Period, wann et net aus verschiddene Grënn soll gekënnegt ginn. An do gesäit d'Gesetz en Rei Dispositiounen fir, säitens vum Fong, säitens awer och vun der Gemeng. Natierlech, och wann de Fong hei Locataire ass, hie kann net iergendwellech Transformatiounen oder Modifikatiounen maachen ouni den Accord vun der Gemeng. Also déi ass jo da Proprietär wéi gesot. Sou e klasesch Verhältnes Proprietär - Locataire, a mir froen hei eng Indemnité annuelle vu 1 500 € d'Joer. Och do beweege mir eis am Kader vum Gesetz. Wéi gesot, indexéiert. An natierlech dass déi Indemnitéit scho fir d'Joer 2019 bezuelt gëtt. Dann hu mir hei gesot, dass de Fong natierlech och d'Gebai notze ka fir des „Fins non culturelles“, an et dass an deem Kontext natierlech och eng Demande muss ugedroe ginn un engersäits de Conseil de gestion paroissiale, respektiv awer och un de Paschtouer. Mee dass et fir eis awer och wichteg war, an dat war eng Diskussiounsbasis deemools, dass déi Decisioun déi geholl gëtt, dass do ganz kloer och d'Gemeng als Proprietär hiren Avis kann ofgi wat déi Affectatioun non-culturelle sollt sinn. Een Ament waren do éischter Iwwerleeungen, dass dat net de Fall wär. D'war méi d'Iwwerleeung säitens vum Fong, vum Bistum wéi vum Conseil de gestion paroissiale, deen dat och als Evidenz gesinn huet. Do hu mir eis awer hanneno gëeenegt, dass souguer alle béid hiren Avis kënnen ofginn an dass och hirem Avis Rechnung gedroe gëtt.

De Fong als Locataire muss natierlech eng Rei Assurancen huele fir Risque locatif, Incendie, Responsabilité civile, fir Waasserschued an och Bris de glace. Dann hu mir natierlech och hei am Artikel 6 stoen dass de Fong natierlech muss den Entretien courant, Gas, Waasser, Elektresch, dofir muss en opkommen, well hien et jo och exklusiv notzt. An dass hien natierlech déi ganz Frais de fonctionnement et de consommation, dass hien och déi muss en charge huelen, sou wéi dat klasesch bei engem Locataire de Fall ass. Natierlech och Frais wat Waasser, Elektresch, wéi gesot, Chauffage an alles wat Botzes ugeet, och dat musse si droen. An natierlech musse si och während der méi kaler Saison de Chauffage droen an och kucken dass keng Degaten zoustan kommen, wann et ufänkt ze fréieren. Bon, ech muss soen, dat war de Knackpunkt, well do de Bistum der Meinung war, dass mir eng gewëssen Température ambiante als Proprietär sollten droen. Domadder ware mir awer net averstanen. An du hu mir eis gëeenegt dass si dat en charge huelen. Dat war och fir si kee Problem an



natierlech hu si och d'Frais d'entretien, notamment och wat d'Biens meubles ugeet, dat heescht d'Bänken, d'Tableauen an d'Statuen. Do musse si d'Frais d'entretien vun deenen huelen. Da si mir natierlech klassesch als Proprietär alles wat den Entretien ugeet am Interêt vun der Preservatioun. Ech mengen do komme mir eiser Roll als Proprietär no.

Wa mir lo higinn an do d'Fassad vir wëlle frëschmaachen, wéi ech uganks am Budget gesot hunn, am Kader vun der 3. Phas vum Shared Space. Ech mengen dat ass kloer eng Aarbecht, déi op eis duerkënnt. An do kréie mir da jo och déi néideg Subventioun vum Kulturministère. Alles wat Conservation, Entretien constructif, Remise en état, dat ass klassesch d'Roll vum Proprietär. Dann hu mir awer och am Artikel 7 draschreiwelooss, dass mir e gewëssenen Montant vun de Frais de chauffage iwwerhuelen. Bis zu 20 Prozent, a gedeckelt op 5 000 € d'Joer. Och dat war eng Diskussioun, well de Fong a sengen ursprénglechen Iwwerleeungen déi Ausrichtung hat, an a verschiddene Konventiounen steet dat dran, dass fir all eenzel Aktivitéit, déi do stattfënnt, déi culturelle Charakter huet, dass si do all Kéiers eng separat Facture kënnen ausstelle fir d'Notzung déi deementspreechend gemeet gëtt. Déi dann net méi exklusiv, also déi dann e culturelle Charakter huet. Bon, do hu mir mat hinnen diskutéiert, well engersäits jo mol d'Gemeng, respektiv d'Museksschoul drop zrëckgräift, fir Concerten ze maachen. Respektiv awer och well déi ganz Woch och Course vun der Museksschoul do stattfannen. An du si mir eis eens ginn: „Bon, et huet jo hei kee Wäert, vu que dass mir dat och notzen, dass hei permanent d'Ausrichtung soll sinn, dass mir hei individuell all Kéiers eng Facture ausgestallt kréie fir déi doten Notzung. Dass mir einfach soen: Effektiv, dir hutt generell gewësse Fraisen ze droen hei. Mir maachen do e Plafond vu 5000 € iwwert d'Joer. Maximum 20 Prozent, wou mir dann en charge huelen, well mir et da jo och als Gemeng notze fir eis Museksschoul, respektiv och am Kader vu Concerten. An natierlech och alles wat Frais de maintenance vun den Immeubles par destination ugeet, d.h. souwuel d'Uergel, wéi och d'Klacken, wéi och d'Auer. Dat ass natierlech och d'Gemeng, déi déi droe muss, d.h. déi klassesch „Immeubles par destination“.

Voilà, dann hate mir och draschreiwelooss - dofir hunn ech virduon ausgeholl op den historiesche Kontext - wa kulturell Manifestatiounen an der Kierch stattfannen, wéi eis Concerten, dass déi deementspreechend och do kënnen stattfannen. Dass dat ouni Problem méiglech ass. An dass natierlech och d'Uergel der Gemeng, respektiv och hei der Museksschoul zur Verfügung gestallt gëtt. An natierlech war et eis och wichteg, well jo och eng Programmsécherheet gewärleescht muss

ginn, fir d'Amis de l'Orgue, dass déi natierlech och hir Concerte respektiv hir Festivallen ouni Problemen do kënnen stattfanne loossen. An, wéi gesot, de Culte catholique e Besoin huet, dass deen ëmmer wat d'Horairen ugeet, priméiert par rapport zu deenen aneren Aktivitéiten, déi do stattfannen. Dat hu mir draschreiwelooss, mee dat war a priori ni e Problem bis dato a wäert och ni deementspreechend ee sinn. Voilà, ech mengen dat e bësse méi an Detail, wat an dëser Konventioun drasteet, an déi, de part et d'autre, d'Relatiounen reegelt tëschent der Gemeng, der sougenanntener lokaler Kierchefabrik an dem Fong. An ech menge mir hunn hei e Modus fonnt, wou mir gutt zesumme schaffen. Mir hunn nach ëmmer gutt Relatiounen gehat. An och iwwert dëser Konventioun steet näischt am Wee, dass dat och sou weidergeet. Awer an engem kloer definéierte Kader tëschent engersäits dem Propriétaire an anersäits dem Locataire, an dës Mise à disposition reegelt also och déi weider Relatiounen, déi mir wäerte mateneen hunn. Dës mengen ech zu den Ausféierungen, wat dës Konventioun ugeet. An d'Diskussioun ass op. Hår Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉI GRENG) Merci fir d'Wuert. Ech wollt vläicht véier kleng Remarke maachen zu deem heiten Thema. Dat éischt ass reng prozedural, ech hu mol héieren, dass sou Konventiounen, an deene Gemengen, wou d'Finanzkommissioun méi wéi eemol d'Joer tagt och heiandsdo an d'Finanzkommissioun ex ante kënnt. Wou een da kéint an der Finanzkommissioun e puer Suggestiounen maachen an da géif et herno réischt an de Gemengerot kommen. Bon, elo musse mir entweder dofir, dergéint, oder sech enthalten. Dat zweet ass de Prinzip vun der Utilisation exclusive duerch d'kathoulesch Kierch. Do ginn et an eiser politescher Kierch an och an anere politesche Kierche ganz divergent Meenungen. An dësem spezifische Fall, wou d'Kierch der Gemeng gehéiert, wou se och eng Valeur patrimoniale huet, hu mir lo am Numm vun eis zwee kee Problem domadder, dat der Kierch zur Verfügung ze stellen. Et ginn natierlech och nach aner Culten, déi dat kéinte maachen, mee dat eng Diskussioun, déi vläicht e bësse méi akademesch ass. Deen drëtten Punkt, ech maachen et kuerz. Wéi gesot, wann een dat elo sou vu bausse betruucht, dann ass alles fein. Als Locataire kriss de 20% vun dengem Heizkäsche bezuelt. An anere Kontexter wäeren do... Also ech fréier als Leeder vun engem Kulturzentrum wär frou gewiecht doriwwer. Mee bon, dir hutt jo erkläert, firwat dass dat ass. Et ass jo effektiv och sou, dass eng Minimaltemperatur muss do herrschen, soss gëtt dat Gebai jo deterioréiert. An dass d'kathoulesch Kierch an och déi aner Utilisateuren eigentlech och net ëmmer permanent präsent sinn, wéi wa se elo an engem Büroshaus wäeren. Domadder hu mir manner Problemer. Méi Problemer hu mer, dat ass



mäi véierten a leschte Punkt, dass déi Decisioun iwwert déi Utilisation tout-à-fait accessoire vun net-culturellen Aktivitéiten, dass déi herno just beim Paschtouer läit. Dir hutt jo gesot, den Avis vun der Gemeng gëtt gefrot, mee d'Decisioun läit beim Paschtouer. Bon, lo hu mir e ganz feine Paschtouer, mee dat kann sech och nach änneren. Wa mir iwwerhaapt nach e Paschtouer hunn an 10, 20 Joer. Mir sinn och d'accord, dass een do net ufänkt, iergendwellech Aktivitéiten ze maachen...

Ech soen elo, eng Ausstellung mat blasphemische Karikaturen iwwert de Jesus, de Mohammed, de Buddha an ech weess net wat, dat ass och zimmlech kloer, dass mir sou Aktivitéiten net maachen. Mee ech hu mir einfach lo mol eng imaginéiert. An do wollt ech mol froen, wéi d'Gemeng sech do géif verhalten a wéi de Paschtouer sech do géif verhalten. A menger Jugend gouf et sou kritech jonk Katholiken a Katholikinnen, déi e bësse verschidde Saache bei der Kierch a Fro gestallt hunn, wéi z.B. den Zölibat oder d'Fro, dass d'Fraen net däerfe Paschtouer ginn. A stellt iech emol vir, sou ee Grupp géif sech erëm konstituieren an déi wélten - an där Kierch, well dat jo konzeptuell ass - do wélten déi eng Konferenz maachen. Firwat däerf eng Fra net hei um Altar eng Mass halen? A si wélten do eng Konferenz driwwer maachen. Wéi reagiert do de Paschtouer? Dat ass net culturel, mee dat ass kulturell zimmlech no bei der Problematik? Wéi géif do d'Gemeng reagieren? Géif se do soen, OK, Neen a sou weider? Dat ass vläicht e bësse karikatural, mee dat ass awer duerchaus méiglech. Bon et kéint ee lo natierlech nach aner Saachen do zitëieren. Dofir fannen ech dat doten effektiv extrem restriktiv. An et ass och aus deem Grond, wou mir eis bei där heite Konventioun enthalten. A mir wäre frou gewiecht, wa mir hätte kënnen en amont vläicht driwwer diskutieren fir e bësse méi en demokrateschen Mechanismus vun der Prise de décision iwwert déi Utilisation non-culturelle hätten do kënnen beaflossen. Ech soen iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Här Garcia, fir är Remark. Den Här Jadin an dann den Här Gangler.

YVES JADIN (DÉI LÉNK) Villmools Merci. Also, ech ginn dem Här Garcia ganz Recht. Ech hunn awer nach eng aner Fro. Den Artikel 3. Déi 1 500 €, sinn déi virgesi vu Gesetz, a festgesat? Ma ja gutt. Wann ee bedenkt fir dat ganz Gebai 1 500 € d'Joer ze bezuelen. Hei zu Diddeleng kascht eng Kummer vu 15 m2 tèschent 650 an 800 €. Da fannen ech dee Betrag lachhaft. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Här Jadin. Nach weider Stellungnamen? Den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Merci, Här Buergermeeschter. Entschëllegt elo wa meng Ausféierunge sech e bësse mat deem iwwerschneide wat dir scho gesot hutt. Mee ech kann deen Text do net sou zerplécken. Ech hoffen dann op är Gedold zielen ze kënnen. Mir hate jo dann 2017 d'Besetzverhältnesser gekläert. An där fréierer Amorce vun där Konventioun do. Ech mengen, wann ech mech richtig erënneren, hat d'CSV déi Zäit just bemängelt, bei der 1. Amorce vun der Konventioun, dass do zevill Saachen dra wieren, déi géifen zevill ofleede vum eigentleche Prinzip, deen deen Ament just Propriétéitsverhältnesser waren. Dat ass elo bei dëser Konventioun natierlech eng aner Saach. Dat hei ass jo lo am Fong dee klassische Mietvertrag, dat hutt der gesot, Här Buergermeeschter. Et gëtt also festgehal, dass d'Gebai mat de Klacken an der Tuermmauer der Gemeng gehéiert, an och vun hir ënnerhale gi soll. Grad sou wéi eis Stahlhuth-Uergel, an ech mengen do kann een nach e bësse méi insistieren. Dat ass jo awer e Patrimoine culturel, dat ass eng Raritéit an Europa. Déi ass viru Joeren, vun enger gemeinsamer Aktioun tèscht Gemeng, Staat a Kierch ganz opwänneg restauréiert ginn. Ech hunn do e Chiffer an Erënnung vun 20 Milliounen Frang déi dat deemools waren. An déi Uergel ass vu grousssem Interessi an der Groussregioun, a si gëtt all Joer d'Bün fir international Festivallen. A wéi dir richtig gesot hutt gëtt se am Kader vun der Museksschoul och als Proufinstrument genotzt. Et läit also op der Hand dass d'Gemeng och fir hiren Ënnerhalt soll opkommen.

Eng Fro, déi ech mir awer lo gestallt hunn, dat ass mir elo opgefall, wou Dir geschwat hutt vun den Tableaue vum Dominique Lang. Gesinn ech dat da richtig dass déi nach der Kierchefabrik, oder wa mir lo net méi Kierchefabrik dierfe soen, dem CGP, Comité de gestion paroissiale, gehéieren? Et ass nämlech net extra opgefouert do. Während d'Uergel jo kloer opgefouert ass, d'Klacken, den Tuerm alles ass opgefouert. An d'Tableaue vum Dominique Lang sinn net opgefouert. Vläicht kënnt der eis do nach e bësse fixéieren op dee Punkt. Dee Kierchefong oder dee Comité de gestion paroissiale bezillt dann also elo fir d'Notzung déi 1537,50 € déi indexéiert sinn. A si bezillt och selwer d'Betribskäschten, Waasser, Gas, Elektresch, déi sech op ronn 25 000 € d'Joer belafen. An de Proprietär vun der Kierch bedeelegt sech dann um Ënnerhalt vum Gebai mat engem Heizungszouschoss vu 5000 €. An dann ass de Proprietär vun der Kierch trotzdem awer och nach mat de staatlechen Instanze gefuerdert fir d'Restauratioun vun der Fassad vun der Kierch. Well dat Gebai dat jo um Inventaire vun den erhaltenswäerte Gebaier steet, gutt soll erhale bleiwen. Erënnere mir awer drun, dass fir déi Fassad, déi fréier Kierchefabrik och schonn emol matgeholf hat, déi Restauratioun ze droen.



An dat war virum Akraafttriede vum Gesetz vum 13. Februar 2018. Dat war e Montant, wéi dir gesot hutt, vun an déi 400 000 Euro. An deemools hat awer dann och schonn déi Kierchefabrik gesot: „Méi wäit kënne mir beim beschte Wëllen net goen.“ De Projet ass duerch d'Participatioun vum Service Sites et Monuments ebeemol vill méi deier ginn. An déi initial gerechent, an dat wat si initial wollte ginn, hu se och ginn, a si konnten du net méi méi ginn. Lo stellt sech jo fir d'Kierchen, fir de Comité de gestion déi Fro vun der Restauratioun vun der Fassad net méi. Well jo, dat ass net méi hire Béier, loosse mir mol sou soen. Iwwerhaapt, an dat hutt dir och richteg gesot, war jo déi Zesummenaarbecht vu Poar a Gemeng iwwer Joerzénkten ëmmer eng ganz gutt. Et ass erfreeslech ze gesinn, dass dat och an Zukunft soll weidergoen. Déi 2 Parteie si sech gutt eens ginn. Dat soll sou weidergoen. Eng änlech gutt Zesummenaarbecht ass och schonn ugeklungen. Hu mir jo och schonn de Moment an der Realisatioun vu bezuelbarem Wunnen an der Zinnenstrooss. Vläch kann e jo awer nach eng Kéier drun denken dass d'Kierchefabrik, virun der Trennung vu Kierch a Staat hire Budget ëmmer hei am Gemengerot virbruecht huet an awer och ëmmer ënnerstrach huet, dass si hiren Defizit ëmmer selwer wollt droen. An net d'Gemeng dofir implizéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)
Dofir hu mir d'Fraise gedroen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Jo dann hat dir d'Frais, dann hat jiddereen eppes davun. An där gudder Entente iwwert Joerzénkten, wou souwuel d'Kierch wéi och d'Gemeng ëm den Erhalt an d'Restauratioun vun der Parkierch an och der Uergel sech gesuert hunn, schreift sech also dës Konventioun an. An et kann ee soen, dat hutt dir och gesot, dass dës Konventioun eng equilibéiert Situatioun souwuel wéi fir d'Gemeng wéi fir de Fong duerstellt. An dat also trotz deem Artikel vum Gesetz, deem de Gemeng verbitt, d'Kierch op iergendeng Manéier ze ënnerstëtzen. An deem Artikel gëtt dann och dann erëm zitéiert am Inneministère senger rezenter Budgetscirculaire. D'Gemeng huet eeben d'Responsabilitéit, hiert Gebai gutt ze erhalen an ze ënnerhalen. An dat mécht se hei an dësem Fall ouni domadder de Fong ze ënnerstëtzen. Dat kann e vläch mol eng Kéier kloer ënnersträichen. Déi Konventioun, déi zur Debatt steet, huet par rapport zur Besëtzerklärungsintentioun vun 2017 wierklech nach ganz vill Kloeerheet bruecht. An dat ass och fir d'CSV de Punkt fir ze soen, dass dat heizen e bessert Dokument ass, wéi dat deemools an dass mir dat och kënne droen. Dofir gëtt och lo hei festgehalten, dass déi Ausübung vum Kult Prioritéit ass. An dass aner, net culturell - mir mussen ënnerscheeden tëscht den Termen. Ech mengen den Här Buergermeeschter hat heiansdo a mengen Aen net ganz kloer gesot. Also

en „culturell“ Aktivitéit, dat ass eng déi de Culte interesséiert. D.h. dat ass alles wat reliés Manifestatiounen an der Kierch sinn. Wärend kulturell...

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)
Jo, jo, jo. Ech hat scho ganz kloer den Ënnerschied gemeet Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Ech hat gemengt, ech hätt et heiansdo net richteg héieren, mee dat kann awer och u mengem Gehéier leien.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)
Neen, neen, neen. D'Prezisioun ware ganz kloer.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Mee et gëtt festgehal, dass d'Ausübung vum Kult Prioritéit huet, an dass déi net-culturell Manifestatiounen net kënne ouni d'Disponibilitéit an den Accord vun der Kierch octroyéiert ginn. Dat ass sécher e grouse Respektserweis vum Proprietär géintwärt dem Locataire. Praktesch misst ee sech elo mol do virstellen, wéi elo mol den Oflaf vu sou engem Kierchejoer ass. Ech weess, dat interesséiert elo déi mannsten heibannen, dofir ginn ech lo méiglechst séier driwwer. Den Oflaf huet jo Héichpunkten. Do sinn zum Beispill d'Metten elo fir de 24., do ass d'Kommoun an esou. An ech mengen et ass scho wichteg, dass festgehale gëtt, dass do net z.B. d'Gemeng kéint kommen a grad op Hellegowend e Concert an der Kierch wëlle maachen, wann d'Kierch jo awer do de ganzen Dag hir Kannermetten an och owes hir aner Metten huet. Dat ass just ee Beispill fir ze erklären, firwat et awer wichteg ass, dass een deem, deem déi Kierch do benotzt awer och de Fräiraum gëtt, fir säi Programm kënne duerchzeféieren, ouni dass do een drafunkt. Lo drängt sech awer dann eng Fro op. An dat ass schonn ugeklungen.

Eng kleng Onkloeerheet hunn ech do awer fonnt. Do steet also dass, wann eng net reliés Manifestatioun soll stattfannen, den Organisateur dovunner muss den Accord vun der Par, also vum Paschtouer, gedroe vum Erzbisum ufroen. An dass en doropshinn eng méiglechst schréftlech Äntwert an engem méiglechst raisonnablen Delai kritt. An déi Äntwert berëfft sech dann op d'Decisioun vun deem Comité de gestion paroissiale, awer och op deem Avis vun der Stad Diddeleng. Dat war lo hei gesot ginn. Grad do ass mir onkloeer, wien deem Avis vun der Gemeng soll ufroen, an zu wat fir engem Zäitpunkt? Muss deem Organisateur, deem eng culturell Aktivitéit do wëllt ofhalen, selwer deem Avis bei der Gemeng ufroen? Oder ass et um CGP, deem d'Ufro vun deem Organisateur kritt, fir déi Demande virunzeginn un d'Gemeng, fir dass déi da kann hiren Avis ofginn? Dat war am Fong déi eenzeg Onkloeerheet an deem Text hei. Mee fir de Rescht wäert d'CSV déi Konventioun hei



matdroen, well si e fairt Arrangement tèschent zwou Parteien ass, keng Partei diskriminéiert, a sech an der Suite vun enger gudder Zesummenaarbecht tèscht Kierch a Gemeng aschreift, an dat an de Limitten, déi d'Gesetz zouléisst. Ech soen iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Här Gangler. Nach weider Stellungnamen? D'Martine Bodry-Kohn

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP) Ech hunn hei nach vläicht just e klengen Ajout ze maachen zu deem Thema. Wéi den Här Gangler richteg gesot huet, ass dat hei en Arrangement, e fairt Arrangement tèschent zwou Parteien. A wann hien och elo geschwat huet vum Kierchejoer a vun der Programmation, wat elo déi kierchlech Fester ubelaangt, ech mengen dat ass keng Diskussioun. Mat deemselwechte gudde Wëlle rechne mir dann och vun där anerer Säit. Datt do och net, wa scho gesot gëtt hei an där Konventioun, datt de Culte virgeet. Datt do dann och mat vill Fairness vun där anerer Säit och geschafft gëtt an net einfach ebeemol e Culte gesat gëtt, relativ spontan, oder iergendwéi sou dass de Kalenner blockéiert gëtt wann deen eventuell gebraucht géif gi fir eng net-culturell Organisatioun, Manifestatioun, Concert, wat ëmmer. Also ech mengen do hoffe mir dann och vun där anerer Säit op e Fairplay an ech mengen dat wäert och sou iwwert d'Bün goen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Martine Bodry-Kohn. Merci och fir d'Stellungnamen. Hei gëtt oft geschwat, eng Konventioun vun zwou Parteien. Ech gesinn et éischter tèschent dräi, well mir och probéiert hunn, souwuel als Gemeng wéi zesumme mam Conseil de gestion paroissiale, mee awer och da mam Fong, déi zwee lescht sinn sech heiansdo net ëmmer eens, mee op alle Fall op verschiddene Saache si se sech eens. Op alle Fall hu mir hei probéiert, eng Konventioun op d'Been ze bréngen, wou jiddereen sech dran erëmfënnt. Dat ass och an deem Etat d'esprit, wou mir an déi Diskussiounen och vun Ufank u gaange sinn. Och wa vläicht verschidden Differenze waren, iwwert déi mir hu missen diskutéieren. Dofir vläicht dem Här Garcia seng Remark, dat hätte kënnen an eng Finanzkommissioun ze huelen. Also mir ware scho mol frou, dass mir mol an enger éischter Etapp mat der lokaler Kierchefabrik, Conseil de gestion paroissiale, eis eens waren, wat d'Ausrichtung géif ugoe par rapport zu der Konventioun. An effektiv, mir wousste jo och net, war herno beim Bistum géif erauskommen. Dat heescht et waren net evident Traktatiounen. Ech verstinn awer dann hei den Appel fir effektiv d'Bedelegung vun enger Finanzkommissioun. Mee et war schonn net esou evident. Mee ech verstinn awer de Message, deen dir

hei deementspriedend och wollt matginn. Et ass och vum Loyer geschwat ginn, an och den Här Jadin... Ech mengen, mir maachen hei näischt Aneshtes, wéi dat wat d'Gesetz eis virschreift. La loi du 13 février 2018. Déi seet ganz kloer, wat een am Kader vum Gesetz ka maachen. A mir beweegen eis am Kader vum Gesetz, sans plus ni moins. Ech kéint mir net virstellen, hei d'Gesetz net ze respektéieren als Buergermeeschter. Do kann een natierlech hale vum Loyer wat ee wëll. Mee d'Gesetz ass awer dat, wat eis hei d'Richtung gëtt an un deem mir eis dann och orientéieren. Par rapport zu der Remark vun de Biller vum Dominique Lang. Ech mengen dat sinn Immeubles par destination. Wéi gesot, do si mir och mat de Propriétaire. Mir kommen och do deementspriedend dofir op.

A par rapport zu der praktescher Ausleeung ass et natierlech esou, dass entweder de Comité de gestion paroissiale, respektiv de Paschtouer d'Ufro kritt, an natierlech dat weiderleet un d'Gemeng, a mir doropshinn dann och eisen Avis ofginn. Dass och de Conseil de gestion paroissiale sän Avis mat ofgëtt, dat ass och - dat hat ech virdru vergiess ze soen, et ass gutt, dass dir drop higewisen hutt - och dat ass nei. Well initial wollt de Bistum just, dass de Paschtouer sän Avis ofgëtt. Awer do war effektiv dann de Conseil de gestion paroissiale der Meenung, dass si och awer sollte konsultéiert ginn. Och do hu mir de Gegebenheete Rechnung gedroen, déi mir déi lescht Joren och haten. Ma fir mech schéngt et awer evident ze sinn, Här Garcia, dass wa mir och d'Gebai notzen, och wa mir Propriétaire sinn, do falen natierlech Käschten un. Och um Niveau vun der Museksschoul. Dass mir och do eisen Deel vun de Käschte matdroen. Ech mengen dat ass en Equiliber dee mir hei fonnt hu par rapport zu enger dogmatescher Ausrichtung, dass een all Prestatioun wëll facturéieren. Ech mengen dass een hei, wéi gesot, an deenen Traktatiounen, wou ee mateneen diskutéiert, mengen ech e Wee fënnt, wou jidderee sech dran erëmfënnt. Ech mengen da konnt déi Konventioun hei och zum Ofschloss kommen. Natierlech, déi Diskussioun, déi dir hei gefouert hutt: Wat geschitt, wann? Och dat hu mir effektiv och do ugeschnidden. Och natierlech ervirgestallt dass mir am Ament a gudden Terme si mam Paschtouer. Mee wann effektiv dat net wär, do ware mir eis eens, dass mir hei ëmmer probéieren, mam gesonde Mënscheverstand un d'Saach erunzegoen. Dass dat eis soll leeden.

An d'Kristallkugel kënn mir net kucken. Mee effektiv, dat ass och eng Suerg, déi mir och oppen undiskutéiert hunn. Den Ament gi mir eens. Nach kann een och dës Konventioun nobesseren, wa wierklech eng Kéier Situatioun géife kommen, wou e bësse méi konflikteell deementspriedend och wäeren. Ech mengen de Moment fuere mir gutt mateneen. Natierlech, wa Manifestatiounen



generell do stattfannen, ech mengen dat ass ee Krittär, deen ëmmer spillt. An dat ass souwuel am Gesetz, an dat hu mir och hei an der Konventioun iwwerholl. Dat ass d'Unité des lieux, déi muss gewahrt bleiwen. Ech mengen dass och dat de Kader ass, an deem mir eis beweegen. Voilà. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Wann ech nach vläicht just dierft eng kleng Indikatioun ginn. Dir braucht keng gliese Kugel, fir d'Evolution vun der Kierch hei zu Lëtzebuerg ze gesinn. De Bëschof huet a sengem Hierdebréif viru 14 Deeg scho geschriwwen, dass mir mëttlerweil eng Minoritéit sinn. A wann de Paschtouer Ries net méi do ass, da kréie mir kee méi schlechten, mee dann ass ze fäerten, dass mir guer kee méi amplaz kréien. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Mol kucken, ob mir dat lo positiv oder negativ deite sollen. Dat loosse mir da mol am Raum stoen. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mir zu der Konventioun iwwerginn an doriwwer ofstëmmen. **Wien ass mat dëser Konventioun, sou wéi se hei virläit averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP an CSV. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an déi Lénk.** Voilà. Da soen ech iech villmools merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Gutt, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech gesinn dass der no der Paus an nom Mëttegiesse rëm gutt a Form sidd a gudder Stëmmung sidd. Dofir géing ech proposéieren, dass mir mam Ordre du Jour vum Gemengerot vun haut de Mëtte weiderfueren. De René Manderscheid wäert e bësse méi spéit zu eis stoussen, well mir nach en zivilt Begrieffnes hunn, wat hie wäert halen. Ech géif awer proposéieren, vu dass mir awer nach e chargéierten Ordre du Jour hunn de Mëtten, weiderzefueren.

3.8. APPROBATION VUN ENGEM GEWERBLECHE CONTRAT DE BAIL MAT DER FIRMA DG HABITAT S.A. BETREFF D'LOCATIION VUM GESCHÄFTSLOKAL 14 - 16, RUE DE LA LIBÉRATION

3.9. ABBROBATION VUN ENGEM GEWERBLECHE CONTRAT DE BAIL DE SOUS-LOCATION MAT DER SOCIÉTÉIT OUNI S.C., FIR D'LOCATIION VUN DEM GESCHÄFTSLOKAL 14 - 16, RUE DE LA LIBÉRATION

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

A mir kommen op de Punkt 3.8. an och de Punkt 3.9. Ech géif déi zesammenhuelen, well et do dorëms geet, wou mir als Gemeng Locataire ginn, respektiv eng Sous-Locatioun maachen an et geet hei ëm näischt anesches wéi de Projet OUNI, wou mir als Gemeng Locataire gi bei engem Proprietär, deen hei zu Diddeleng e Local commercial huet, a wou mir herno en contrepartie als

Locataire eng Sous-Locatioun maachen und d'Société coopérative OUNI. Ech mengen dass dat heite keen onwichtigen Akt ass. Wann een e bëssen der Historique mécht. Viru gutt sechs Méint huet d'Société Coopérative OUNI decidéiert, sech en zweet Standbeen hei zu Lëtzebuerg ze ginn. En zweet Standbeen am Süden. An am Süden hei zu Diddeleng. Dat war eng Decisioun vum Verwaltungsrot, wat eng ganz positiv Decisioun ass. Si haten zwar nach kee Lokal, awer si haten déi Décision de principe geholl. Wat ganz gutt ass. An haut konkretiséiere mir dat zesumme wann de Gemengerot och hei de Feu vert gëtt. Wéi se effektiv déi Decisioun geholl hunn, si se un d'Gemeng erugetrueden. An du hu mir als Gemeng zesumme mat eisem Citymanager eng Recherche gemeet, wat potential Gemengelokaler kéinte sinn, fir OUNI ënnerzekréien. An awer och mat där Decisioun déi gefall ass vum Verwaltungsrot, huet sech awer parallel och e Groupement gebilt vun der Transitioun Diddeleng, wou eng Rei Diddelenger Benevollen sech engagéiert hunn an och sech effektiv op de Fändel geschriwwen hunn, sou wéi jo d'Philosophie vun OUNI ass, eng Rei Informatiounsversammlungen ze maache fir och eng Communautéit an Diddeleng an ausserhalb vun Diddeleng opzebauen. An et gouf dunn eng Rei vun Informatiounsversammlungen, net nëmmen zu Diddeleng, mee och an enger ganzer Rei aneren Südgemengen organiséiert. An effektiv mir lo d'Decisioun hunn, dass OUNI hei kann e Lokal bezéien.

Mir als Stad Diddeleng hunn eis an där dotener Diskussioun virun allem als Interlocuteur an als Facilitateur gesinn. An där Roll si mir gerecht gi fir och dem Projet e staarke Support kënnen ze ginn, dass e sech hei zu Diddeleng kann usidelen. Ech mengen dass dat heiten, un Erfahrungen déi och an der Stad gemeet goufe vun OUNI, awer och an der genereller Diskussioun, déi de Moment gefouert gëtt ronderëm d'Nohaltegkeet, e ganz flotte Commerce ass. Et ass e Commerce, och wann eng Société Coopérative dohanner ass. Mee awer och mat där anerer Philosophie. Dass Leit kënnen Parte kafen. Och en Deel si vun der Coopérative OUNI. Generell awer, wéi déi Annonce gefall ass, ganz vill positiv Echoen, mengen ech, d'Ronn gemeet hu mat der Decisioun, dass OUNI sech wëll hei zu Diddeleng niderloossen. An awer och déi Echoen, déi iwwer Diddeleng erausgaange sinn. Sou dass och schonn Diskussiounen gefouert ginn, ob OUNI sech och an anere Südgemenge géif niderloossen. A mir setzen awer och hei ganz kloer eng Nisch, déi vun der Nohaltegkeet, déi vum solidaresche Gedanken, an dat reit sech e bëssen och an, an déi Diskussioun, déi mir déi lescht Méint gefouert hunn, engersäits mat der Decisioun, déi de Gemengerot geholl huet par rapport zum Concept Store vum Cube, deen och op Nohaltegkeet baséiert. Wou éischter dann déi jonk Designer am Vierdergrond stinn. Mat kierzlech dem Pop up solidaire



vun der Fondation du Tricentenaire mat Chocolats du Coeur, deen am Duerf opgaangen ass. An elo deen drëtte Volet, dee bäkénnt, dee vun OUNI. Wat ech hei och wëll ervirsträichen virop, an dat mécht een net oft genuch... Well dat heiten ass och zustane komm, wéi och déi aner Projeten, well mir eis, wéi ech gesot hunn, als Gemeng gesinn hunn als Interlocuteur, als Facilitateur. An e bëssen an deem Triangel tëschent Gemeng, Proprietär an dann och deem zukünftege Locataire, respektiv Sous-Locataire oder de Commerce dee sech etabléiert. An ech menge virop geet et jo hei drëms, mol dass mir Locataire ginn als Gemeng vun engem Geschäftslokal. Wat wëll ech hei positiv ervirsträichen, well ech et gesot hunn a well et net oft genuch gemeet gëtt? Ganz oft scheitert jo sou Projeten un héije Loyer oder well et Proprietäre ginn, déi net bereet si mam Loyer rufzegen, déi léiwer de Loyer bäibehalen, dee se um private Marché hunn. A respektiv da léiwer d'Geschäft eidelloossen. Dat Geschäft, dat mir lo bezéien, do war viru kuerzem jo e Miwwelsbuttek.

An de Contrat de Bail dee mir hei maache mat der Société DG Habitat S.A., wou lo den Administrateur unique den Domenico Colaïanni ass, dee jo och hei zu Lëtzebuerg bekannt ass als exzellente Gastronom. Deen eng ganz Rei Restaurante vu Qualitéit hei zu Lëtzebuerg huet. Ech wëll et hei ernimmen: dass deen d'Decioun geholl huet... Dir gesitt jo hei, dass mir hei e Loyer bezuelen als Locataire vun 3200 Euro, dass deen décidéiert huet, mat sengem Loyer ëm 1000 Euro erofzegen. An en contrepartie säi Prêt bei der Bank frësch ze negociéieren. Och sech décidéiert huet, Parte bei OUNI anzekafen. Ech fannen dass dat e super Geste ass als Proprietär, well en sech och als Gastronom mat der Philosophie vun OUNI och kloer identifizéiert. An ech wollt dat hei soen, dass hie voll a ganz hannert där Philosophie steet an och hannert der Dynamik vun der Stad. Ganz oft gëtt jo negativ geschwat vun de Proprietäre par rapport zu de Geschäftslokaler. Hei mengen ech, ass eng ganz positiv Approche, déi et awer och erméiglecht huet, dass mir haut déi Konventionen, respektiv déi Contrat de Bail kënne maachen.

Voilà, dat als generell Consideratioun. Sou dass mir hei als Stad Diddeleng op där enger Säit Locataire gi vun engem Lokal vun 187,50 m² op 14-16, rue de la Libération. Dat Lokal loune mir fir eng Exploitation commerciale a mir engagéieren eis awer och als Locataire, dass mir dat do net weiderverloune fir eng Agence Immobilière oder fir en Architektbüro oder fir iergendwelch Restauration. Hei kënnt jo OUNI hin, dat ass jo éischter eng biologesch Epicerie. Mir maachen dëse Bail fir eng Durée vun 9 Joer ab dem 1. Januar 2020. Dat ass d'Engagement dat mir ginn. De Loyer, dat hat ech gesot: 3000 €, 200 € Chargen an och dat indexéiert.

Mir müssen natierlech als Locataire och eng Rei Assurances ophuele fir d'Risques locatifs: Incendie, Waasserschued, Responsabilité civile. An effektiv, expressis verbis, am Punkt 6 steet natierlech dass mir dat Lokal kënne sous-louéieren, dass mir dat maachen. Déi Autorisation kréie mir och, vu datt mir dat hei festschreiwen. An natierlech musse mir de Lokal während der Zäit vum Kontrakt och ënnerhalen. Mee dass mir natierlech net dierfen iergendwelch Modifikatiounen maachen ouni den Accord vum Proprietär. Dat ass, wat an dësem Contrat de bail tëschent dem Proprietär an der Gemeng steet.

An dann, wann ech direkt enchainéiere an de Contrat de bail de sous-location. Also hei deesewechte Prinzip oprechterhale wéi mam Cube. Wéi gesot, dass mir hei als Gemeng weiderverloune un d'Société Coopérative OUNI, vertrueden hei duerch den Här Mousel Jean-Pierre an duerch den Här Gannard Julien. Wu mir hinnen integral déi dote Surface commerciale weiderverloune. An och dat zum Präis vun 3 200 Euro, also 1:1. Dir fannt hei am Artikel 2 e bëssen d'Ausrichtung vun OUNI. Dass sie natierlech biologesch Produits verkafen. Lokal Produiten, equitabel, ouni Emballage. Natierlech doriwwer hinaus, iwwert d'Epicerie, gëtt och d'Convivialitéit an de Vierdergrond gesat, awer och d'Reduktioun vun den Decheten a Richtung Zero waste. An natierlech och dee ganze sozialen a kulturellen Aspekt, deen si hei an de Vierdergrond setzen. A mengen ech dat heiten och eng ganz flott Aventure gëtt fir OUNI an och fir Stad Diddeleng, wa mir deen dote Projet zesummen ëmsetzen. Mir wëssen awer, dat hu mir och dragesat, am Artikel 3. Mir wëssen awer dass wann d'Locatioun elo ab den 1. Januar 2020 ufänkt. A virun allem, am Januar, OUNI d'Lokal wäert notze fir déi néideg Aménagementen ze maachen. Dat heescht, do fënnt nach kee Verkaf statt. Do si mir mat hinnen eens ginn, dass mir soen, den éischte Loyer hutt der zegutt, d.h. den éischte Loyer muss réischt ab dem 1. Februar 2020 bezuelt ginn. Dat gëtt hinnen d'Méiglechkeet, och déi néideg Aménagement ze maachen. An och do sinn eng Rei leit aus der Kooperativ an och eng Rei Benevoller, déi hinnen hëllefen, déi néideg Aménagementen ze maachen. Och dat refletéiert e bëssen den Esprit vun där Société coopérative déi si hei an de Vierdergrond setzen. An natierlech och hei drageschriwwen dass si natierlech keng Sous-sous-locatioun dierfe maachen un iergendend en aneren. An natierlech och keng Modifikatiounen, respektiv keng gréisser Modifikatiounen um Bestand dierfe maachen ouni den Accord écrit vum Locataire, respektiv vum Proprietär.

Voilà, an dann natierlech wéi och an deenen zwee Contrat de Baillen, wann iergendwelch Konflikter wäeren, dass mir dat virun de Lëtzebuerger Geriichtbarkeete géifen ausdroen. Wat mir awer net hoffen. Mee ech mengen dat



ass e Passus, deen ëmmer a sou Kontrakter dran ass. Voilà, summa summarum, ass dat heiten e ganz flotte Projet. Deen natierlech ganz kloer weist, wa sou eng Société coopérative an och eng Epicerie Diddeleng als Standuert aussicht, dass dat domadder ze dinn huet mat där Dynamik an där Attraktivitéit, déi mir hei degagéieren. Wat ganz, ganz positiv ass. Mee dat heiten ass och eng flott Aventure fir OUNI a fir d'Stad Diddeleng, an dat natierlech am Zesummespill och mam Proprietär, dee matgezunn ass, fir dass dëse Projet eng Realitéit gëtt. Voilà, dat war et zu der Presentatioun vun dësen zwee Kontrakter. An d'Diskussioun ass op. Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Merci Här Buergermeeschter. Den Text ass jo am Fong deeseweichte wéi beim Cube an do hat ech just eng kleng Verständnisfro. Dat ass elo net béis gemengt. Mee wou de Cube opgaangen ass, trotzdeem dass do steet, et dierf kee Restauratiounsbetrieb dra sinn, do war ebeemol e Glacé-Buttek dran. Vläch hat ech net verstanen, dass e Glacé-Buttek keng Restauratioun wier, dat kann ee vläch klären. An doraus ergëtt sech eng zweet Fro. Anscheinend huet eng Damm aus dem Comité do vun der Kooperativ eng Iddi gehat, fir an deem neien OUNI och ee klengen Eck ze maachen, wou si kéinten e kleng Kaffiseck maachen an e Spilleck fir Kanner. Vläch hiren eegene Kuch an Taart do proposéieren. A wéi wäit si mir do mat deem sturen Text vu „keng Restauratioun.“, wéi wäit si mir do en règle?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci fir déi do Remark. Nach weider Remarken? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV) Fir d'éischt wollte mir dem Mim Schütz a senger Ekip villmools Merci soe fir säin Engagement. Well ouni hat wier mir nach laang ouni OUNI hei zu Diddeleng. Mir ënnerstëtzen och ganz staark dass d'Gemeng Intermediaire ass tëschent dem Loyer an dem Locataire. Sou huet jiddwereen eng gewësse Garantie. De Proprietär, dass hie seng Sue kritt an de Locataire huet e bëssen e Support hannendrun, fir dass dat ganz Konzept och wierklech en Erfolleg gëtt. OUNI ass d'Basis vun enger zukünftiger Gesellschaft, an där mir all manner Knascht wëlle maachen an och maache wäerten. An dofir ënnerstëtze mir dee Projet hei och. Mir fannen dee ganz gutt. Ech wëll awer och eppes derbäifügen. Dass mir e bësse bedauern, dass den Emil sai Buttek am Fong zougemeet huet. Dat weist dass d'Geschäftswelt zu Diddeleng nach ëmmer eng Rei vu Schwierigkeiten huet. An dass et nach laang net einfach ass fir d'Geschäftswelt, fir sech ze implantéieren an och fir z'iwwerliewen. Den Dimi, d'Miwwelgeschäft, ech soe mol den Dimi, hat wierklech ganz flott Saachen. Et war ganz interessant fir eis Géigend hei. Ma deen ass elo

fortgaangen. Et kënnt eppes Anescht, wat och interessant ass, nees zeréck. Ech wollt awer och trotzdeem nach ënnersträichen, dass mir awer och bedauern wéi et mat deem Buttek do ausgaangen ass.

Mir hoffen, dass et an Zukunft nach weider sou Kooperativen zu Diddeleng ginn, wéi mir elo mat OUNI maachen. Dass d'Gemeng d'Initiativ kann ergräifen, respektiv op verschidde Leit duergeet, fir aner Geschäfte bäizekréien. Wou mir dann d'Geschäft lounen, wéi ech dat schonn e puer Mol gesot hunn. An dann un déi Leit, déi wëllen e Commerce opmaache weiderverlounen. Fir dass déi e kleng Support hunn. Fir dass se z.B. e Mount Loyer kënne gratis hunn, an dass se ee gewësse Soutien hannendrun hunn. Mir hu jo e Citymanager, deen am Fong eng exzellente Aarbecht mécht. Ech si souguer positiv iwwerrascht vun deem senger Aarbecht. Ech sinn e bësselchen iwwerrascht gewiecht, wéi en op d'Leit duergeet a wéi en de Leit hëlleft, fir dass de Commerce en Erfolleg gëtt. Mee dat klappt awer och. Dat muss een och soen. Dass et klappt, an dass hien dat gutt mécht. A voilà, hoffe mir dass dat an Zukunft op deem dote Wee sou weidergeet. An dann hunn ech just nach eng kleng Fro, vu que dass mir dat als Gemeng elo weiderginn. Hu mir och Parten doranner kaf? Oder wéi leeft dat do? Just als Fro. Oder dierfte mir dat iwwerhaapt? Fir sou e Buttek op déi Aart a Weis ze ënnerstëtzen? Bon, dat ass alles.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Här Martini. Weider Stellungnamen? Den Här Gangler

JEAN-PAUL GANGLER (CSV) Nach eng Zousatzfro. Den Ëmweltschaffen ass zwar elo net do. Mee wa mir hei an engem Lokal, wou ee ka soen, wat mir verlounen, eppes maache wat an d'Zero waste-Richtung geet, kréie mir do och Punkten am Klimapakt?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci. Nach weider Stellungnamen? Jo, d'Madame Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP) Jo merci. Ech wëll just nach ee Saz bäifügen, nämlech datt dat hei fir eis als LSAP e ganz wichtege Punkt ass well dat net nëmme weist, dass eis als Majoritéit hei déi Transitioun vun Diddeleng sou um Häerz läit. An ech mengen dat hei ass eppes, wa mir als Gemeng eppes kënne maan, eppes ënnerstëtze kënnen, wéi hei an och kënne Bierg kënne stoe fir sou e Projet. Dat vereinfachen, datt sou eppes zoustän kënnt, fa ma mir dat. Dat selwecht kënnt jo och an Zukunft elo, déi Transitioun vun Diddeleng, och mat där neier Charte. Dat geet och an déi selwecht Richtung. Also ech mengen dat Zero Waste, oder sou



mann wéi méiglech. Mee dat Konzept awer sou schnell wéi méiglech, dat läit eis schonn um Häerz. An dofir begrësse mir dat natierlech datt OUNI heihinner kënnt. E ganz flotte Projet. An dat kompletéiert nëmmen d'Offer, déi déi Diddelenger Geschäftswelt ze bidden huet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci och fir déi dote Remarken. Nach weider Stellungnamen? Jo, Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP) Ech wollt nach eng Kéier ganz kuerzdropagoen, den Här Martini hat dem Mim Schütz Merci gesot fir sain Engagement, an och fir seng Presentatiounen, soss hätte mir hei zu Diddeleng keen OUNI kritt. Ech wollt awer och just bemerken dass et ouni d'Gemeng keen OUNI géif ginn, egal wien a wéi een et presentéiert hätt. Ech mengen et ass luewenswäert, dass eis Gemeengeféierung awer wierklech dee Projet do interessant fond huet, well en effektiv och zukunftsweisend ass a well mir och eis Jugend an deem Gedanken do sollen erzéien, an déi neideg Schrëtt ënnerholl huet fir eng Lokalitéit unzelounen. Mir hunn jo dëse Gedanken och eescht geholl op aneren Niveauen. Bei der Schoulrestauratioun beispillsweis, si mir och op de Wee gaange fir méi geziilt Produiten ze huelen aus dem biologeschen Ubau grad wéi och aus dem konventionelle Beräich, mee awer déi ënner bestëmmte Bedingunge produzéiert ginn. An da wéilt ech awer och drop opmierksam maachen, dass mir och de Projet Anti-Gaspillage an der Schoulrestauratioun hunn. Hei ass Devise Zero Waste.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Här Zuang. Nach weider Stellungnamen? Ech hat jo éineschter probéiert de Rôle vu jidderengem Acteur, deen hei implizéiert war, op eng gewëssen equilibriert Aart a Weis duerststellen. Well et ass den Apport vu jidderengem, deen dozou gefouert huet, dass dëse Projet Realitéit gëtt. Et geet also net drëm, deen een oder anere méi oder manner erauszehiewen. Dat wëll ech hei awer ganz kloer soen. An och reagéieren op verschidde Propoen, déi hei gehale goufen. Et ass en Zesummespill vu villen Acteuren, wou jiddereen a sengem Rôle war, an dozou bäigedroen huet, dass dëse Projet Realitéit gëtt. Dofir fannen ech et ëmmer e bësse schued, wann een do en Desequibler brénkt, wou virdrun awer mengen ech en Equiliber an der Aart a Weis war, fir un de Projet runzegoen. Wéi gesot, et ass en Apport vu jidderengem. Par rapport zu de Remarken zum Kùb. Ech mengen, dat war jo e Pop-up Store, a wann een hei iwwert d'Restauratioun schwätzt, dann ass dat virun allem jiddereen, deen sai Restaurant opmécht an dat ass hei och de Fall, brauch eng Rei Prozeduren, brauch e Commodo, brauch Autorisatiounen. Dat war beim Cube mam Pop-up

ronderëm de Glacé-Buttek net de Fall, net dass ech wéisst. An effektiv, fir de soziale Charakter am OUNI oprecht ze erhalen, wa se effektiv dee soziale Volet do wëllen erabringen, dann ass dat jo och kee Problem. Soulaang keng komplett Kiche muss ageriicht ginn, wou's de och eng Commodo-Prozedur, wou's de muss HACCP-Prozedure mat Kontrollen. Hei si mir jo wäit dovunner ewech. Dat war beim Pop-up net de Fall, an dat ass och bei OUNI net de Fall. Dofir mengen ech ass dat hei absolut kee Problem ass, fir deen dote Volet hei mat eranzehuelen. Deem soll dat net am Wee stoen. Dat sinn natierlech alles Elementer, déi zum soziale Charakter zu der Epicerie bäidroen. An ech mengen dat kann ee maachen. Hei natierlech d'Restauratioun, dass elo kee Restaurateur dohinner kënnt an e komplette Restaurant opmécht mat Dëscher, mat Kichen, wou en och déi néideg Apparatur muss dohinner bréngen, wou e Fonds de Commerce muss erabringen. Ech mengen dat ass an ësem Fall ausgeschloss. An et ass jo lo och net an déi Richtung, wou OUNI deementspriedend goe wëll. Wann een hei seet, et ass engersäits schued dass ee Geschäft muss ophalen an et ass flott dass en anert kënnt, da muss een och soen, dass et net mat all Geschäft lo sou ass hei zu Diddeleng. Et dierf ee lo och net hei e schwaarzt Bild molen. Et si verschidde Geschäfte déi hei zu Diddeleng ganz gutt ginn an et sinn anerer, déi hunn et méi schwierig. An dat heite war vläicht e Segment, wou et generell méi schwierig ass. Net nëmmen hei zu Diddeleng, well se och zougemeet hunn.

Déi Saach mam Klimapakt ass eng ganz gutt Fro. Dat muss een nofroen Här Gangler. Ech ka mir och virstellen dass wa mir als Gemeng méi eng staark Zesummenaarbecht maache mat OUNI, dass mir do natierlech och déi Punkten gutt kréien am Kader vum Klimapakt. Ech mengen, wa se bis do sinn, da kënne mir jo och méi genau kucken, inwiefern eis Zesummenaarbecht ka weidergedriwwe ginn. Voilà. Ech mengen ech hat op déi meescht Punkte geäntwert. Vläicht nach dee Punkt hei mat de Parten. Ech mengen de Moment ass et net fir dass mir als Gemeng elo Parte kafen. Et ass éischer dass déi privat Leit Parte solle kafen. Mir hunn hei als Gemeng eisen Apport bruecht, andeems mir als Locataire d'Sous-locatioun maachen. Ech mengen do hu mir och eise Volet mat rabruecht. Et ass lo net virgesinn, dass d'Gemeng Parte soll kafen. Mee all eenzele Member hei am Gemengerot, dee kann natierlech Parte kafen. Eng Part kascht souvill ech weess, 100 Euro, dat heescht feel free, wann der gare wëllt mat de Projet droen. Dat wär natierlech och e flotte Message, wann dëst Gremium, vum Diddelenger Gemengerot, säin Obulus mat bäidréit. Voilà. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mir zum Vott iwwerginn. Wien ass engersäits mam Contrat de bail tèschent Habitat DG an der Stad



Diddeleng averstanen? **Dat ass unanime**, de ganze Gemengegerot. A wien ass mam Contrat de sous-location averstanen tëschent der Stad Diddeleng an der Société coopérative OUNI? **Dat ass och unanime**. Da soen ech iech villmools merci fir déi doten Diskussioun. An da géif ech proposéieren, dass mir weiderginn.

3.10. APPROBATIOUN VUM DEVIS REMANIÉ FIR D'REALISATIOUN VUN NEIE BÜROEN UM 2. STACK AN D'RENOVATIOUN VUM FESTSALL AM STADHAUS

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

An dat geet ëm d'Renovatioun vun dem Festsall hei am Haus, respektiv d'Büroen, déi do entstinn. Do ass et esou, dass mir hei en Devis remanié virleien hu vu 60 000 Euro. A par rapport zu engem Montant vun der Soumissioun, déi wéi gesot, 1 Millioun 767... Neen. Pardon. Also mir haten den Devis remanié vun 1 319 562 Euro, mir hunn hei en Devis remanié, dee mir nostëmme mussen, haaptsächlech duerch d'Partie technique, well effektiv um Niveau vun der Stabilitéit eng Rei Aarbechten hu missen nogekuckt ginn. An och par rapport zu den Balken, sou dass eng licht Verschibung ass, wou mir hei dann och en zousätzlechen Devis remanié musse mat rabréngé par rapport zu der gesamter Zomm, déi effektiv aussteet. Voilà. Dat zu den Erklärungen zu där doter Zomm déi mir hei mussen nostëmmen. Madame Kayer.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo, merci Här Buegermeeschter. Bon, wéi gesot, et ass ëmmer schued – mir hate jo scho virdru laang a breet Rieds dass et ëmmer schued ass, wa mir eppes mussen nostëmmen. Dir hutt elo gesot, ech wollt nämlech d'Explicatioun hunn, wou de Problem war. Do hutt der gesot, vun der Stabilitéit. Meng Fro nach eng Kéier, ech hat dat och scho bei der initialer Prise de position gesot: Wéi ass et mam Asbest? Ass wierklech näischt do komm? Eng zweet Fro ass: Mir kréie jo och e Subsid vu Sites et Monuments. Dat geet bis zu 50% op verschiddene Posten. Ass dat dann och fir déi Erweiterung kloer, dass mir dann och e bësse méi Subsid kréien? An et ass e bësse schued, well mir hate schon am Devis estimatif eng Reserv vu 50 000 Euro fir Imprevuë mat gestëmmt. A lo musse mir dann am Fong am Endeffekt elo nach eng Kéier en Depassement maachen. Also wéi gesot, et ass e bësse onangenem. Mir hunn dat anert unanime gestëmmt. Ech huele jo un, dass mir dat heiten och wäerte stëmmen. Mee et ass natierlech och well dat heiten e Gebai ass, wat e gewëssenen Alter huet. Do si jo ëmmer e bësse Imprevuen ze kommen. Mee wéi gesot, mir bedauern dat natierlech dass dat net am Virfeld besser berechent gouf. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Mir musse lo soen dass dat hei eng kleng Zomm ass par rapport zum ganze Budget, par rapport zu der Statik an och par rapport zu der Soumissioun. Nach weider Froen, respektiv Remarken? Dat ass net de Fall. Wéi gesot, et ass par rapport zu der Ausschreiwung a par rapport zu der Statik. Ech mengen et ass net a Fro gestallt, dass mir hei kee Subside solle kréie vum Sites et Monuments, well d'Gebai ass jo och klasséiert. Dat heescht dat ass och deementspreechend hei garantéiert, dass normalerweis och do de Ministère de la Culture wäert nozéien. Voilà. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**. Da soen ech iech villmools merci.

3.11. APPROBATIOUN VUM DEVIS REMANIÉ FIR D'AARBECHTE FIR DE BAU VUN ENGER STÜTZMAUER, RUE DE L'HÔPITAL, RUE ADOLPHE

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da gi mir weider op den Däich. Da gi mir an d'Rue de l'Hôpital, respektiv, dee Wee de rofgeet an d'Rue Grand-Duc Adolphe. Fir iech ze situéieren, do ass jo effektiv d'Strooss. Do hu mir hei en Devis remanié vun 234 000 Euro fir de Mur de soutènement. Do hate mir den 11. Dezember 2014 hei en Devis gestëmmt vun 140 000 Euro, wou mir elo hei en Devis vun 234 000 Euro presentéieren. Bon, do huet sech erausgestallt, och um Niveau vun der Strooss, déi jo e gewëssenen Alter huet, dass do mussen, dofir gëtt de Projet och méi deier, och um Niveau vun der Stabilitéit, dass do eng Rei vun Ancragë musse gemaach ginn, respektiv Blindagen, d.h. sou staark Verankerungen, déi mengen ech an d'Mauer selwer musse gemeet gi fir d'Stabilitéit kënnen ze garantéieren, fir dass herno och déi nei Mauer, wa se gebaut gëtt, och net weider rutscht. Et bréngt natierlech och Komplikatioune mat, dass do wou d'Strooss ass, direkt niewendrun och de Gaart ass vun enger privater Propriétéit. Wat en immens schwieregt Virhaben ass, fir effektiv déi Mauer ze stabiliséieren. A sou mengen ech dass iwwert déi Ancragen, déi hei gemeet ginn, dann net empiétéiert gëtt op déi privat Propriétéit. Herno wann de Projet fäerdeg ass, an effektiv, dass den Terrain naturel gewahrt bleift. An dass awer och duerch déi Blindage- an Ancrage-Aarbechten, wéi gesot, virun allem der Stabilitéit ka besser Rechnung gedroe ginn. Dofir deen heiten zousätzlechen Devis fir och deem kënnen Rechnung ze droen, well et jo och eng Strooss ass, déi am Alldag befuer gëtt.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo merci Här Buegermeeschter. Hei bedauere mir virun allem, dass deen Devis 2015 gestëmmt ginn ass. An deemools huet et geheescht, 140 000 Euro iwwert 2 Joer. Dat sollt 2015 - 2016 gemaach ginn. Bon, virdrun hu mir héieren,



dass an dem ganze Bausecteur d'Präisser enorm an d'Luucht ginn. Dat heescht, wa mir dann och e bëssen trentelen, an dat net direkt maachen. Lo si mir dräi Joer méi spéit. Dat ass jo logesch, dass et dann och souvill méi deier gëtt. Dir hutt eis lo e bësse probéiert ze erkläre firwat dat lo sou vill méi deier gëtt. Mee well och deemools huet et scho geheescht, d'Stützmauer déi muss frëschgemaach gi well déi bréckelt an do musse Stabilisatiounsarbechte gemaach ginn aus Sécherheetsgrënn well et op der Voie publique ass. Dat ass am Fong näischt Aneshtes, wéi dat, wat dir haut gesot hutt. Mee wann ech awer elo feststellen, dass et sech dann awer iwwer véier Joer verduebelt... Deemools hätte jo och Ancragë misse gemaach ginn. Ass et dann elo sou well mir et verschleeft hunn, dass et souvill méi deier gëtt oder si souvill nei Momenter derbäikomm?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Nach weider Stellungnamen? An da ginn ech op d'Fro an. Dat ass net de Fall. Ech menge wat hei den Ausschlagspunkt ass, dass wéi mir hei deemools den Devis gestëmmt hunn, do waren d'Proprietären, déi haut nach ëmmer Proprietäre sinn, averstanen, dass de Projet gemeet gëtt. Well mir jo och en Deel vun hirer Parzell brauchen, fir déi Aarbechten ze maachen. An ebeemol awer e Changement d'humeur, wou se effektiv net méi domadder averstane waren. Dat heescht, du hu mir awer nach mat hinne missen diskutéieren, dës laangen an dës breeden. Woubäi mir awer och hunn hinne misse kloermaachen, dass, wa si déi Positioun behalen, iergend eng Kéier de Risiko besteet, d'Mauer awer vläicht duerch d'Stabilitéit net méi kënne gewährleescht ze bleiwen. Datt si natierlech op hirer privater Propriétéit do natierlech och e gewëssen Dommage dovunner hätten. Dat heescht, firwat dass mir haut hei sinn, dat huet virun allem mat de Proprietären ze dinn, déi effektiv averstane waren - net méi averstane waren - rëm averstane waren - Negociatiounen... also wéi gesot, dofir si mir hei a Versuch geroden. Voilà. Dat zu der Erklärung. Ass de Gemengerot mat dësem Devis remanié averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech Merci.

3.12. DEVIS REMANIÉ FIR D'AMENAGEMENTSAARBECHTE VUN DER MAISON DES CHERCHEURS

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Dann och nach en Devis remanié an der Maison des Chercheurs, déi mir kierzlech ageweit hunn. Hei den Devis initial, dee war 1 650 000 Euro, hei den Devis remanié: 1 725 000 Euro, et ass also e Coût supplémentaire vu 75 000 Euro. Bon, do war et virun allem och do d'Statik am Gebai, déi e bësse méi problematesch war, respektiv um Niveau vun der Partie technique. Bon, engersäits hate mir, wéi et och mat anere Projeten ass an anere Gemengen, d'Soumissioun, déi liicht méi deier

war. Ëm 18 000 Euro notamment beim Elektresch, well och just ee sech gemellt hat. Ee Corps de Métier. Och dat ass eng Realitéit. Wéi gesot, ech hat iech schonn am Kader vum Shared Space drop higewisen. An effektiv war et och um Niveau vum Santiaire e bësse méi deier ginn an och do hat just een ofginn. Dat heescht, dat si Realitéite mat deene mir méi ze rechnen kréie bei Projeten, déi mir hei ëmsetzen. Dat heescht engersäits Depassementer duerch d'Soumissioun an duerch d'Adjudicatioun déi méi héich ass, respektiv awer och hei duerch d'Statik. Dat zu den Erklärungen firwat mir hei déi 75 000 méi mussen - leider - stëmmen. Remarken? Froen dozou? Neen? Kënne mir doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmool merci.

3.13. APPROBATIOUN VUM DEVIS FIR D'AMENAGEMENTSAARBECHTE FIR D'INSTALLATIOUN VUN ENGER „SLACKLINE“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da geet et e bësse méi sportlech zou, an da gi mir riwwer op d'Slackline. Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) Voilà. Merci Här Buergermeeschter. Wéi de Moien ugekënnegt, en neie Moment am Urban sport, am Fräizäitberäich, eng nei Installatioun an zwar eng Slackline. Wéi gesot, do geet et drëm op sou engem Instrument, sou e Seel, sou e Band ze balancéieren. Je nodeem wéi straff dat Band gezunn ass, ass et méi oder manner schwierig. Et ass eng ganz gutt Basissportaart fir aner Sportarten. Awer och de Loisir ka sech hei op all Niveau flott ameséieren. Et ass eppes, wat dobaussen ass, urban sport. Ech mengen dat ass an der Kontinuitéit, déi mir déi lescht Joren zu Diddeleng déi lescht Joren haten. Ech mengen d'Mini-Stadé souwisou, de Basket, dee mir dobausse fannen, d'Callisténics oder den Teckball fir nëmmen déi ze nennen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Loris fir déi do Erklärungen zur Slackline. Wien huet Froen dozou? Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV) Entschëllegt, wou kënnt déi hin?

BOB CLAUDE (LSAP) Ma nom Paddle Tennis d'lescht Joer hu mir elo en Devis estimatif vum Amenagement vu Slacklines virleien. Och dës Kéier wusst een net direkt ëm wat genee et sech do géif handeln. Also wat maachen déi meeht? De Computer umaachen an dëse Begrëff googelen. Do fënnt een eraus, datt d'Slacken eng Trendsportaart ass, déi dem Seeldanz änlech ass. Dobäi balancéiert een op engem Konschtfaserband, dat tëschent zwee Befestigungspunkten, z.B. zwee Beem,



gespant ass. Dëse Band gëtt Slackline genannt. Slacken ass eng relativ jonk Sportaart, déi Ufank der 80er Joren a Kalifornien gebuer ginn ass a sech da schnell op all Kontinenter entwéckelt huet. Hautdesdaags ginn et eng 9 verschidden Aarte vu Slackline. Et géif lo ze laang daueren, fir am Detail drop anzugeen.

Dat wat de Schäfferot, a besonnesch de Sportsschäfte Loris Spina proposéiert, ass d'Amenagement op zwou Plazen. Am Mayrisch-Park an am Park virum Lycée Nic Biever an der Parkstrooss. Vun enger Kombinatioun vu Slacklines. Déi zwou Plaze si gutt gewielt, well besonnesch eis jonk Bevëlkerung kéint interesséiert sinn. Well verschidden Héichten a Spannungen kënnen virgesi ginn, kéint Slacken déi Schüler aus dem Fundamental, de Maison Relais an dem Lycée, mee och am Jugendhaus ugebuede ginn. Och all eis aner Sportsveräiner a Scouten an Associatiounen kéinte dovun profitéieren. Geet et jo beim Slacken ëmmer dorëmmer, d'Konzentratioun an d'Koordinatioun ze fërderen. An deem Sënn wäert d'LSAP-Fraktioun dësen Devis stëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Villmoos merci fir déi dote Stellungnam. Et ass e bësse wéi am Gemengerot, et ass ëmmer e Seeldanz. Dëst gesot, nach weider Stellungnamen zu der Slackline? Dat ass net de Fall, da ginn ech d'Wuert weider un de Loris Spina, deen nach e puer Prezisiounen gëtt.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) Neen, am Fong geholl net. Ech wollt den nächste Punkt schon ugoen. Den Här Claude huet alles gesot, wat ze soe war.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da géife mir awer fir d'éischt mol hei ofstëmmen eier mir op deen nächste Punkt weiderginn. Wien ass mam Devis vun der Slackline averstanen? Dat ass unanime. Da soe mir dem Gemengerot Merci. A da kënnt Dir weiderfueren Här Spina.

3.14. APPROBATION VUM DEVIS FIR DE KONSCHT-WUES AM MINI-STADE „DÄICH“ ZE ERSETZEN

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) Merci. Och wéi de Moien ugekënnegt, de synthetischen Terrain um Mini-Stade bei der Schoul „Däich“ muss erneiert ginn. Deen huet mëttlerweil knapp 11 Joer. An do gesitt der den Devis hei. Ech wëll iech och net verheemlechen, dass mir do deeselwechte Modell huelen, dee mir och um Ribeschpont haten. Dir wësst dass do och mol iwwert d'Land Diskussiounen waren, wéi gutt déi verschidde Belägg sinn. A mir hu ganz gutt Erfarunge gemaach mat deem, dee mir um Ribeschpont hunn. Et ass och ee wou keng Verfällung ass mat deene Kären. Granulate sinn elo hei net virgesinn. Wéi gesot, well mir déi gutt Erfahrung

do gemaach hu géife mir hei deen nammlechte Modell proposéieren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Loris Spina fir déi dote Erklärungen. Froen? Stellungnamen? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Bon, wéi gesot, dat ass jo eng flott Geschicht mat deene Mini-Staden asw. mee bon, well mir grad och um Däich an der plastik-fräier Schoul par excellence sinn... Ass ugeduecht, dass een iergendeng Kéier awer erëm op en anere Belag geet? Well d'weess ee jo awer, eben elo grad déi Mikro-partikelen, déi Ofnotzung duerch déi Terrainen, dass dat ëmwelttechnesch awer eng grouss Belaaschtung ass. Ass iergendeppes ugeduecht, net nëmmen hei zu Diddeleng, mee allgemeng, wéi een dann déi synthetesch Terrainen rëm kann ersetzen? Gi mir do rëm zréck op Gazon, wéi am Josy Barthel? Oder an eng aner Richtung? Oder ginn et do aner Méiglechkeeten? Just eng Fro. Well et och grad - um Däich - e bësse kontradiktoresch.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Net onbedéngt. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) Ech géif net mengen, dass et an deem Sënn kontradiktoresch ass. Well um Däich de Prinzip ass jo do den „Eeweg-Plastik“, dass ech do eng Kéier eppes benotzen. Et ass jo net, wann do d'Kanner eng Kéier drop spillen, dass de Wues oder de synthetischen Terrain ausgewiesselt gëtt. Wéi gesot, deen aneren hat awer 11 Joer. Sou dass een net an deem Sënn ka soen dass dat lo contraire zu deem Konzept ass, wat bei de Kanner ass. Nichtsdestotrotz hunn ech elo nach näischt héieren, wart an deem Sënn nach méi nohalte soll si wéi dat dote. An deem do Sënn, mengen ech, si mir awer eiser Linn trei.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Wann nach eng Kéier en neit Material sech sollt ubidden, da steet näischt am Wee, dass mir dat huelen. Ass de Gemengerot mat deem Devis deen hei virläit averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech Merci.



3.15. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTANDSETZUNG VUN DER FELDWEÈR UM FLOUERNUMM „PENKENUECHT“ + 3.16. APPROBATION VUM DEVIS ESTIMATIF FIR D'INSTANDSETZUNG VUN DER FELDWEÈR OP DE FLOERNIMM „A PLANESLAND“ A „RIBESCHPONT“

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da gi mir weider, ech géif déi zwee Punkten zesammenhuelen. Et geet hei ëm 3 Devisé fir eis Chemins ruraux, fir d'Voirie rurale. Dat eent ass en Devis vum 20 000 € a Penkenuecht, dat ass beim Därebësch, wou mir hei als Stad Diddeleng - dir hutt jo och de Courier virleie vun der ASTA - wou mir dat prefinanzéieren an dann herno e Subsid vum der ASTA kréien. An déi aner zwee Devisen, dat ass A Planesland, vu Butschebuerg Richtung Keel respektiv um Ribeschpont. Och dat sinn 120 000 €. Wéi gesot, mir prefinanzéieren dat a kréien herno och e Subsid vum der ASTA, also déi gängeg Prozedur, déi mir bei deenen dote Projeten hunn. Also an deem Sënn keen neie Moment. Voilà. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir iech Merci.

3.16. SUBSIDES EXTRAORDINAIRES DÉI ZE VERGËSINN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

An da komme mir op de leschte Punkt vun de Gemeengefinanzen. Dat sinn d'Subsides extraordinaires. Mir hunn hei e Subside extraordinaire fir de Mouvement Européen Luxembourg. Wéi all Joers 60 €. Dann hu mir e Subside vun 100 € fir de SCAP an och e Subside vu 7 000 € fir d'Oeuvres Saint Nicolas, an dat bezitt sech op d'Tiitercher déi fir d'Kanner gemeet goufe fir de Kleeschen. Dat si wéi gesot 7 000 €. Voilà. Dat zu de Subsiden, déi dir hei virleien hutt. Madamm Kayser:

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo Merci. Ech hu just eng zousätzlech Fro. Mir hate jo am leschte Gemengerot de Subside fir d'Oeuvres Saint Nicolas gestëmmt - selon le décompte. Dat heescht, mir haten do am Fong den Defizit iwwerholl, a si krute jo d'lescht Joer 3 325 € Subsid, a mir hunn du nach déi 1 179 € - selon décompte - iwwerholl. Dat war dunn am ganzen eng Participatioun vun der Gemeng vu 4 504 €. Nu komme mir hei op 7 000 €. Kënnt Dir eis dat just eng Kéier eng kleng Explicatioun gi vun där Hausse?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Am Fong hat ech mir et opgeschriwwen fir et ze soen, mee ech hunn et vergiess. Et ass gutt, dass dir nofrot. Also, wat am Fong dëst Joer méi deier ass, d.h. dofir och generell méi deier, dofir och de Subside méi héich. Engersäits hate mir jo ekologesch Sacheten, d.h. de

Sachet en tant que tel, dee war méi deier. A mir hate jo och eng Zahnfee, déi do war. D'Kanner krute jo och eng Zännbiischt. Biodegradabel. Dat war unique fir 2019, wou mir dat gemeet hunn. Mee alles dat huet gemeet, dass natierlech déi Acquisitioun méi deier waren an datt eeben och en contrepartie - ech mengen dat war kloer, tëschent dem Syndicat d'Initiative, dem Geschäftsverband an der Gemeng. An do ware mir eis och eens, dass natierlech, wa mir da schonn déi Efforte maachen, dass mir dann och de Subsid méi héich usetzen. An d'leschte Kéier, dat war den Dekont vum leschte Joer. Dat heite war lo par rapport zu dësem Joer. Als Prezisioun. Dat eent war 2018 an dat heiten ass 2019. Ass de Gemengerot domadder averstane mat deene Subsiden? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci. An da wäre mir mat de Gemeengefinanze riwwer.

4. OFFICE SOCIAL

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

An da géife mir riwwergoe bei den Office social, deen natierlech de Rapport d'activités vum Joer 2018 wäert presentéieren, de Budget rectificié 2019 an de Budget initial 2020. An do begréissen ech hei an eiser Ronn d'Carole Wagner an de Jacques Hansen aus dem Office social. A si géifen dann elo d'Presentatioun maachen, an da kënne mir uschléissend och eng Diskussioun féieren. Voilà. Dir zwee hutt d'Wuert.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL) Ech fänke mat der Presentatioun vum Budget rectificié 2019 un. De Budget vum Office social huet 7 Konventiounen. Do hu mir eng Kéier eis Konvention 0, wou 50% d'Gemeng an 50% Ministère de la Famille ass. Do si mir beim Rectifié op Recetté vun 960 000 € géint Dépense vun 960 000 €. Déi ass ëmmer equilibréiert. Dann hu mir eis Konvention 1, dat ass déi 100% Gemeng. Do hu mir Recetté fir 2019 vun 591 000 € géint 510 000 € Dépenses, sou dass mir do e Resultat hu vun 80 000 €. Mir hunn eis Konvention 2, dat sinn d'Avances remboursables an d'Gestiounen, déi sinn op 1 365 000 €, sou gutt Dépense wéi Recetten. Do sinn 1 200 000 €, wou réng d'Gestioun sinn. An dann hu mir déi kleng Konvention 3 wou Ministère de la Famille ass 100%, vu 500 €. Mä hunn eis Konvention 4 vum SNAS, ONIS, déi ass fir 281 000 Euro Recetten a fir 281 000 € Dépenses. An d'Konvention 7 vum Ministère de la Santé. Dat ass den Tiers payant social, wou bäi 20 000 € läit. Sou dass de Boni présumé fir 2019 bei 203 000 € läit. Am Extraordinaire hu mir eise Fonds de roulement, dat ass nëmmen d'Konvention 1. A wou mir eng Depense hu vu 200 000 Euro, dat ass nach déi zweet Tranche wou mir bezuelen, fir den 139, rue du Commerce, fir Renovatioun. Da komme mir bei de Budget



2020. Déi verschidde Konventiounen dann nach ëmmer. D'Konventioun O, Ministère de la Famille a Gemeng, do hu mir Recetten an Depensé vun 976 000 €. D'Konventioun 1, 100% Gemeng, Recetté vun 645 000 €, géint Depensé vun 543 000 €. Do hate mir dann e Resultat vun 100 000 €. D'Avancen an d'Gestioune leien erëm bei 1 365 000 €. De Ministère de la Famille, 100%, ëmmer bei 500 €, de SRAS, den ONIS, deen ass bei 321 000 €, deen ass e bësse ropgaange par rapport zu 2019, well do nach en halwe Poste bäikënnt. An dann hu mir den Tiers payant social rëm fir 20 000 €. Sou dass mir am Ganzen Recetten hu vun 3 328 000 € an Depensé fir 3 226 000 €. Am Service extraordinaire hu mir da wéi ëmmer de Fonds de roulement fir 43 000 €. Deen an d'Luut gaangen ass, well mir 2018 decidéiert hunn, e vu 5 op 7 € eropzesetze pro Habitant. Dann ass hei eng kleng Opdeelung, haaptsächlech vun der Konventioun O, also d'Participatioun vun der Gemeng Diddeleng fir 2019 ass 470 000 €, wat 22,35 € pro Habitant ausmécht. An da fir de Budget 2020: 478 000 €. Wat 22,67 € pro Habitant ausmécht. Dat ass eng kleng Opdeelung par Fonction, wou ech gemaach hunn, d.h. den Hauptpunkt ass d'Aide aux nécessiteux. Ma do gesäit een effektiv dass d'Frais de fonctionnement an d'Personal déi gréisste Poste sinn. A bei de Secourse leie mir 2019 op 158 000 € a fir 2020 op 127 000 €. Voilà, dat war et fir d'Partie Budget.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci fir déi doten Erklärungen. Fuert der direkt weider mam Rapport d'activité? Ech mengen an engem Siess fir eng gewësse Kohärenz. An da kënne mir mengen ech eng generell Diskussioun féieren. Kommt mir maachen et an engem Siess.

JACQUES HANSEN (OFFICE SOCIAL) Da komme mir zum Rapport d'activité 2018. Bon, dir huet en bestëmmt schonn an Uecht geholl, dëse Rapport d'activité ass e bësse méi grouss wéi dee vun 2017. Wa mir lo de Volet Logement huelen. Do hate mir d'lescht Joer, 2017, 4 Sliden. Lo si mir 2018 um Volet Logement op 17 Sliden. Dozou herno e bësse weider. Komme mir zu den Chiffres-clé: 2018 hate mir 790 Clienten, déi enregistriert sinn. Dat sinn eng 9% vun den Diddelenger Stéit. Mir hate 4046 Dossiers non-financiers, alles wat net finanzieller Natur ass. Do ass och de Logement mat dran. Mir haten 344 Demandes de secours financiers. Dat sinn Dossieren, déi duerch de Verwaltungsrot gaange sinn. Dovunner sinn der 314 accordéiert ginn an 30 refuséiert ginn. Bei de Secours en financier, déi mir ausginn haten, do hate mir 90 377 €. Bon, do muss een zwar och soen, dat do ass elo réng wat Secours ass. Mir haten awer och, de Verwaltungsrot hëllt och Decisiounen, wou se dann eng Hëllef accordéiert géint Cessioun. Dat heescht, wa mir da gesinn, dass

déi Leit kënne dat och rembourséieren, da maache mir dat géint Remboursement a Mensualitéiten. Bei de Secoursen do hate mir bei der Santé 47%. Dobäi mécht den Tiers payant social, d'Cotisationne vun der Weiderversécherung, d'Krankekeess an d'Part patient déi net remboursabel si vun der Krankekeess eleng scho 75% vum Total aus. De Logement, dat war 42%. Do kann ee soen, dass haaptsächlech de Loyer bal 70% uitgemaach huet. Nach e Volet, wat och vill Aarbecht ass, dat ass d'Gestion financière volontaire, do hate mir 61 Gestiounen. Dovun eleng waren der 31, déi vum Logement mat dra sinn. Wat och e wichtege Punkt ass, dat ass d'Allocation compensatoire pour taxes communales, dat ass wat mir soen dann d'Grompergeld. Do hate mir 2018 705 Demandé fir et Käschtepunkt vu 600 000 €. Dat ass och e Posten, deen an d'Luucht geet. An da beim SRAS, do hate mir d'lescht Joer, also 2018, 350 Dossieren. Dovu waren 114 Persounen an enger Insertion professionnelle, ATI, an 139 Leit, déi dann entweder dispenséiert waren oder net an enger Aktivitéit waren. Bon, do muss een och dozou soen, de SRAS gëtt et lo net méi. Mat dem REVIS-Gesetz huet dat sech elo geännert ab Januar 2019. Well lo hei an deem Dossier do ass och nach Schëffleng mat dran a laut dem neie Gesetz huet elo all Office Social seng eegen ARIS-Leit. Sou dass dann am Rapport 2019 Schëffleng net méi mat dran ass. Do géif ech da weider un dech gi fir de Logement.

CAROLE WAGNER (OFFICE SOCIAL) Mir hunn och e kleng Resümmee gemaach vun de Chiffres-clé vum Logement 2018. Mir hu Statistike gemaach iwwert d'Demandeuren. Mir hate 96 Demandé fir eng Wunneng. Dovu waren 68 Dossiere komplett. 43% vun de Leit ware bestuet oder an enger Koppel a 57% waren eleng. 1/3 Lëtzebuerger an 2/3 Ausländer. 32% haten en CDI an 68% haten eng Situation professionnelle précaire. 3/4 vun den Demandeuren hate Kanner an dovu ware 70% 1-2 Kanner an 30% 3 a méi Kanner. 59% vun de Kanner hate manner wéi 12 Joer. 55% vun den Demandeurs ware Monoparentaux. 51% vun den Demandeurs hunn an engem Logement précaire gewunnt, dat heescht an engem Foyer oder Cafés-Zëmmer oder bei Famill oder Kolleegen. 43% wollten d'Wunneng verlosse well se ze kleng war oder eeben, bei 35% well et eng Fin de bail war oder en Déguepissement. 2018 hu mir 32 Menage logéiert, dovu waren 43 Erwuesener an 52 Kanner. 7 Famill sinn erausgaangen 2018. Do waren der 4 dovunner, déi haten hire Projet fäerdeg gemaach, 2 si gaange wéinst eegener Decisioun, an ee war Comportement inadéquat. 4 dovunner hunn eng Wunneng erëm fonnt um private Marché, 1 Famill konnt kafen an 2 sinn an aner Logements sociaux gaangen. De Suivi social vun der Assistante sociale. Do waren 681 Entretiens, 46 Visites à domicile a 77 Reuniounen.



A mir haten 130 Interventions techniques an eise Wunnengen. Wat d'Finanzen ugeet, hu mir fir 186 000 € Loyer erakritt. Dat ass een Drëttel vun eise Wunnengen, déi mir bei private Propriétaire lounen an 2/3 vun de Gemengewunnengen. An am Total hate mir fir 261 000 € Fraisen, Chargen an Loyer bezuelt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci fir déi dote Presentatioun, respektiv d'Chiffres-clé an och de Budget. Fir och e bëssen de Kader ze skizzéieren an deem den Office social évaluéiert an och mat de Problematiken, mat deenen en a sengem Alldag befasst ass. D'Diskussioun ass op. Stellungnamen? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo, Merci, éischters och mol fir déi ganz gutt Presentatioun. Och ganz ausféierlech, och lo nach eng Kéier am Detail, am Resümee gesot. Merci och iech alleguerten, der ganze Mannschaft, fir déi exzellent Aarbecht. Ech gesinn um Terrain dass dir ëmmer, wéi et hei zu Diddeleng ëmmer üblech war, dass et en abordable Service ass. Dat heescht, d'Diere stinn op fir jiddwereen. D'Leit gi ganz seriö a kompetent empfangen. An och, wat ech sou héiere vun Äre Clienten, d'Satisfactioun ass ganz grouss. An dofir felicitéiere mir iech och zu där exzellenter Aarbecht, zu där schwieriger Aarbecht. Wat eng traureg Tatsaach ass, ass dass effektiv bal 10% vun den Diddelenger Bierger awer mussen, du kanns zwar och soen dierfen, well et net sou desagreabel ass, mee se mussen trotzdeem awer op är Hëllef zréckgräifen. Mir hoffe jo ëmmer dass et manner gëtt. Mee ech denken dat ass net de Fall. Wann ee virun allem elo d'Logementschiffre kuckt. Wat erschreckend ass, dat ass déi 68%, déi awer an enger Situation professionnelle précaire sinn, da sinn déi Working poor. An dat ass dat, wou de grouss Problem och kënnt an nächster Zukunft. Dat wäert sech net verbesseren. Dass Leit och wierklech schaffe ginn an och schaffe wëllen an awer net d'Méiglechkeet fannen, e Logement ze fannen. Mir vun der CSV, mir hunn och ëmmer promovéiert, dass mir sollen e Service Logement ubidden. Mir haten eng Cellule Logement, lo gi mir an d'Richtung Service Logement. Wéi gesot, dat ass inevitabel an dat ass och wichteg. Erschreckend ass och ëmmer, dass 3/4 vun deenen Demandeure Kanner hunn, Kanner sinn. Wann ech héieren an eise Strukturen, an eise Wunnengen, déi mir hunn sinn 43 Adler an 52 Kanner ënnerkomm. Dat muss ee sech jo och virstellen, dat ass jo och e laange Wee. Déi ware jo iergendwou anescht virun an déi Kanner, déi fanne kee richtegt Doheem. Dat ass net einfach. A bei eis dierfe se och och nëmmen, wat jo och wichteg ass, net eng Eiwegkeet drableiwen, da mussen se jo rëm weiderzéien. Dat ass och net einfach. Ech gesinn et lo haaptsächlech aus der Siicht vun de Kanner.

Du kriss keng Wuerzelen, an dat ass guer net einfach, fir och domadder am Liewen herno eens ze ginn. Kee Fouss kënnen ze faassen, kee richtegt Doheem ze hunn, dat ass net sou einfach. Wéi gesot awer, déi Aarbecht déi dir maacht, deen Encadrement deen héichprofessionnell, awer och mënschlech ass, do maacht dir eng ganz wichteg Aarbecht.

Ech hu just eng Fro, dat ass mir lo an de Kapp komm: Hu mir och do déiselwecht Reglementatiounen wéi beim Fonds de Logement zum Beispill? Ech denke lo, wa Kanner an engem Stot sinn, dass, wann s De Jongen a Meedercher hues, dass de och ab engem gewëssenen Alter Jongen a Meedercher net méi an enger Kummer dierfs hunn. Wat jo dann och e Problem ass, das mir da méi grouss Wunnenge brauchs. Wann s de 3, 4 Kanner hues, an dann hues De e Bouf do vun 12, 13 Joer. Muss deen da separat vun deenen anere leien? Ech mengen dat ass beim Fonds de Logement och e grouss Problem, well mir awer vill Famillen hu mat méi Kanner, wéi mir dat handhaben. Do ass da meng Fro, wéi mir do virginn. Wéi gesot, ech gi soss net weider an d'Detailer an. Villmools Merci fir Är Aarbecht! Jo, ech stëmmen dat hei selbstverständlech mat. Well dat en Zeeche vu Solidaritéit ass. Ech mengen dir hutt och genau explizéiert, wéi är Clienten sinn. Déi komme vun alle Borden, vun allen Nationalitéiten, vun all Alter. A mir sinn am Fond immens frou, dass mir sou e kompetente Service hei zu Diddeleng hunn mat deem och sou onkomplizéiert d'Relatioun Gemeng-Office social leeft. Ech mengen dat ass och nach net an all Gemeng ginn an och net fir all Office social ginn, dass dat sou onkomplizéiert ass, de Lien tëschent de Gemengen an den Offices sociaux. Ech mengen, do si mir um richtige Wee a voilà, eis Zoustëmmung hutt Dir.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci der Madamm Kayser. Madamm Goergen.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG) Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen, heimadder erlaben ech mir dann am Numm vun deene Grénge Stellung ze huelen zum Rapport d'activité an zum Budget vum Office social. Fir d'éischt wollt ech der Madamm Wagner e grouss Merci soe fir d'Presentatioun vun den Zuelen aus der Comptabilitéit. An dofir, dass si och ëmmer bereet ass, Erklärungen ze ginn. Zousätzlech Mercie ginn un d'ganzt Personal vun der Maison sociale an och un den Här Zuang als President. Ech géif dann dës Kéier ufänke mam Rapport d'activité. Dee weist wéi eng zolidd Sozialaarbecht am Office social geleescht gëtt. Merci dem Jacques Hansen fir d'Grafiken, d'Presentatioun an d'Erklärungen dozou. Si erlaben déi eenzel Aspekter vun der Sozialaarbecht anzuschätzen an och ze vergläiche mat deene Jore virun. Well ech



net ëmmer dat nämmlecht wëll hei soen, hunn ech mir erlaabt, dëse Rapport mat deem éischte Rapport vun 2012 ze vergläichen, deem éischten, deen och hei virgestallt ginn ass. Dobäi mierkt een dass d'Opmaachung elo vill méi professionnell ass an dass sech an deenen nëmmer 7 Joer sech awer verschidde weesentlech Saache geännert hunn. Do ass un éischter Plaz den nationale Kader, wou d'Chèques-Service verschwonne sinn an den TPS, den Tier-payant social bäikomm ass. D'REVIS-Gesetz huet an där Zäit, duerch e Revenu d'inclusion sociale den RMG ersat, wat haaptsächlech Inzidenzen huet ob d'Aarbecht vun deene Leit, déi an den Aarbechtsbeschafungsmoosnamen schaffen. Verschidden Donnéeën hu mir och net méi, wat bedéngt ass duerch d'Dateschutzgesetz. Eis Clientèle huet sech am Ratio par rapport vun der Gesamtbevölkerung vun Diddeleng awer eenegermoosse konstant gehalten. 2012 ware 8,3% op d'Hëllef vum Office Social ugewisen. An 2018 waren et genau 9%. Dëse Ratio ass also an d'Luucht gaangen ouni awer ze explodéieren. Interessant ass och ze gesinn, dass d'Nationalitéit vun deene Leit, déi Hëllef froe kommen, méi vilfältig ginn ass. De Prozentsaz vun de Lëtzebuerger ass konstant bei bal engem Drëttel bliwwen. Dee vun de Portugisen ass erofgaangen, während vill méi verschidden Nationalitéiten 2018 derbäiwaren, wéi z.B. Syrer an d'Eryträer, déi och vertraude sinn. Dat hänkt natierlech mat de Flüchtlingen zesummen, déi op eis Hëllef ugewise si fir lues a lues kënne bei eis Fouss ze faassen.

Da fällt op, dass déi Hëlfe, déi net finanzieller Natur sinn, säit 2012 staark geklomme sinn. Déi Fäll, déi hu misse bei administrative Problemer gehollef kréien oder weidergeleet ginn un aner Instanzen, huet sech an de leschte 6 Joer méi wéi verduebelt. D'Liewen ass also net onbedéngt méi einfach gi fir Leit, déi sech net gutt auskennen mat administrativen Demarchen. Déi meeschten Ënnerscheeder sinn awer ze gesi bei der Zesummesetzung vun de finanziellen Hëlfe. 2011 huet de Prozentsaz, deen ausbezuelt ginn ass fir Wunnenge bei ongeféier 64% geleeën. Dat ware Loyer anoch Kautiounen, déi gefrot gi sinn als Garantien. Gesondheitsausgaben hu bal 20% uitgemaach, an de Rescht as regroupéiert ginn als Besoins quotidiens. Säitdeem mat Hëllef vum Office social an der Gemeng Sozialwunnungen existéieren a verlount ginn huet sech natierlech dorunner eppes geännert. Et mussen säit 2014 manner Leit gehollef kréie mat bezuelte Loyer an den neie REVIS erlaabt och d'Kautiounen, déi virgestreckt ginn, méi effikass ze recuperéieren. Sou ass et nëmme logesch, dass 2018 de Logement nëmme méi nach 42 % vun den Hëlfe ausmaachen, an dofir méi e groussen Deel an d'Gesondheitsausgabe fléisst, an zwar 47%. Dobäi gesi mir och, dass d'Zuel vun de Leit, déi en Tiers payant social accordéiert kréien, steeteg an d'Luucht

gaangen ass. Dëst ass e System, deen déi Leit, déi chronesch krank si vill entlaascht well se net méi selwer d'Sue vun de Visitten oder d'Apdikteschrechnungen musse virstrecken. Den interessantesten Deel am Aktivitéitebericht, ass deen Deel, deen d'Gestioun vun der Gemeng hire Wunnenge betrëfft. Bis elo ginn déi Wunnungen ëmmer verlount, zesumme mat enger enger Betreuung an enger Finanzgestioun fir Suen unzespueren. Domat sollen d'Leit spéider um 1. Wunnengsmaart och no maximal 3 Joer rëm Fouss faasse kënne. Et kann ee feststellen dass bis elo dëse System gutt funktionéiert. Déi Leit, déi bereet si matzeschaffen hu meeschtens en Erfolleg erlieft. Niewent dëser ganz opwändeger Aarbecht am Zesammenhang mam Verloun vu Wunnungen huet den Office social och eng Vermëttlerroll fir Privatleit, déi hiert Appartement oder Haus zur Verfügung stellen. Et ass awer sécherlech ze begrëssen, dass och Sozialwunnenge sollen entstoen, déi d'Gemeng an en neie Service Logement verwalte wäert.

Zum Aktivitéitsbericht bleift nach ze soen, dass Centbuttek a Kleederschaf ganz interessant Initiative vun Nopeschgemenge sinn, déi awer ënnerschiddlech genotzt ginn. D'Permanencé vu Jugend- an Drogenhëllef, dem Surendettement an dem Haus 13, dat psychologesch Hëllef ubitt, schéngen och ugeholl ze sinn a weiderhëlfe ze kënne. Dat Haus 13 ass nach net sou gutt bekannt. Nodeems ech vun deene meeschten Aktivitéite vum Office social geschwat hunn, wéilt ech dann nach e puer Wieder driwwer verléieren, wat déi Panoplie vun Hëlfe schlussendlech kascht. Eng Virahnung dovun kréie mir am Budget a spéider an de Konten och bestätegt. Ech beschränke mech dobäi op de viraussichtleche Budget vun 2020 an zwar vu sämtleche Konventiounen. Do hu mir d'Gestion volontaire a Form vun 1,3 Milliounen Recetten an Dépenses. D'Zuel vun de Leit, deenen hiert Geld zesumme mat enger Assistante sociale verwalt gëtt ass dauernd an d'Luucht gaangen. A lo sinn et 61 Stéit, dovun 31, déi an enger Wunneng vun der Gemeng sinn. Als Haaptrecetten huet den Office social Sue vun der Gemeng, vun dem Ministère de la famille, Ministère de la Santé a vum ONIS, dem Office National d'Inclusion Sociale, deen d'Mise au travail bezillt. Dakomm nach d'Loyerevunde Wunnungen, déi natierlech méi kleng ausfallen, wéi um éischte Wunnengsmaart, a last but not least, d'Bedeelung un de Gewënner vun der Loterie Nationale. Dëse Recettë vu ronn 3,3 Milliounen stinn Ausgabe vun 3,2 Milliounen geegeniwwer. Dat ass e Boni virgesi vun ongeféier 100 000 €. Wann een zesummerechent wat d'Gemeng grosso modo zum Financement vum Office social bäidréit, da kënnt een op ongeféiert 650 000 €. Dat heescht, si gëtt ongeféier 30 Euro pro Awwinner dofir aus. Mir mengen dass dat Geld ass, dat gutt ugeluecht ass. An ech wéilt mech der Madamm Kayser



hirem Luef fir d'Ekip vum Office social an d'Gestioun vum Office social uschlëssen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Romain Goergen fir seng Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn? Här President, da kritt dir och d'Wuert. D'muss een de Fanger erausstrecken, da kritt een och d'Wuert.

ROMAIN ZUANG (LSAP) Ech hu fird'éischt gewaart ob eventuell nach Conseillere géifen eng Stellungnam maachen. Da géif ech mir elo eben d'Wuert als President vum Office social froen. Merci Här Buergermeeschter. Merci un déi eenzel Fraktiounen fir déi léif Wieder an och fir déi Appreciatioun vun der Aarbecht, déi am Office social geleescht gëtt. Et ass main éischt Joer wat ech elo hanneru mir hunn als President vum Office social. Et ass eng ganz interessant Aarbecht, mat enger gudder, motivéierter, kompetenter Ekip, déi eng ganz gutt Aarbecht an eng wichteg Aarbecht eescht. Et ass allerdéngs awer och eng Tâche, déi enorm vill Zäit beansprucht, an d'Idi fir e Chargé de direction do anzustellen ass net vun ongeféier. Déi meeschten Zäit, déi ech perséinlech engagéiert hunn, a part vun de lafende Geschäfte mat Ënnerschrëften vun hei an do, ass awer déi, déi an de Logement gaangen ass. Dir erënnert iech, dass mir am November 2018 eng Annonce an d'Blidche gesat haten, an deem mir en Appel un d'Propriétaire gemeet haten, eis hir Immobilie fir sozial Locatiounen zur Verfügung ze stellen, mat all den Avantagen, wéi den Entretien, de Wiessel vun de Locataire, d'Chargen, déi vun eis iwwerholl ginn....a mam Ureiz, dass d'Leit eng 50%eg Steierermässeung um Revenu vum Loyer, dee maximal 10 Euro pro Quadratmeter bedréit, kréien. Eh bien, mir hate bis dato 20 konkret Kontakter, wou mir eis Immobilien ukucke gaange sinn a mir hunn op den haitegen Dag 14 Contrat de bail ennerschriwwen, gréisstendeels Appartementer vun ennerschiddleche Gréissten an een Haus. Bei Heiser si mir e bësse méi retizent, well den Entretien dach eng wichteg Roll spillt.

Och d'Präisvirstellungen, déi d'Leit hunn, sinn oft ze héich, a kënnen net vun eiser Clientèle gedroe ginn. Wann ech dann nach déi 3 Appartementer u Lenkeschléi, déi d'Gemeng duerch den Droit de préemption kaaft huet, dobäi rechnen, da geréiert d'Cellule Logement aktuell 50 Wunnengen. Et muss ee wëssen, dass all Kéier wann eng vun dese Wunnengen besat gëtt d'Assistante en neien Dossier, eng Gestion financière mat dem néidege Suivi maache muss. An dir hutt jo virdrun do uewen um Tableau gesinn, dat si 681 Entretien gewiecht, mat 46 Visites à domicile. Da wësst dir also wat dat bedeit, wann een oft e Wiessel huet an deene Wunnengen. Dat bedeit also dass een da permanent amgang ass, Entretien aarbechten maache muss, fir déi Wunneng

rëm a Schoss ze setzen. Dofir bierge mir jo. Wann de Service Logement bis besteet d'Ausschreiwung vum Chargé de direction, deen och de Service Logement soll dirigieren ass elo momentan fir d'zweet lancéiert ginn wiesselen d'Immeublen, déi d'Propriétéit vun der Gemeng sinn, dat sinn der aktuell 37, dovunner sinn der 11 konventionéiert (mat der Jugend- an Drogenhëllef, déi eng Wunneng hunn, Pro Familia an d'Croix Rouge jeeeweils 5 Wunnengen.) ginn déi Wunnengen no an no an d'Location sociale communale. Dat ginn Locatiounen à long terme, an no de Kriterie vum 79er Gesetz ouni Gestion financière. Dat heescht, dat gëtt e bësse méi einfach. Do kommen also an deenen nächste Joren stänneg Immeuble bäi duerch weider Keef, duerch Préemption, wéi zB op Lenkeschléi oder an anere Quartieren wéi Bëlleg zB oder méi wäit an d'Zukunft, Quartier Neischmelz, asw.

Et kommen also Immeublen an dee Portefeuille vun der Gemeng dobäi, déi also no deene Kriterie vum 79er Gesetz da wäerte weider verlount ginn. Dese Wunnengen, déi mir momentan exploitéiert hunn als Office social ginn eis da verluer. Mir compenséieren dës duerch Wunnengen vu Privatsleit, an déi bleiwen natierlech ëmmer an deem Modell, dee mir lo an der Cellule Logement applizéiert hunn, dat heescht, also mat Gestion financière, mat engem Suivi vun engem Projet. Bis 2021 viraussichtlech kommen do nach 22 Wunnengen, bei déi 14 derbäi. Ech schwätzen do vun deene Wunnengen vum Projet 35 a 37, rue du Commerce, déi jo awer déck finanziert ginn ass vum Office social iwwert d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte. Do kommen 10 Chambres meublées an 2 Appartementer. A vun den Oeuvres paroissiales kréie mir 2 Appartementer an 8 Chambres meublées am Veräinshaus. Dann hu mir 2 Haiser op Ribeschpont, och vun den Oeuvres sociales. An dann eng X Appartementer vu Propriétaires. Wann dat esou weider geet, wéi dës Joer, d.h. wa mir all Joer 14 Appartementer, Haiser vu Leit kréien, da gesitt der dass dee Portefeuille, dee mir dann herno no dem Modell vun der Gestion locative fueren, och stänneg wuesse wäert. Dat heescht, mir kréien an deem Service Logement 2 Modeller: ee fir Leit, wou net vill ze maachen ass, déi eng Wunneng à long terme ze loune kréien, an op där anerer Säit Leit, déi mir als Office social opfänken, mat deene mir wëllen e Projet maachen. Déi sollen rëm no 2-3 Joer zeréck um Marché eng Wunneng kafen oder lounen. Dir gesitt also, de Problem Wunnengsnout ass e Problem, dee mir erkannt hunn. Dee gëtt et jo net eleng zu Diddeleng. Mee mir probéieren awer a mir maachen all Méiglech fir dass mir wierklech ganz ville Famille kënnen aus dem Misère hëllefen, duerch bëlleg Loyer, esou dass si kënnen uspueren. An dass mir se nees sou fit kréien fir herno nees op dem fräie Maart kënnen existéieren. Voilà. Also nach eng Kéier Merci fir déi léif



Wierder, déi dir adresséiert hat un de ganzen Office social, net nëmmen un d'Cellule Logement, mee un de ganze Service social. Ech huelen dat dankend mat a soe selwer och Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Romain Zuang fir seng Stellungnam. Ech ginn d'Wuert weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN) Ech wollt nach just ee Wuert soen am Numm vum ganze Schäfte-rot, respektiv a menger Funktioun als Sozialschäffen, géif ech dem President an der ganzer Ekipp vum Office social Merci soen. Huelst och de Merci mat un all d'Assistenten, an all déi vun der ARIS an och den Accueil, deen och säin Deel dozou bäidréit, jiddwereen, deen an der Maison sociale schafft, fir déi gutt an déi wäertvoll Aarbecht, déi si geleescht hunn an nach wäerte leeschten.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci villmools fir déi dote Stellungnamen. Soss nach Elementer? Dat schéngt net de Fall ze sinn? Da géif ech proposéieren, dass mir engersäits iwwert de Budget rectificié 2019 an de Budget initial 2020 géifen ofstëmmen. Well iwwert de Rapport d'activité brauche mir net ofzestëmmen. Ech mengen dee weist e bëssen d'Toile de fond vun deem ganze Budget, wou et higeeet. Ass de Gemengerot mam Rectifié 2019 a mam Initial 2020 averstanen? Dat ass unanime. Da soen ech iech villmools Merci. An ech soen och hei dem Carole Wagner an dem Jacques Hansen Merci fir hir Präsenz de Mëtten hei am Gemengerot.

ROMAIN ZUANG (LSAP) Här Buergermeeschter, dierf ech nach ganz kuerz der Madamm Kayser op hir Fro äntweren? Déi Geschicht mat der Separtioun vun den Zëmmeren? Et ass esou dass mir effektiv dat kucken, dans la mesure du possible. Natierlech, soubal wéi et iwwer 10 Joer gëtt an du hues e Jong an e Meedchen, si mir eis däers bewosst, dass dat natierlech net méi gutt zesumme geet. Mir probéieren natierlech, dans la mesure du possible, an dat wäer dann och entstoen, dass mir dann och e Relogement da kënne maachen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci nach eng Kéier fir déi dote Prezisiounen Hä Zuang. Voilà, mir haten driwwer ofgestëmmt. **Dat war unanime.**

5. MISE À DISPOSITION VUN DONNÉEË VUM SYSTÈME D'INFORMATION GÉOGRAPHIQUE (SIG) BEIM GEMENGESYNDIKAT STEP

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da géif ech proposéieren, dass mir weiderginn. An zwar geet et da bei den SIG vum STEP. De René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN) Fir dat

awer elo mo e bëssen op Lëtzebuergesch ze erklären, wat de SIG vum STEP heescht. Et ass e Geoinformationssystem, dat eis hëlleft, infrastrukturell an landschaftlech Gegebenheeten digital ze erfassen. Déi meescht Gemenge schaffe scho mat sou engem System. Domadder ass et nämlech méiglech, sämtlech Donnéeë wat Héich- an Déifbau ugeet, um Gebitt vun der Gemeng kënnen digital ze erschléissen. Mir als STEP brauchen natierlech just nëmmen d'Donnéeë vun der Kanalisatioun. Et ass esou, dass mir als STEP eis elo déi Software ugëeegent hunn a mir brauchen déi als Hëllef fir d'Erfaassung vum Haaptkollektor a vum Ofwaasser um Gebitt vun deene 5 STEP-Gemengen. Nëmme sou kann een erausfannen, wat en Haaptkollektor vum STEP-Reseau ass. An et ass och esou dass mir géifen als STEP, wa mir de Reseau eng Kéier géifen iwwerhuelen, kënne mat deem System d'Gestioun vum Kanalnetz an aner Situatiounen garantéieren. Wéi gesot, STEP a Membersgemenge kënne sech da géigesäiteg déi aktuellst Informatiounen wat de Kanal an d'Ofwaasser betrëfft, zouschécken. Do hu mir zu all Ament Kenntnes, wou sech de Kanal, d'Schächt an d'Basenge befannen an a wat fir engem Zoustand se sinn. Et geet drëms mat där Déliberatioun, dass de STEP dann d'Autorisatioun kritt vun der Gemeng, kënnen op deem System do d'Donnéeë sichen ze goe wa se se brauchen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci René fir d'Erklärungen vum SIG vum STEP. Ech hoffen dass et elo hei och méi kloer ass fir d'Kolleginnen an d'Kollegen aus dem Gemengerot. Si Froen dozou? Dat ass net de Fall. Kënne mir dann doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da seet de STEP iech villmools Merci.



6. APPROBATION VUN DE MODIFIKATIONE FIR D'ZESUMMESSETZUNG VU VERSCHIDDENE GEMENGEKOMMISSIONEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da gi mir weider op d'Modifikatione vun eise Consultative Kommissiounen. Do ass just eng Modifikation, an zwar an der Sports- Fräizäitkommissioun. Do ass den Här Aljun Turé, deen als Expert nomméiert war, deen hei matgedeelt huet, dass hien net méi wëll Member vun der Kommissioun sinn. Dat argumentéiert, dass hien et aus zäitleche Grënn net fäerdeg bréngt, derbäizesinn an awer nach disponibel bleift, wa mir hie géife brauchen. Voilà. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Unanime.** Da soen ech iech villmools Merci. Dann hätte mir dee Volet och ofgeschloss.

7. PERSONALFROEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da géife mir op dee leschte Punkt kommen, deen an der ëffentlecher Sitzung ass, an dat ass virun allem Personal, wou et ëm eng ganz Rei Punkte geet.

7.1. KONVERSION VUN 2 VAKANTE GEMENGE-FONCTIONNAIRESPOSTEN, GEHALTSKATEGORIE B, GEHALTSGRUPP B1, TECHNËSCHEN ËNNERGRUPP A POSTE FIR GEMENGENEMPLOYÉEN AN DÄRSELWECHTER KATEGORIE (SERVICE INFORMATIK AN NEI TECHNOLOGIEN)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Dat éischt ass eng Konversioun vun 2 Posten an der Karriär vum Fonctionnaire communal riwwer an den Employé communal. Et geet do virun allem ëm eis Informatiker. Wéi gesot, mir haten déi Posten hei am Gemengerot geschafen, haten déi och ausgeschriwwen, sinn awer do net richteg weiderkomm mat de Kandidaturen, dofir proposéiere mir hei d'Conversion de poste, mee ech ginn hei der zoustänneger Schäffin, dem Josiane di Bartolomeo-Ries d'Wuert, dat eis duerch deen dote Punkt wäert féieren. Josiane.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN)

Voilà, villmools Merci. Jo firwat maache mir déi Konversioun vun de Posten? Mir hu relativ laang gesicht no Informatiker, wat ganz schwéier ass, wann ee Fonctionnaires communaux sicht an deem dote Beräich. Et si schonn nach Leit déi sech mellen. Et ass lo net esou, wéi wa guer kee méi sech géif mellen. Mee déi

Leit, déi musse jo an den Exame goen. An do ass et normalerweis bei 5 Leit wou sech mellen, ginn der nach 3 an den Examen an déi falen allen 3 duerch. A mir hunn dat dote relativ laang an oft probéiert. Mir hunn och ëmmer erëm ausgeschriwwen. Mir sinn ëmmer erëm zu deemselwechte Schluss komm. Sou datt mir lo soen, lo gi mir vum Wee of, fir e Fonctionnaire draus ze maachen an doduercher probéiere mir dann elo iwwert deen dote Wee, iwwert den Employé communal, wou ech éierlech muss soen, een och vill méi eng grouss Panoplie vu Leit huet déi sech iwwerhaupt mellen. Dofir maache mir dat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Huet de Gemengerot nach Froen zu deenen doten 2 Posten, wou mir d'Konversioun maachen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mir ofstëmmen. Wien ass mat der Konversioun vun 2 Informatikerposten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir dem Gemengerot Merci.

7.2. KREATIION VU POSTEN

7.2.1. 5 AARBECHTERPOSTEN, KARRIÄR A3 VUM KOLLEKTIVVERTRAG VUN DE AARBECHTER VUN DE SÜDGEMENGEN.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da gi mir riwwer op Création de postes, wat haapt-sächlech mam Budget 2020 an deene Projeten ze dinn huet, déi mir ëmsetzen. Deen éischte Punkt, dat si 5 Aarbechterposten an der Karriär A3. 40 Stonnen ab dem 1. Abrëll 2020 am Service Gestion et maintien du patrimoine, also eise Service, deen an der Lëtzebuerger Strooss ass. A virun allem geet et do ëm de Service de Travaux généraux, Service Kanalisatioun a Service Espaces verts. Mir mierke jo, wann d'Gemeng weider wiesst, a mir och eng Rei Projeten ëmsetzen, dass generell d'Ufuerderungen un eis Servicer ëmmer méi grouss ginn, och wa mir nei Stroosse frësch maachen oder un der besteeënder Kanalisatioun schaffen, nei Projeten, wou ouch nei Gréanlage sinn an där hu mir der. Dass mir eis do am Fong als Gemeng musse verstärke fir där Aarbecht nozekomme fir déi doten Déngschtleeschunge kënnen oprecht ze erhalen. An dofir proposéiere mir hei mol 5 Posten ze schafen. Wéi gesot, 3 an den Travaux généraux, 1 an der Kanalisatioun an 1 am Espaces verts. Voilà, ech mengen dat ass am Fong hei d'Propos déi mir maache wollte fir d'Servicer ze verstärken. Madamm Andrich.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV) Merci Här Buergermeeschter, ech hätt dozou eng generell Fro. Mir wësse jo dass de Personalbudget ëmmer ee vun deene sensibelste Poste vum Budget ass. Well dee klëmmt reegel-



méisseg an e läit jo bei wäit iwwer 50% vun den Depenses ordinaires. An dat féiert och zu reegelméissegem Diskussiounen am Gemengerot, oder huet och dozou gefouert. Mir haten an der Finanzkommissioun och kuerz Rieds, op Nofro vun der CSV. Do hu mir och Erklärungen kritt zu där Consultance externe vun där Fima Résultance iwwert d'Personal an der Gemeng. Do hu mir gesot kritt, dass mir 2019 do eng Bestandsopnam gemaach hätten an 2020 kéim en Aktiounsplang. An de Käschtepunkt ass jo och net näischt, do leie mir bei iwwer 250 000 Euro, déi verdeelt op 2019 an 2020 sinn. Dofir och meng Fro: wa mir sou nei Posten schafen, sinn do d'Conclusioun vun där „Etüd“, sinn deenen do Rechnung gedroe ginn? Wëll och heeschen, sinn déi nei Posten, déi mir lo schafen och wierklech begrënnt? Mir bedauern op jidde Fall als CSV dass mir déi Resultater vun där Bestandsopnam z.B. net virgestallt kruten an ech stellen och heimat offiziell d'Ufro, dass mir déi solle virgestallt kréien. An do-riwwer eraus war de Moien och bei der Budgetspresentatioun ugeklungen dass de Ministère de l'Intérieur un d'Gemeng hei erugetratt wär fir un engem Pilotprojet deelzehuelen am Kader vun der Reform vun der Fonction Publique, wat jo och eppes mat Personalgestioun oder Stellebeschreibungen ze dinn huet. Mee do wär et dann interessant e puer zousätzlech Erklärungen ze hunn. Huet dat och en Impakt, dee Pilotprojet, z.B. bei der Kreatioun vun neie Poste wat d'Approche do ubelaangt? Do wär et flott, wa mir do zousätzlech Informatiounen kréichen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci och. Nach aner Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Also ech kann iech soen, wa mir déi Création de poste hei maachen, dass dat do schonn effektiv aus de Conclusiounen erausgeet, respektiv aus der Analys erausgeet, déi am Laf vum Joer 2019 gemeet gouf mat der Consultance externe. Et war eng offiziell Ufro. Ech kann iech och offiziell soen et ass kee Problem, dass mir eng Kéier an engem informelle Gemengerot déi éischt Resultater weise vun där Consultance déi gemeet gouf, mat där Analys wéi se gemeet gouf an och, wéi gesot, wéi et weidergeet. Dat heescht, dat heiten dréit deem dote Rechnung an huet ganz kloer ausgewisen dass an deenen dote Servicer wierklech eng gewëssen Nout ass, an dass mir eis do och sollten deementspriedend verstärken. Et dāerf een natierlech och lo net zwou Saache verméschen. D'Reform vun der Fonction publique, déi geet elo net rof op den Niveau vum Salarat. Dat ass och elo net Bestanddeel heivunner. Hei si mir am Kader vun de Salariéen. D'Fonction publique par essence, dat sinn alleguerten déi administrativ Poste beim Staat. Dat ass jo d'Fonction publique. An duerno kënnt et an de Gemengesecteur. Mir sinn och am Kader vum engem Projet pilote. An do si mir ganz wäit ewech vun deene Sachen, déi mir lo hei diskutéieren. Mir fänke

beim Gemengesecteur bei Null un. Mir si ganz wäit ewech. Ech hunn net fir näischt an de Budgetsdebatte gesot, dass de Staat ëmmer eng Longueur d'avance huet vis-à-vis vun de Gemengen. An dass bei de Gemeng Nachholbedarf ass. An do si mir am Fong Virreider andeems mir, notamment wat d'Description de poste um administrative Plang ugeet, effektiv eng Hand mat upaken. Dat ass am Fong d'Essenz vun deem Projet pilote wou mir amgaange sinn. Et huet lo direkt hei mam classesche Salarat an deem Sënn näischt ze dinn. Voilà. Ech mengen ech hat probéiert, ob är Froen ze äntweren, déi dir gestallt hutt. A mir kënne kucken, d'nächst Joer, Ufank 2020, eng Kéier an engem informelle Gemengerot kënne mir dat dote présentéieren. Dat ass absolut kee Problem. Ass de Gemengerot mat deene 5 Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soe mir iech Merci.

7.2.2. 1 POSTE VUN ENGEM GEMENGEMPLOYÉ, INDEMNITÉITSKATEGORIE C1 ADMINISTRATIVEN ËNNERGRUPP (REGIONAL MUSEKSSCHOUL)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Dann hu mir e Poste Employé communal, groupe d'indemnité C1 fir an der regionaler Museksschoul. Do geet et drëms e Poste ze schafen an der „Catégorie d'indemnité“ C. Mir hunn am Ament eng Mataarbechterin, déi am D ass, d'Madamm Müller, a fir dee Poste en surnombre de schafen, well d'Unzuel effektiv vun de Schüler ëmmer weider ropgeet. D'Iddi ass dee Poste en surnombre ze schafen, a wéi et och hei steet an der Deliberatioun, wa si effektiv dann an d'Pensioun geet, de Poste an der Kategorie D ofzeschaffen. Voilà. Dat heescht, mir schafen en surnombre am C, d'Madamm Müller ass am D, a wéi gesot, wa si an d'Pensioun geet, da gëtt den D ofgeschaf. Dat ass d'Propos, déi mir hei wëlle maachen. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Jo Merci Här Buegermeeschter. Wéi dir iech kënnt denken, si mir ganz zefridde virun allem ëm den Zousaz, dass mir dann herno e Poste ofschafen. Dass mir lo se parallell lafe loossen, dat war ëmmer eng Demande, déi mir oft haten. Dass mir gesot hunn, wa mir e Poste en surnombre schafen, dass mir dann och sollen drun denken duerno, wann déi Persoun, déi sollt ersat gi fortgeet, hire Poste suppriméiert gëtt. Dat hu mir an de leschte Joren och e bësse méi konsequent gemaach an dat begreisse mir explizit. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci och. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da kënne mir iwwert deen heite Poste ofstëmmen. Ass de Gemengrot domat averstanen? **Dat ass unanime.**



7.2.3. 4 GEMENGEBEAMTEPOSTEN, GEHALTSGRUPPP D2, GRUPP MAT BESONNESCHE RESPONSABILITÉEN

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Das gi mir weider: 4 Posten déi mir schafen um Niveau vun den Agents municipaux. Effektiv hat Claudia schon am Kader vum Budget geschwat. Mee ech ginn him lo d'Wuert, well et si 4 Posten an der Karriär vum Agent municipal.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN)

Jo, wéi gesot, ech hat jo de Moie scho bei dem Budget gesot, ech ka mech just widderhuelen. Wa mir plangen datt mir de Parking résidentiel wëllen ausbauen... De Parking résidentiel, wéi alles, dee steet a fällt mat enger effikasser Kontroll. Dofir wëlle mir dëst Joer déi 4 Posten ausschreiwen. All Kéiers zwee an zwee. Déi Leit och astellen. Well déi Leit musse jo och ugeléiert ginn. Sinn eventuell och keng Diddelenger, et weess ee jo net wie sech mellet. Fir datten se soudelfest sinn, soubal wa mir da prett si fir de Parking résidentiel auszubauen. An och an der Tëschenzäit mengen ech gëtt et genuch hei zu Diddeleng ze kontrolléieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia. Froen? Stellungnamen? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Merci Här Buergermeeschter. Also éischtens mol si mir ganz erstaunt dass hei am Enoncé steet: „Attendu que l'élargissement des zones de parking résidentiel a été réalisé sur le territoire de la Ville de Dudelange“. Do si mir e bëssen „not amused“, well effektiv déi Erweiterung vun dem Parking résidentiel, dat ass jo schon e puer Mol scheibchenweise gemaach ginn. A schon am Juli 2016 sot d'Madamm dall'Agnol mir géifen eng Analys maachen, wéi een Impakt dee jetzegen — ech schwätze vun 2016 - Parking résidentiel op d'Parkgewunnechten, respektiv d'Parkplatzproblemer huet. An ob sech de Problem net an déi aner Stroossen verlagert. Mir waarden nach ëmmer op dee Rapport vu sou enger Analys an och op d'Conclusiounen an d'Decisiounen, déi doropshi geholl solle ginn. An och an där eenzeger Verkéierkommissioun, déi dëst Joer war, dat war de 27. Februar 2019, do steet och explizit dran, dass d'Kommissioun sollt d'Detailer vun dem Ausweide vum Parking résidentiel virgestallt kréien. An och si waarden nach ëmmer drop, dass se eng zweet Reunioun hunn. A virun allem waart och de Gemengerot drop. A mir fannen et lo e bësselche skurill, das mir hei iwwer Postekreatiounen schwätze vun engem Parking résidentiel dee scho realiséiert sollt sinn. Mee awer dee sollt ausgeweit ginn. Mir wëssen net wéi a wat. Mir wëssen nach guer net, wéi eng Nues dat kritt. An dat fanne mir net ganz transparent, dass mir dat nach net virgestallt kritt hunn. D'Resultater, wéi

gesot, vun deene verschiddenen Analysen. An do ass et och heimadder den Optrag, explizit eis dat virzustellen, éier mir sou Poste schafen. Dat ass eppes wat mir an dësem Punkt net ganz gutt fannen an dofir eis och bei dëser Postekreatioun mol enthalten.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Claudia.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN) Jo, Merci villmools. Also, ech hunn dat och de Moie scho beim Budget gesot. Mir waren zweemol an der Verkéierskommissioun mat engem Modell, dee fir Diddeleng kéint a Fro kommen. Dee Modell fir de Parking résidentiel op ganz Diddeleng auszeweiten, sou wéi déi Majoritéit hei et och an hirem Walprogramm an an hirer Schäfferotserklärung huet. Dee Modell ass och vun de Memberen aus der Verkéierskommissioun guttgeheesch ginn. Den Optrag un eis ass eeben elo d'Detailer ze kucken. Well wann een e Modell huet, da sinn nach net alleguer d'Faillen aus deem Modell eraus. An dat si mir lo amgaang ze maachen. Soubal dat fäerdeg ass, gi mir natierlech nach eng Kéier an d'Verkéierskommissioun. Da kann dat och do nach eng Kéier diskutéiert ginn. Oder, mir kënnen et sugger sou maachen, well mir maache jo normalerweis och ëmmer en informelle Gemengerot, mir kënnen déi sugger zesummenhuelen, well d'muss e Reglement geschriwwen ginn. Dat Reglement muss dann och nach eng Kéier ageschéckt gi fir dass mir den Avis préalable kréie vun der staatlecher Verkéierskommissioun. An da kritt de Gemengerot et nach eng Kéier fir definitiv driwwer ofzestëmme an dann eréischt kann dat Ganzt lafen. Dat heiten ass wéi gesot just d'Viraarbecht, fir datt mir et iwwerhaupt kënnen an Musek ëmsetzen, well et e Projet ass, deen s de net einfach aus dem Aarm rësels, soss wäert mir net scho sou laang amgaang.

An dir frot no der Analys. Ech mengen, dir hutt iech d'Äntwert eigentlech selwer ginn. Wa mir op de Wee ginn, datt mir ausbauen. Datt mir soen, mir mussen et op ganz Diddeleng maachen, dann heescht dat, datt de Verkéier sech einfach verlagert. D'Leit ginn gewëssen Distanze mëttlerweil zu Fouss fir einfach net mussen anzegeheien. Dir kënnt iech erënneren, datt mir virun enger Zäit hu mussen an Hinnefen nobesseren, wat am Bierg op ass. Wou all Verkéiersexpert eis deemools gesot huet: „Do geet kee parken, mir brauchen dat doten net mat ranzehuelen.“ An Oh Wunder! iergendeng Kéier si d'Leit sugger dohinner parke gaangen, a mir hu misse do mat ausweiten. Dat heescht, d'gesäit een einfach eng Bereetschaft vun de Leit, wann et gratis ass, och alt emol méi wäit ze trëppelen. Mir wëssen och datt an de Stroossen Dauerparker stinn. Suggest Leit,



déi den Zuch huelen, notamment och ënnen zu Biereng, Ribeschpont, Lëtzebuerger Strooss. An dat ass alles dat, wat eis déi Iwwerleeunge ginn huet - an dir hutt et och scho selwer festgestallt, datt dat sou ass - firwat mir wëllen op de Wee goen, de Parking résidentiel op ganz Diddeleng auszubauen. Woubäi dat näischt Neies ass, well mir schonn an 2 Verkéierskommissiounen waren an och do de Modell virgestallt hunn, deem eis virschwieft fir ganz Diddeleng. An deem och ganz positiv do opgeholl ginn ass. Mee wéi gesot, d'Feinaarbecht ass nach ze maachen an da mussen mir nach eng Kéier zréckgoen. An da komme mir natierlech och heihinner. Anescht geet et net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci Claudia.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Ech wollt awer da just nohaken. Vu wéi engem Delai schwätze mir dann elo? Ech wëll just dann erënneren, dass e Mann an der Rue Lentz am Februar 2017 schonn de Schäfferot schonn op de Problem opmierksam gemaach huet, dass bei him Dauerparker sinn. De Mann ass vertréischt ginn. En hat nach eng Kéier e Bréif geschriwwen dëst Joer. Du huet et geheescht, si wäeren nach ëmmer um Analyséieren. D'Leit kréie sou lues d'Flemm. Do ass dann d'Fro, wéini gesi mir konkret un een Enn, a wéini kréie mir dee Projet da virgestallt?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Claudia, jo.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN) Ok, also u sech ass et, wat ech gesot hunn, dat doten ass d'Viraarbecht. Mir bestellen Hordateuren, mir bilden eis Pescherten aus a mir schreiwen dëst Joer d'Reglement, a mir wëllen och dëst Joer d'Reglement stëmmen. Mir mussen d'Leit jo och nach drop virbereeden. Dat heescht eng Publicitéitscampagne maachen. Da mussen Permanenté gemaach gi vun eisen Agenten, am Volleksmond vun eise „Pescherten“. Mir mussen d'Leit informéieren, a mir rechnen domat, dass mir alles ënner Dach und Fach kréien, wat d'Reglement ass, datt mir dat nach alles dëst Joer kënne stëmmen. Sou datt mir Ufank d'nächst Joer kënne ufänke mat der Publicitéitscampagne. An datt mir et kéinten am September 2021 aféieren. Wéi ëmmer maache mir dat jo lues a lues. Dass de déi éischt 2, 3 Woche just verwarnt gëss an dann duerno réischt protokolléiert gëss. Dat ass u sech deem Timing, dee mir eis gemaach hunn. Nach, wéi gesot, steet et a fällt et e bësse well mir d'Reglement och nach mussen aschécke virdrun, fir den Avis préalable. A wa mir et gestëmmt hunn och nach eng Kéier. Dofir wëlle mir et u sech sou séier wéi méiglech hei am Gemengerot kënne stëmmen fir datt mir den Timing

kënnen halen. Mee wéi gesot, et sinn e puer Inconnuen dran a mir mussen eis hei eng Kéier am informellen domat beschäftegen an dann et eng Kéier stëmmen. An dann hoffe mir, datt mir deem doten Timing kënne halen. Virun der Vakanz eppes anzeféiere brénkt net vill. An et ze iwwerhetzen, wa kee Mënsch informéiert ass oder d'Feinaarbecht net gemaach ass, dat brénkt och näischt. Dofir hunn mir eis och Zäit geholl a gesot, mir géifen net méi ausbauen an net méi nach op aner Stroossen ausdeenen. A mir hunn eis och Zäit gelooss fir et ze analyséieren. Fir herno - ech mengen et ass kee gefeit géint iergendwellech Feeler, déi sech herno kënne anschleefen oder Saachen, wou mir herno soen: „Oh dat do hätt ee kéinten anescht maachen.“ Mee wat mir eis méi Zäit loossen an dat a Rou kucken, wat eis vläicht Saachen afalen oder opfalen, déi mir kënne vu vir eran eraushuelen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Also ech menge mir féieren elo keng allgemeng Diskussioun iwwer de Parking résidentiel. Soss kritt dat en Ausmooss. Da ka jidderee Stellungnam dozou huelen. An da kritt dës Diskussioun eng ganz aner Envergure. Hei schaffe mir op enger Creation de poste. Dofir, wann dir nach eng prezis kuerz Fro huet, jo, an da maache mir d'Diskussioun zou. Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Eng ganz kuerz a prezis Feststellung: de Parking résidentiel kënnt am September 2021. Mir si lo 2019, mir stëmme lo 4 Posten, wou d'Leit hir Aarbecht am Fong réischt kënne ufänken an 2 Joer, an ech mengen och, een deem net vun Diddeleng ass brauch awer keng 2 Joer fir ze léiere wou d'Stroosse sinn a wou mir eis Schëlter histellen. Als Schlussremark.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN) Dat hunn ech och net gesot Madamm Kayser. Ech hunn éischters mol gesot, datt mir géifen zwee an zwee ausschreiwen. Déi Leit mussen deemno wéi den Examen maachen, INAP maachen, a se mussen ugeléiert ginn. Dir wësst, wéi laang mir amgang sinn hei fir iwwerhaupt een anzustellen. Dat wësst Dir selwer, ech zielen iech näischt Neits. Dat heescht, sugger wa mir Ufanks dës Joers déi éischt zwee Posten ausschreiwen, da sinn déi Leit net virun, wann et gutt geet, an d'Examen sinn a si packen déi Examen och nach. Oder mir huelen der, déi den Examen hunn a se hunn och nach 2 oder 3 Méint Kennungsfrist, dann hu mir déi Leit do am Summer, respektiv bei der Rentrée. Also maacht iech net zevill Hoffnungen, datt mir Risenzeit hu fir déi Leit allequerten unzeléieren. A mat Chance kréier mir jo och Diddelenger, dat wësse mir jo net. 2020 schreiwe mir d'Reglement. Mir stellen d'Leit an, mir hunn d'Horodateuren am Budget, mir mussen dat Règlement



hei votéieren, an da musse mir et aschécken. An da solle mir Ufanks 2021 d'Informatiounscampagne maache fir datt mir et kënne bei der Rentrée aféieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Also et brauch alles e gewëssene Virlaf, och um Niveau vum Recrutement. Ech wollt just nach wat d'Form ugeet, op d'Remark agoen, a mir géife soen „en vue de l'élargissement des zones de parking résidentiel sur le territoire de la Ville de Dudelange“. Ech menge mir maachen do eng Ëmformulatioun. Dann ass dat awer e bësse méi an de richtege Kader gesat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Wéi gesot, dat hei ass eng Diskussioun, déi ass nach net eriwuer. Wéi mir hei gemierkt hunn, wäert se eis nach weider hei am Gemengerot beschäftegen. Ech géif also zu der Kreatioun vun deene 4 Posten zrëckkommen an déi zum Vott stellen. **Ass de Gemengerot mat dëser Kreatioun averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP an Déi Lénk. Wien enthält sech? Dat sinn Déi Gréng an d'CSV.** OK, Merci.

7.2.4. 1 GEMENGEFONCTIONNAIRESPOSTEN, GEHALTSGRUPP C1, TECHNISCHE GRUPP (FÊTES ET MANIFESTATIONS)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Da geet et weider. Och eng Creation de poste vun engem Fonctionnaire communal, 40 Stonnen an der Carrière de traitement C fir de Service Fêtes et manifestations ab den 1. Mäerz 2020. Fir dann emol den Engagement kënnen ze tätigen. Ob d'Leit dann den 1. Mäerz ufanken ass nach eng aner Saach. Et geet virun allem drëm, well normalerweis Enn dës Joers de Christian Flammang, Chef de service vum Service Fêtes et manifestations, kann an d'Pensioun goen. Dëst Joer, jo, net d'nächst Joer. Oder allerspéitstens Ufank nächst Joer am Januar 2021. Mee wéi gesot, hei musse mir dann och ee rekrutéieren, deen de Service engersäits géif leeden, respektiv sech awer och schonn op Manifestatiounen déi virun der Dier stinn, sech och e bëssen aschafft. Also et gëtt schonn zimmlech enk. Dofir musse mir hei dee Posten deementspreechend hei kreéieren, fir och dat kënnen ëmzesetzen. Wëssend, ech mengen dir kennt jo alleguer déi Manifestatiounen déi mir hunn, brauche mir dann och een, deen de Lead hëllt fir de Service, an dee siche mir hei. Ja, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV) Do och nach eng Kéier d'Fro. Wéi ass et dann, wa mir eng Persoun fonnt hunn? Schafe mir dann de Poste vum Här Flammang of? An eng zweet Fro. Wéivill Leit sinn am Ament an deem Service aktiv? Ech hat nämlech e bëssen am Han-

nerkapp, wéi wann do eng Persoun schonn agestellt gi wär, fir d'Retraite vum Här Flammang virzebereeden oder fir z'anticipéiere souzesoen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Jo Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da kann de Loris op d'Punkten agoen.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN) Jo, Merci Här Buegermeeschter. Also de Moment ass et sou, dass si zu dräi fest sinn an deem Service. Et ass nach e Léiermeedchen, also eng Persoun déi an der Ausbildung ass. A mir hunn och een deen am Reclassement ass, deen och de Service am Moment verstärkt. Et muss ee kucke wéi d'Entwécklung do ass a wéi et weidergeet. Ech wëll awer och an deem Sënn vläicht erklären, firwat mir an dee Posten haut net dat drasetze wéi virdrun, dass mir dee géifen ofschaffen. Well och do, dir wësst et allegueren, et ass jo eng gewësse Bestandsopnam gemaach ginn. Och deen dote Service ass ënnert d'Lupp geholl ginn. An do si Conclusiounen, déi do an deem Sënn drop hiweisen, datt mir dat vläicht net sollte maachen. Well, dir hutt et jo och matkritt, déi lescht Jore sinn d'Manifestatiounen méi grouss ginn. De Moment, de Chrëschtmaart, dat ass rezent wou dee méi grouss ass. Dat heescht och e bësse méi Aarbecht fir si. Mir hunn eng Rei vun neie Momenter, wou mir an eise Fester a Manifestatiounen rabréngen. Mir haten de Moie rieds vum Zero waste, vun e bësse méi nohaltege Fester. Ech mengen dat bréngt awer an der Organisatioun eng Rei vu Méiaufgabe mat sech. Dat muss een och an deem Sënn och berécksichtegen. Den Eat, Beat and Culture hu mir viru kuerzem an d'Liewe geruff, dee gëtt och ëmmer méi grouss. Ech mengen do sinn och aner Aktivitéit wéi d'Hempfoire, déi sech elo am Hall Fondoug breetgemaach hunn. Dat ass awer och an der Preparatioun, an der Planung ëmmer erëm, wou dat mat eisem Service zesummeleeft. An, wéi gesot, iwwerhaupt am grouse ganzen d'Surcharge vun deem dote Service, déi huet awer zougeholl. An d'Léiermeedchen, dee Reclassement, do wësse mir net sou richtig, wéi et herno weidergeet. Dofir wëlle mir dem Gemengerot proposéieren fir deen doten elo net d'office ofzeschafe wann den Här Flammang lo net méi do ass. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci dem Loris Spina fir seng Erklärungen. Ech géif proposéieren dass mir ofstëmmen. Wien ass mat der Kreatioun vun deem dote Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech och do Merci.



7.2.5. 3 GEMENGEFONCTIONNAIRESPOSTEN, GEHALTSGRUPP B1, TECHNESCHEN ËNNERGRUPP, (LOGEMENT, ENTRETIEN VU GEBAIER, INGENIEURTECHNIK GEBAIER)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Dann ass d'Kreatioun vun 3 Posten am Groupe de traitement B1. Engersäits fir de Logement fir den Entretien bâtiments an de Génie technique bâtiments. Wann ech effektiv mam Logement ufänken, da geet et hei virun allers, an ech mengen do hutt dir eraushéieren, aus den Ausféierungem déi virdru vum Office social komm sinn an och de Moie vum René Manderscheid, dass mir wëllen an déi Richtung goe vun engem Service Logement. Wann ee weess, wat den Ament de Park ass vu Logement, déi mir betreie mussen, da brauche mir och do Technikerposte fir de ganzen Ënnerhalt vun deene Gebaier. Paralell ass jo och d'Ausschreiwung gemeet gi vun engem Chargé fir den Office Social awer och e Chargé fir de Service Logement. Déi Ausschreiwung leeft jo, do war am Fong beim éischten Hoff, dee war net ganz zefriddestellend, dofir hu mir fir d'zweete Kéier missen ausschreiwen. Also wéi gesot, dat heiten dréit dozou bei, dass mir am Fong de Service Logement dann och sou kënne équipieren, dass en dann och seng Aarbecht kann ophuelen, fir och senger Missioun kënne deementspriedend nozegoen. Dat ass emol deen éischten.

Dann den zweeten ass en Entretien des bâtiments. Do ass am Fong den Entretien vun de Gebailechkeeten. Wa mir do, an déi Diskussioun hate mir jo hei am Gemengerot, an dee Posten huet de Gemengerot jo och matgestëmmt. Wa mir engersäits um Niveau vum Neibau eis verstärken, da mussen mir eis och verstärken um Niveau vum Entretien. Well alleguerten nei Gebaier, déi mir schafen, déi mir nei bauen, an dat si mir jo amgang ze maachen. Déi dann och an der Propriétéit si vun der Gemeng, do mussen mir natierlech och den Entretien assurieren. De Moment ass just ee Mataarbechter deen dat mécht, den Här Freitas, deen dediéiert ass. An hei geet et dréms eng Verstärkung ze gi fir dat kënne ze maachen, sou wéi mir och den Här Peifer, deen am Neibau tätig ass, och am Service technique, och virun e puer Méint hei am Gemengerot verstärkt hunn andeems mir hei en neie Mataarbechter gestëmmt hunn, deen him och all Dag ënnert d'Äerm gräift. Dat heescht mir brauchen och en Equilibre téschent dem Neibau an dem Entretien. well dat eng Aarbecht ass, déi am Alldag noutwendeg ass. Voilà. Dat dozou.

An dann Technique des bâtiments. Ech mengen do hutt der rausgelies, dass mir och do mussen en neie Poste mussen schafen. Well mir do aus Gesondheetsgrënn e Mataarbechter hunn dee säit dem 21. November 2018 an der Incapacité de travail ininterrompue ass. Mir hate

jo och am Kader, am Gemengerot, vun eisem Organigramm, dee mir virgestallt haten uganks dës Joers och schonn drop higewisen. Déi Situatioun, déi hate mir am A. Mir hu gekuckt, wéi d'Evolution ass. Déi huet sech entretemps weider net verbessert ronderëm deen dote Mataarbechter. Dee kann natierlech och geschwënn Droit à la pension geltend maachen. Nach brauche mir awer Technique des bâtiments. An do mussen mir dann e Posten a surnombre, wéi gesot, schafen. An da wäerte mir herno de Poste vum Mataarbechter, wann en da bis an der Pension ass, och ofschafen. Voilà. Dat ass e bëssen d'Approche, déi mir hei wëlle maachen. Dat zur Erklärung vun deenen doten dräi Posten, déi mir hei schafen. Froen dozou? Dat ass net de Fall. Da kéinte mir vläicht iwwert déi 3 Fonctionnaires communaux-Posten ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech iech villmools Merci.

8. FROEN UN DE BUEGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

An dann de leschte Punkt an der Séance publique, dat si Froen un de Schäfferot. Där si keng do. An da géife mir an de Huis clos iwwergoen.



2020

MARCHÉ DE L'ASCENSION

Jeudi 21.05.2020 / 8h-12h

FR / Rejoignez-nous le jeudi matin 21 mai 2020 pour le marché de l'Ascension (alimentation et fleurs) sur la place de l'Hôtel de ville.

Veuillez svp respecter les mesures préventives et les gestes barrières (distance de sécurité et port du masque obligatoire).

DE / Besuchen Sie am Donnerstagmorgen, dem 21. Mai 2020 unseren Christi-Himmelfahrtsmarkt (Lebensmittel und Blumen) auf dem Rathausplatz.

Respektieren Sie bitte die obligatorischen Schutzmaßnahmen (Sicherheitsabstand und Tragen einer Schutzmaske).

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkolegium;
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister;
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1 /// ville@dudelage.lu
website: www.dudelage.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu

f /villededudelage @villededudelage



Lëtzebuurger Waarteveerband
Association sans but lucratif

**Association des Professionnels
des Foires et Marchés**